# Lies a fléi
## de Katalog




Editioun 2022

# Lies a fléi de Katalog

2022

ÉDUCATION NATIONALE
Luxembourg

# Impressum

Auswiel vun de Bicher a Redaktioun vun den Texter:
Bis 2013: Jeanne Offermann, Josiane Schaul / SCRIPT
2013-2019: Eugenie Graff-Schaus, Anne-Marie Antony / SCRIPT
2020-: Anne Biesdorf, Anne-Marie Antony / SCRIPT

Merci un de Centre national de littérature. Merci un d'Carole Goedert vum Menje an den Änder Brepsom vum SCRIPT fir d'Noliese vun den neie Bichertexter. Merci un d'Editeuren an d'Librairien fir d'Iwwerpréife vun der Disponibilitéit vun de Bicher.

Saz a Layout: Espace-Médias S.A.
Éditeur: Éducation nationale, Luxembourg
ISBN: 978-99959-1-456-1 / No. interne: NII3304
© MENJE, SCRIPT, 2022

# Léif Lieserinnen a Lieser,

Dëst ass den dräizéngte Katalog, deen als Suite vun den zwou Anthologien „Lies a fléi“ mat lëtzebuergeschen Texter fir d'Grondschoul erauskënnt.

Am Verglach mat der leschter Editioun fannt Dir an dësem Katalog méi wéi 60 nei Kannerbicher, déi vum Summer 2021 bis Enn Mee 2022 op Lëtzebuergesch erauskomm sinn. Dës si mat engem Sticker „Nei“ markéiert.

D'Bicher aus dem Katalog riichte sech u Kanner bis zum Cycle 4. Am Ganze fannt Dir der elo méi wéi 430. Mir limitéieren eis am Prinzip op Bicher, déi am Buchhandel ze kréie sinn. Déi Bicher, déi vergraff sinn, hu mir erausgeholl, esouwäit mir d'Informatioun dozou haten.

Grad wéi bei der Editioun 2021 presentéiere mir eng Rei Bicher, déi sech un déi ganz Kleng (0-3 Joer) riichten. Dës Tendenz huet sech déi lescht Joeren effektiv verstäerkt.

Verschidde Bicher goufen net an de Katalog opgeholl, dëst well se sproochlech an/oder theematesch net passen oder well d'Zeechnungen net kandgerecht sinn.

Och d'Bicher aus der neier Editioun vum Katalog, grad wéi déi aus de fréiere Kataloge vu „Lies a fléi“, fannt Dir am Centre de documentation pédagogique (CDP) vum IFEN um eduPôle zu Walfer. De Fonds „Lies a fléi“ ass um 2. Stack opgestallt, esou datt Dir d'Bicher op ee Coup beienee fannt. Déi Bicher sinn all am Katalog **www.a-z.lu** dran, an Dir kënnt se och am CDP ausléinen.

Mir hunn eis am Katalog op Kannerbicher limitéiert. Eng Serie vu flotten Texter fir d'Jonk fannt Dir an der Anthologie „Lies de bal“ fir déi ënnescht Klasse vum ESC/ESG, déi fir d'Rentrée 2019 an enger aktualiséierter Versioun erauskoum.

„Lies a fléi – de Katalog“ gëtt zesumme mat de Schoulbicher verdeelt an adresséiert sech un d'Elteren, d'Léierpersounen an d'Kanner an doriwwer eraus natierlech och u jiddereen, dee sech fir d'Literatur an d'Lëtzebuerger Sprooch interesséiert. De Katalog kann och gär an de Schoulbibliothéiken an an den ëffentleche Bibliothéike genotzt ginn.

De Katalog ass doriwwer eraus an enger Onlineversioun disponibel op **www.men.lu**, **www.heydoo.lu** an op **www.script.lu**.

Ech wënschen Iech alleguer vill Pleséier mam Katalog a beim Liese vun deene ville Bicher!

Luc Weis
Direkter vum SCRIPT

## Den Arthur feiert säi Gebuertsdag
Illustratiounen: Sara Sanchez

Éditions Phi
Zolwer, 2021




ISBN 978-2-919791-64-2

An dësem klenge Buch mat haarde Säite gesinn déi ganz Kleng, wat den Arthur alles op sengem Gebuertsdag erlieft. Mat beweeglechen Detailer a klenge Klappe kënne si Eenzelheete vun der Geschicht entdecken.

## Den Arthur geet schlofen
Illustratiounen: Amy Cartwright

Éditions Phi
Zolwer, 2020




ISBN 978-2-919791-25-5

Dëst Buch mat haarde Säite weist déi verschidden Etappe vum Arthur sengem Owesritual. Déi ganz Kleng entdecken Alldagsgéigestänn an hiren Notzen hannert klenge Klappen. E puermol erlabe beweeglech Detailer dem Kand, an d'Geschicht anzegräifen.

## Den Arthur huet säin Duddu verluer
Illustratiounen: Amy Cartwright

Éditions Phi
Zolwer, 2020




ISBN 978-2-919791-24-8

Dem Arthur säi neien Duddu ass verschwonn. Déi ganz Kleng maache sech mam Arthur op d'Sich duerch a ronderëm d'Haus. D'Klappbuch mat haarde Säiten huet beweeglech Detailer.

## Bill aime l'école = De Bill geet gäer an d'Schoul
Iwwersetzung: Sonia Thewes

Éditions PersPektiv
Stengefort, 2020




ISBN 978-9-9959-5659-2

En zweesproochegt Billerbuch mat haarde Säiten, fir deene ganz Klengen de Schoulalldag ze weisen. All eenzel Säit ass mat engem thematesche Bild markéiert. De klengen Hiesche Bill erzielt an engem Saz op Franséisch an op Lëtzebuergesch, wat hien an der Schoul alles mécht.

## Bill aime les animaux = De Bill ass frou mat Déieren

Iwwersetzung: Myriam Welschbillig

Éditions PersPektiv
Stengefort, 2019

Déi ganz Kleng léieren un Hand vu klengen Zeenen a klenge Sätzelcher allerlee Déiere kennen, op Franséisch an op Lëtzebuergesch.




ISBN 978-9-9959-5632-5

## Bill aime les chiffres = De Bill ass frou mat Zuelen

Iwwersetzung: Myriam Welschbillig

Éditions PersPektiv
Stengefort, 2019

Déi ganz Kleng léieren un Hand vu klengen Zeenen a klenge Sätzelcher d'Zuele vu 1-10, op Franséisch an op Lëtzebuergesch.




ISBN 978-9-9959-5633-2

## D'Geschicht vum Kiewerlek = A história da Carochinha

Illustratioune vum Daniele Guedes
Iwwersetzung: Liliana Miranda

Lilu Edition
Diddeleng, 2018

E Mäerche vum Kiewerlek an dem Mausejang, deen an d'Kachdëppe gefall war vu lauter Virwëtz, an dee gerett ka ginn, well se all zesummeschaffen.




ISBN 978-99959-899-8-9

Dat bekannst portugisescht Mäerchen an e puer Sproochen: Lëtzebuergesch, Portugisesch, Däitsch a Franséisch.

## D'Händsch: en ukrainescht Volleksmäerchen

Illustréiert vum Evgeniy Ratshov

Éditions Friederich-Schmit
Biereng/Miersch ca., 2008

Op engem kale Wanterdag geet am Bësch eng Händsch verluer. Eng schéi waarm a kuscheleg Moul.
Gläich drop klëmmt eng Maischen an d'Händsch an no hir kommen nach 6 Déieren op déiselwecht Iddi. Keen Déier, och wann et nach sou breet an déck ass, gëtt an der Keelt stoe gelooss.
Hannen am Buch steet den Text op Däitsch an op Franséisch.




ISBN 978-99959-668-0-5

## Mäi Biller-Lexikon: Ech ka schonn zielen

Illustratioun an Text: Doris Rübel
Iwwersetzung: Kremart Edition

Kremart Edition
Lëtzebuerg, 2021

An dësem klenge Billerlexikon mat haarde Säite léieren déi ganz Kleng unhand vu klengen Alldagszeene verschidde Géigestänn zielen.




ISBN 978-2-919781-33-1

## Mäi Biller-Lexikon: Wou d'Déiere wunnen

Illustratioun an Text: Doris Rübel
Iwwersetzung: Kremart Edition

Kremart Edition
Lëtzebuerg, 2020

Firwat bauen d'Villercher Näschter? Wie lieft ënner dem Buedem? Wou wunnen d'Beien? Op dës an nach aner Froe fannen d'Kanner eng Äntwert an dësem klenge Billerlexikon mat haarde Säiten a Klappen.




ISBN 978-2-919781-34-8

## Mäi Biller-Lexikon: D'Joreszäiten

Illustratiounen an Text: Constanza Droop
Iwwersetzung: Kremart Edition

Kremart Edition
Lëtzebuerg, 2020

Wéini ass d'Fréjoer do? Wéi wiisst en Apel? Wat maachen d'Déieren am Wanter? Kleng Kanner léieren an dësem geréngelte Buch wéi d'Natur sech am Laf vum Joer verännert a wéi Mënsch an Déier sech de Joreszäiten upassen. D'Buch mat haarde Säiten huet Elementer fir opzeklappen.




ISBN 978-2-919781-28-7

## Mäi Billerbuch vu mengem Gebuertsdag = L'imagier de mon anniversaire

Illustratioune vum Nathalie Choux
Iwwersetzung: Sonia Thewes

Éditions PersPektiv
Stengefort, 2020

Déi ganz Kleng léiere mat dësem klengen zweesproochege Billerbuch alles kennen, wat zum Gebuertsdag gehéiert. Mat beweeglechen Detailer entdecken d'Kanner Spiller, Dekoratiounen, Kuch a Kaddoen, déi d'Fest begleeden.




ISBN 978-9-9959-5664-6

## Mäi Billerbuch vum Iessen
Illustratioune vum Nathalie Choux
Iwwersetzung: Sonia Thewes

Éditions PersPektiv
Stengefort, 2020

E klengt Billerbuch mat beweeglechen Detailer, fir iwwer d'Iessen ze schwätzen.




ISBN 978-9-9959-5657-8

## Mäi Billerbuch vun de 5 Sënner
Illustratioune vum Nathalie Choux
Iwwersetzung: Sonia Thewes

Éditions PersPektiv
Stengefort, 2020

Kanner vun 1 Joer un entdecken déi 5 Sënner unhand vu klengen Zeenen a flotte beweeglechen Elementer.




ISBN 978-9-9959-5656-1

## Mäi Billerbuch vun de Kleeder = Mon imagier des vêtements
Illustratioune vum Nathalie Choux
Iwwersetzung: Sonia Thewes

Éditions PersPektiv
Stengefort, 2020

E klengt zweesproochegt Billerbuch fir mat deene ganz Klengen iwwert d'Gezei ze schwätzen. Déi stabil beweeglech Detailer setzen eenzel Kleedungsstécker flott an Zeen.




ISBN 978-9-9959-5665-3

## Mäi Billerbuch vun de Formen
Illustratioune vum Nathalie Choux
Iwwersetzung: Myriam Welschbillig

Éditions PersPektiv
Stengefort 2019

Kanner vun 1 Joer u léieren an dësem Billerbuch unhand vu klengen Zeenen a beweeglechen Detailer einfach geometresch Forme kennen a benennen.




ISBN 978-9-9959-5639-4

## Mäi Billerbuch vun de Géigendeeler

Illustratioune vum Nathalie Choux
Iwwersetzung: Myriam Welschbillig

Éditions PersPektiv
Stengefort 2018

E klengt Billerbuch mat beweeglechen Detailer fir ze schwätzen an an engems d'Géigendeeler ze léieren.




ISBN 978-2-0925-3796-1

## Main Déierebuch

Éditions Phi
Zolwer, 2021

De klenge Billerdictionnaire mat haarde Säite weist verschidden Déieren no hirem Liewensraum regruppéiert. All Déierennumm ass op Däitsch, op Franséisch an op Lëtzebuergesch iwwersat. Bei den Déieren hire Klengen ass d'Iwwersetzung net ëmmer ganz glécklech gewielt.




ISBN 978-2-919791-66-8

## Mäin éischt Wierderbuch: dräisproocheg

Illustratiounen: Amy Cartwright

Éditions Phi
Zolwer, 2020

Mat dësem grousse Wierderbuch léieren d'Kanner Grondbegrëffer aus hirem Alldag op Däitsch, Franséisch a Lëtzebuergesch kennen. D'Wierder sinn thematesch op enger Säit regroupéiert an eenzel illustréiert. Sou kann dëst Buch mat haarde Säiten z. B. och genotzt ginn, fir interessant Sproochvergläicher mat Kanner ze maachen.




ISBN 978-2-919791-23-1

## Meng éischt Wierder

Éditions Phi
Zolwer, 2021

An dësem Billerlexikon mat haarde Säite léieren di ganz Kleng Wierder aus dem Alldag op Lëtzebuergesch, Franséisch an Däitsch.




ISBN 978-2-919791-67-5

**Molbierblo a bommelgiel:**
**mäi knallegt Faarwebuch**
Illustratiounen: Nastja Holtfreter
Iwwersetzung: Sonia Thewes

Éditions PersPektiv
Stengefort, 2020

D'Prinzessin ësst eng Äerdbiersglace, de Gaardenzwerg huet eng rout Zipfelmutz, de Raup knabbert gréng Zalot,... Dëst schéint Billerbuch ass e flotte Faarwenatlas fir déi Kleng.




ISBN 978-9-9959-5667-7

**Mon imagier trilingue:**
**Luxembourgeois - Anglais - Français:**
**1 000 premiers mots**

Éditions Piccolia / Ernster
Saint-Michel-sur-Orge, 2019 / Lëtzebuerg

1 000 éischt Wierder aus de Beräicher Faarwen a Formen, Zuelen, Beim Dokter, Sport, Wëll Déieren ... an nach villen aneren. Déi kleng Biller sinn an den dräi Sprooche Lëtzebuergesch, Englesch a Franséisch erkläert. Och en Index gëtt et an dësen 3 Sproochen.




ISBN 978-2-9199447-1-2

**Mon imagier trilingue:**
**Luxembourgeois - Français - Allemand:**
**1 000 premiers mots**

Éditions Piccolia / Ernster
Saint-Michel-sur-Orge, 2016 / Lëtzebuerg

Duergestallt sinn Zeenen aus dem Alldag vum Kand, wéi z. B. d'Schoul, d'Haus, um Iessdësch, Faarwen a Formen, d'Wieder... All Bildchen ass an deenen dräi Sproochen beschrëft.




ISBN 978-99959-912-2-7

**Mon imagier trilingue:**
**Luxembourgeois - Portugais - Français:**
**1 000 premiers mots**

Éditions Piccolia / Ernster
Saint-Michel-sur-Orge, 2019 / Lëtzebuerg

1 000 éischt Wierder aus de Beräicher Faarwen a Formen, Zuelen, Beim Dokter, Sport, Wëll Déieren ... an nach villen aneren. Déi kleng Biller sinn an den dräi Sprooche Lëtzebuergesch, Portugisesch a Franséisch erkläert. Och en Index gëtt et an dësen 3 Sproochen.




ISBN 978-2-9199447-2-9

## D'Verkéiersmëttelen: mäin éischt Billerbuch fir ze lauschteren

Illustratioune vum Amandine Notaert
Iwwersetzung: Myriam Welschbillig

Éditions PersPektiv
Stengefort, 2019

Déi ganz Kleng léieren d'Verkéiersmëttel kennen a benennen a kënne verschiddener dovun souguer lauschteren. E Buch mat Geräischer.





ISBN 978-9-9959-5635-6

## Voll Natur 2: dat Bescht vu Panewippchen a Co.

Eng Co-Editioun vum ‚natur-musée' an den Éditions Guy Binsfeld
Lëtzebuerg, 2002

De Panda-Club, en Natur-Fräizäitclub, gëtt véiermol am Joer eng Zäitschrëft fir jonk Leit eraus: de Panewippchen. Déi bescht Artikelen aus de „Panewippercher" goufen a Form vun zwee Bicher publizéiert. Leider ass den 1. Band vergraff.




ISBN 978-2-87954-151-8

Anja Ackermann

## De Kuakerino: e Fräsch wëllt an de Ballet

Mat Biller vum Stefanie Reich
Aus dem Däitschen iwwwersat vum Christiane Kremer

Kremart Edition
Lëtzebuerg, 2020

De Fräsch Kuakerino gesäit d'Libellen e wonnerschéine Waasserdanz opféieren. Sou eppes géif hien och gäre maachen. Mee d'Libelle laachen hien aus. Si mengen, danze géif net zu engem Fräsch passen. De Kuakerino ass domat net averstanen an hien üübt fläisseg fir sech eleng.




ISBN 978-99959-39-96-0

Patrick K. Addai

## Kofi: dat afrikanescht Kand

Illustréiert vum Kabu Kabute

Éditions Friederich-Schmit

De Kofi ass e Kand aus Ghana. Hien ass prett fir säin éischte Schouldag. Hie krut eng Schouluniform an nei Schong. Hie muss selwer en Dësch an e Stull mat an d'Schoul bréngen.
Dem klenge Kofi säi grousst Virbild ass de Kofi Annan, fréiere Generalsekretär vun der UNO, deen 2001 de Friddensnobelpräis krut. Dir fannt am Buch och eng däitsch, franséisch, englesch a portugisesch Iwwersetzung vun der Geschicht.




ISBN 978-2-87996-583-3

Marta Altés
**D'Grimmel dat klengt Afemeedchen**
Op Lëtzebuergesch vum Vanessa Gabriel

Atelier Kannerbuch
Bäreldeng, 2021

Dat klengt Afemeedche Grimmel ass ganz frou am Dschungel. Mee heiansdo ass seng Gréisst e Problem - hatt ass ze kleng fir eppes ze gesinn oder un eppes erunzekommen an dofir verpasst hatt villes. Fir sech ze beweisen, datt den Dschungel awer net ze grouss fir hatt ass, trëfft et enges Daags eng couragéiert Entscheedung.




ISBN 978-2-9199623-6-5

Marta Altés
**Nei an der Stad**
Op Lëtzebuergesch vum Vanessa Gabriel

Atelier Kannerbuch
Bäreldeng, 2020

Dës poetesch Geschicht erzielt d'Zesummefanne vun engem groussen, frëndlechen Hond an engem klenge Meedchen, déi sech an enger friemer Stad verluer hunn. De wujelegen Hond hëlleft dem Meedchen, säin Doheem ze sichen, an erfëllt iwwerdeems säi gréisste Wonsch... D'Kanner léiere mat dëser Geschicht, datt mer all verschidde sinn an trotzdeem gutt zesumme passen.




ISBN 978-2-9199623-7-2

Marta Altés
**Nach fënnef Minutten**
Op Lëtzebuergesch iwwersat
vum Vanessa Staudt

Atelier Kannerbuch
Bäreldeng, 2019

Eng léif Geschicht iwwert d'Zäit, mat wonnerschéinen Illustratiounen, dat deene Klenge weist, datt d'Zäit vun de Kanner a vun den Erwuessene ganz ënnerschiddlech empfonnt gëtt.




ISBN 978-99959-882-4-1

Heather Amery
**Meng éischt dausend Wierder op Lëtzebuergesch**
Illustréiert vum Stephen Cartwright
D'Lëtzebuergescht an d'Iwwersetzung vum Jacqui Zimmer

Éditions Schortgen
Lëtzebuerg, 2020

Kleng Kanner léieren unhand vun dësem schéin illustréierte Billerlexikon hir éischt dausend Wierder op Lëtzebuergesch kennen. All duebel Säit presentéiert en Theema aus dem Kand senger Alldag (doheem, am Gaart, an der Schoul...). D'Wierder sinn all mat klenge Biller duergestallt an hannen am Buch op Franséisch, Däitsch, Englesch a Portugisesch iwwersat.




ISBN 978-99959-36-94-5

Hans Christian Andersen & Ulrich Renz
**Die wilden Schwäne = D'wëll Schwanen: zweisprachiges Bilderbuch nach einem Märchen von Hans Christian Andersen**
Illustréiert vum Marc Robitzky
Iwwersetzung: Maurice P. Heinz

Lübeck
Sefa Verlag Kirsten Bödecker, 2017

Dat bekannt Mäerche vum Hans Christian Andersen gëtt hei, schéin illustréiert, op Däitsch a Lëtzebuergesch fräi noerzielt. Et gëtt d'Buch nach a villen aneren zweesproochege Fassungen.




ISBN 978-3-7399-572-27

Pierdomenico Baccalario & Alessandro Gatti
**D'Geschicht vun der Faarfdrëps an der Schnéiflack: eng Geschicht**
Illustréiert vum Simona Mulazzani
Iwwersat vum Christiane Kremer

Kremart Edition
Lëtzebuerg, 2015

D'Geschicht ass eng Kéier aus der Siicht vun der Schnéiflack, an, wann een d'Buch ëmdréint, aus der Siicht vun der Faarfdrëps erzielt. Allen zwee wëllen si op d'Rees goen an eppes erliewen. Wéi si sech fannen, entsteet eng schéi Frëndschaft. Ganz schéin Effekter ginn am Buch duerch Pabeierschnëpplereien erzielt.




ISBN 978-99959-39-07-6

Clémentine V. Baron
**Victor Hugo**
Illustréiert vum Bruno Wennagel
Iwwersetzung an d'Wee geleet vun den Amis de la Maison de Victor Hugo à Vianden

Quelle Histoire
Paräis, 2021

Op duebele Säite ginn déi verschidden Etappen aus dem Victor Hugo sengem Liewen erzielt an illustréiert. D'Biografie gëtt wéi eng Geschicht erzielt a gëtt ergänzt duerch eng Zäitläischt a kleng spilleresch Aktivitéiten. D'Buch staamt aus der Kollektioun *Quelle Histoire*, déi Biografië vu berüümte Leit op eng kandgerecht Manéier erzielt.




ISBN 978-2-37104-681-8

Hans de Beer
**Klengen Äisbier: wuer fiers du?**
Op Lëtzebuergesch iwwersat vum Georges Hausemer

Capybarabooks
Lëtzebuerg, 2013

De Lars, de klengen Äisbier, duerf fir déi éischte Kéier mat sengem Papp an d'grousst Äis, bei d'Mier. Deen anere Moien, wéi hien erwächt, ass hie ganz aleng op enger klenger Äisinsel. Wéi déi kleng Insel schmëlzt, kann hie sech nach just op e Faass retten. Dat ass den Ufank vun enger grousser Rees.




ISBN 978-99959-751-2-8

**Carys Bexington**
**D'Nuecht viru Chrëschtdag am Wonnerland**
Illustréiert vum Kate Hindley
Op Lëtzebuergesch vum Vanessa Gabriel

Atelier Kannerbuch
Bäreldeng, 2021

An der Nuecht viru Chrëschtdag mécht de Chrëschtmann sech op de Wee, fir der Prinzessin am Wonnerland e Kaddo ze bréngen. Mee am Wonnerland ass alles anescht : kee Beemchen, keng Chrëschtdeko, kee Chrëschtdag ? An da wëllt déi granzeg Häerzkinnigin och nach de Chrëschtmann a seng Rendéieren an hire Prisong stiechen. Huet si dann nach ni eppes vum Fest vun der Léift héieren ? D'Geschicht mécht vill Uspillungen op d'Buch "D'Alice am Wonnerland".




ISBN 978-2-9199654-9-6

**Anita Bijsterbosch**
**Wat lussst dann do eraus?**
Iwwersetzung: Luc Marteling

Kremart Edition
Lëtzebuerg, 2020

Op spilleresch Manéier léieren déi kleng Kanner d'Déieren aus dem Bësch kennen, andeems si virop emol nëmmen hire Schwanz gesinn. Sou kënne si roden, wat fir en Déier esou e Schwanz kéint hunn. Déi riets Säit kann dann ëmmer opgeklappt ginn, fir d'Déier ze entdecken.




ISBN 978-2-919781-27-0

**Anita Bijsterbosch**
**Guckuck klenge Chamäleon**
Iwwersetzung: Luc Marteling

Kremart Edition
Lëtzebuerg, 2020

Kanner vun 1 Joer u léiere ganz niewebäi zielen, awer och d'Faarwen an d'Déiere benennen, andeems se genee op all Säit sichen, fir de klenge verstoppte Chamäleon ze fannen.




ISBN 978-99959-39-73-1

**Anita Bijsterbosch**
**Wann ech grouss sinn**
Iwwersetzung: Luc Marteling

Kremart Edition
Lëtzebuerg, 2018

Elo sinn ech nach kleng ... mee enges Daags ... Sou heescht et op all Säit, an d'Déieren dreemen dervun, wat si alles maache wäerten, wa si mol bis grouss sinn.




ISBN 978-99959-39-72-4

Sonja Bintner
**12 nei Gutt-Nuecht-Geschichten**
Illustratioune vum Snejana Granatkina

Éditions Phi
Zolwer, 2021

Dës kuerz Geschichte loosse sech ganz kuerz virum Schlofegoe virliesen - entweeder ganz oder a Stéckelcher. Déi Kleng léieren d'Schildkröt Schilli kennen, begéinen engem roude Gespenst, dat enger Gromper gläicht, an héieren, wéi de Mound an d'Sonn aneneegeknuppt sinn.




ISBN 978-2-919791-60-6

Sonja Bintner
**12 Gutt-Nuecht-Geschichten**
Illustratiounen: Snejana Granatkina

Éditions Phi
Esch-Uelzecht, 2018

12 kuerz Geschichten, déi sech wonnerbar eegnen, fir se virum Aschlofen ze erzielen. Meeschtens geet et em Déieren, wéi z.B. de Ringli Reewuerm, deen sech laanscht de Mupp muss trauen, oder den hongerege Fuuss, deen de Kanner hir Schoklasbotterschmiere klaut.





ISBN 978-99959-37-67-6

Sonja Bintner
**Pickinicki**
Illustréiert vum Snejana Granatkina

Éditions Schortgen
Esch-Uelzecht, 2017

D'Margréitchen huet d'Planzen immens gär, virun allem hire Kaktus, deen si Pickinicki genannt huet. Him erzielt si all Dag Märercher. Enges Daags wëllt de Picknicki sech op de Wee an de Bësch maachen, fir d'Rabonzel, vun deem d'Margréitchen him ëmmer erzielt, aus sengem Tuerm ze befreien. Ënnerwee awer erlieft hien allerlee bosseg Saachen an hie gesäit op eemol aus wéi ee Fuesbok. Traureg mécht hien sech nees heem. Do erlieft hien eng schéin Iwwerraschung...




ISBN 978-99959-36-50-1

Simone Bleser
**De Willi Weekelchen**
Illustréiert vum Tammy Faires-Back

Éditions Saint-Paul
Lëtzebuerg, 2017

"All meng Frënn kënnen eppes sou richteg gutt, just ech kann näischt!", sou denkt dat klengt Kaweechelche Willi. Mee seng Frënn weisen him, datt hatt och Saache kann, déi di aner net kënnen.





ISBN 978-99959-2-008-1

**Simone Bleser**
**D'Susi Jomes sicht e Kaddo**
Illustréiert vum Joëlle Peters

Éditions Saint-Paul
Lëtzebuerg, 2016

D'Susi, déi kleng Seejomes, weess net, wat et sech soll fir säi Gebuertsdag wënschen. Duerfir freet hatt all Déier, dat hatt begéint, ëm Rot.




ISBN 978-2-87963-998-7

**Simone Bleser & Inna Ganschow**
**Russesch Wantermärercher**
**Русские зимние сказки**
Illustréiert vum Jana Levandovitch

Éditions Le Phare
Esch-Uelzecht, 2015

Dräi russesch Märercher, zwee klassescher an en neit, kann een an dësem Buch kenneléieren, an domat och villes iwwert d'Leit an d'Liewen a Russland. Et fënnt een: D'Schnéifläckelchen, De Pappche Frascht an D'Keelt Sima. D'Märercher ginn op Lëtzebuergesch an op Russesch verzielt.




ISBN 978-99959-940-3-7

**Rocio Bonilla**
**Merci : d'Geschicht vun enger Noperschaft**
Iwwersetzung: Myriam Welschbillig

Éditions PersPektiv
Stengefort, 2021

An engem klenge Quartier gëtt et eng Strooss mat enger ongewéinlecher Noperschaft : kee kennt säin Noper a jidderee bleift fir sech. All mengen se, den Noper wéilt kee Kontakt oder wär ze geféierlech. Mee enges Daags bréngt eng Pann zwee Noperen zesummen... Eng léif Geschicht iwwer Virurteeler an doriwwer, wéi wichteg a flott et ass, wann een se iwwerwënnt.




ISBN 978-9-9959-5694-3

**Rocio Bonilla**
**Grousspappen, Piranhaen an aner Geschichten**
Iwwersetzung: Myriam Welschbillig

Éditions PersPektiv
Stengefort, 2021

Den Nico erlieft mat sengem Bopa schéi Momenter, héiert Geschichte vu fréier, kritt vum Bopa bei den Hausaufgabe gehollef an heiansdo kann hie souguer sengem Bopa eppes erklären. Och dem Nico seng Frënn verbrénge vill Zäit mat hire Grousselteren. Op eng häerzlech an naiv Manéier erzielt d'Geschicht wéi eng intergenerationell Frëndschaft kann ausgesinn.




ISBN 978-9-9959-5677-6

**Rocio Bonilla & Patricia Martín**
**D'Mamm kritt e Puppelchen = Dans le ventre de maman**

Éditions PersPektiv
Stengefort, 2021

Dës léif Geschicht ouni Text weist, wéi der Mamma hire Bauch wiisst bis op eemol e klenge Bridderchen oder eng kleng Schwësterchen do ass.




ISBN 978-99959-5679-0

**Rocio Bonilla & Patricia Martín**
**Mir ginn elo schlofen = Allez au dodo...**

Éditions PersPektiv
Stengefort, 2021

D'Ritualer virum Schlofegoe ginn an dëser klenger Geschicht ouni Text op eng ganz léif Manéier erzielt.




ISBN 978-99959-5680-6

**Josée Bourg**
**Orangi: jidderengem seng Chance**

SNE-Éditions
Lëtzebuerg, 2019

D'Orangi ass e klengt Meedchen, dat gären dreemt a sech déi komeschst Geschichten ausdenkt. Mee iwwert dem Dreeme vergësst hatt alt emol d'Zäit, handelt sech sou munnech Problemer an, an déi aner Kanner maachen de Geck mat him. A sengen Dreem léiert hatt Déiere kennen, deenen et och bal sou geet wéi him selwer. Hannen am Buch fënnt en interesséierten Erwuessenen Ureegunge fir Gespréicher, fir en Theaterstéck mat Lidder, an en CD.





ISBN 978-99959-0-454-8

**Laurence Bourguignon**
**Den Alen Elefant**
Illustréiert vum Valérie d'Heur
aus dem Franséischen iwwersat vum
Josée Braun-Klincker

Mijade
Namur, 2013

Déi kleng Maus suergt gutt fir hiren ale Frënd, den Elefant. Hie gëtt all Dag méi midd, an ee gudden Dag weist hien der Maus eng Bréck. Doriwwer wäert hien enges Daags goen an net méi zréckkommen. Eng Geschicht iwwert Stierwen, déi awer Trouscht hannerléisst.




ISBN 978-2-87142-854-1

**Laurence Bourguignon**
**E Cadeau fir den Ieselchen**
Illustréiert vum Nathalie Polfliet
Lëtzebuergeschen Text: Josy Braun

Mijade
Namur, 2010

Et ass d'Nuecht op de 6. Dezember. De Kleeschen ass prett, fir mat de Cadeaue bei d'Kanner ze goen. Mä säin Ieselche wëll net. Hien huet d'Flemm, ëmmer némme Cadeauen auszedeelen, awer selwer keen ze kréien. De Kleesche versprécht him e wonnerbare Cadeau, wa se hir Tournée matzäite fäerdeg kréien. Den Ieselche léisst sech drop an.




ISBN 978-2-87142-725-4

**Josy Braun**
**E Sousaphon fir Groussknautscheng: kleng Geschichte fir grouss Kanner**
Illustréiert vum Ronald Molitor

Josy Braun
Mamer, 2009

Vun deenen 13 Geschichten aus dem Buch, ernimme mir déi heiten: E Bouf verschwënnt zu Bäerdref am Bësch, zwee Meedercher spillen Detektiv, de Gréngewald ass voller Gaardenzwergen, de Kleesche kräischt, a Kanner vu fréier a vun haut erzielen. Do geet och Rieds iwwert d'Kannerkréien a wéi en aarmt Kand fréier veruecht ginn ass. Zu gudder Lescht kënne mir an der Titelgeschicht liesen, wat passéiert, wann e Musikant ze déck ass fir en Instrument.




ISBN 978-2-9599684-8-8

**Josy Braun**
**Déi gréng Piscine am „Ruckelsbësch" bei Klengliller**
Illustréiert vum Ronald Molitor

Éditions Phi
Esch-Uelzecht, 2005

D'Uertschaft Klengliller ass e wéineg speziell. Speziell an onheemlech ass och de Ruckelsbësch mat der verfalener Villa an hirer Piscine beim Lussefiels. Enges Daags gesinn dräi Klengliller Kanner, wéi e Frieme sech bei der Villa ophält. Zwou Woche méi spéit schwëmmt eppes um faulzeg-grénge Waasser vun der Piscine. Wat ass dat? D'Kanner schreiwen dodriwwer en Artikel fir hir Schoulzeitung an domat fänkt d'Opreegung zu Klengliller un.





ISBN 978-2-87962-202-6

**Josy Braun**
**Numia**
Illustréiert vum Anne Weyer

Josy Braun
Mamer, 2005

D'Numia kënnt aus Fantamira, engem Land wäit ewech vu Lëtzebuerg.
Hatt wunnt als Adoptivkand bei enger Famill zu Juckebuerg. Elo fannen op eemol e puer Leit vu Juckebuerg, datt d'Numia net heihinner passt. Si hätten hatt gär fort. Mä dem Numia seng Frënn halen zu him, a souguer de Kinnek Kala vu Fantamira mellt sech zu Wuert.




ISBN 978-2-87964-026-6

**Josy Braun**
**Déi véier Kazen vun der Millen**
Illustréiert vum Anne Weyer

Josy Braun
Mamer, 2004

D'Melusina, de Siggy, den Dicks, d'Pussicat, dat sinn déi véier Kaze vun der Millen. Ëm si ginn et dräi Mënschen: de Cédric a seng Elteren, an zesummen erliewen si esou Munches.




*ISBN 978-2-87964-025-9*

**Josy Braun**
**D'Monsterzwillinge vun Esch-am-Lach**
Illustréiert vum Isabelle Dellisse

Éditions Phi
Esch-Uelzecht, 2001

Op där aler Mille kommen Zwillingen op d'Welt: d'Zëss an de John. Scho gläich gesinn d'Elteren, datt si Kanner hunn, déi anescht si wéi déi aner Kanner. An net nëmmen d'Eltere mierken dat, mä och d'Spillschoulsjoffer, de Schoulmeeschter, de Paschtouer, d'Leit aus dem Duerf, déi aner Kanner. Souguer Kaz an Hond si virun hinnen net sécher. A 75 Gedichter ginn d'Spiichte vun där gelungener Zwillingskoppel erzielt.




*ISBN 978-3-88865-207-3*

**Romy Braun-Baustert**
**Lulu den Zauberuhu: e Buch fir matzeman**

SNE-Éditions
Lëtzebuerg, 2013

Stonn ëm Stonn hëllefen d'Kanner dem Ee an duerno dem klengen Uhu. E Buch fir matzemaachen, ze spillen, eng Auer ze bastelen a sou d'Auer kennenzeléieren.




*ISBN 978-2-87992-170-9*

**Nico Brettner**
**E ganz wäisse Papagei**

Éditions Schortgen
Esch-Uelzecht, 2009

Den Ip ass e ganz wäisse Papagei, deen op eemol d'Flemm kritt, well hien esou blatzeg ausgesäit. A wat mécht eise gudde Papagei elo?

An dësem Lies-, Mol- a Rätselbuch läit och en CD mat der Geschicht vum wäisse Papagei.
Mam Verkaf vum Buch gëtt de Projet „EAUTogo" ënnerstëtzt.




*ISBN 978-2-87953-079-6*

**Nico Brettner**
**Wie spillt mat?: traditionell Lidder, Spiller a Gebrachs**
Graphesch Konzeptioun: Michel Angelo

Éditions Schortgen
Esch-Uelzecht, 2008

Zu deene véier Joreszäite fanne mir am Buch Spiller, Lidder, Bastelvirschléi a Bakrezepter. D'Musek ass vun der Éilerenger Harmoniechen opgeholl ginn a kann erofgeluede ginn um Site: www.editions-schortgen.lu.




ISBN 978-2-87953-060-4

**Tanja Brück**
**De Maulef an d'Blimmchen**
Illustréiert vum Dorota Wünsch

Éditions Guy Binsfeld
Lëtzebuerg, 2010

D'Fréndschaft tëschent dem Maulef an der Blimmchen dauert vum Summer bis den Hierscht. Wéi schued! Gëtt et net eng Méiglechkeet, fir sech den nächste Summer erëmzegesinn?




ISBN 978-2-87954-222-5

**Catherine Bruzzone – Susan Martineau**
**Verstopp a schwätz**
**Lëtzebuergesch: Band 1**
Illustréiert vum Louise Comfort
Iwwersat vum Jérôme Lulling

Éditions Schortgen
Esch-Uelzecht, 2008

A jidder Band sinn 130 Wierder op Lëtzebuergesch an op Franséisch, mat dem jeweilege Bild derniewent. Duerch d'Klapp-Deckele kënnen d'Kanner d'Bild oder d'Wuert verstoppen, an esou op eng spilleresch Aart a Weis éischt wichteg Wierder op Lëtzebuergesch léieren.





ISBN 978-2-87953-056-7

**Wilhelm Busch**
**Max a Moritz: d'Geschicht vun zwee Bouwen, déi der siwe gestiicht haten**
Op Lëtzebuergesch iwwersat
vum René Weiland

Éditions Le Phare
Déifferdeng, 2009

De René Weiland huet dem Wilhelm Busch seng berühmt Lausbouwegeschicht aus dem Joer 1865 op Lëtzebuergesch iwwersat.




ISBN 978-2-87964-141-6

**Wilhelm Busch**
**Jang Huppebeen a Compagnie**
op Lëtzebuergesch vum Josy Christen
Illustréiert vum Wilhelm Busch

SNE-Éditions
Lëtzebuerg, 2000

16 Wilhelm-Busch-Geschichten op Lëtzebuergesch iwwersat. Vum Jang Huppebeen iwwert de Jänni Daimerlek an den näischtnotzege Pitti bis bei de Plätsch an de Plomm.




*ISBN 978-2-87992-442-7*

**Marie-Isabelle Callier**
**Eng kleng Katastroph**
Iwwersetzung: Sonia Thewes

Éditions PersPektiv
Stengefort, 2021

D'Lila wunnt eng Woch bei senger Mamma an eng Woch bei sengem Pappa. Haut wëll hatt e Kuch bake fir de Gebuertsdag vun sengen zwee Hallefbridder. Mä wéi et de Kuch stierze wëll, brécht en an zwee Stécker. Wéi gutt, datt d'Mamma do eng Léisung huet. D'Geschicht eegent sech gutt fir mat jonke Kanner d'Theema vun der Patchworkfamill unzeschwätzen. Et gëtt d'Buch och op Franséisch.




*ISBN 978-9-9959-5653-0*

**Marie-Isabelle Callier**
**Nuechtzauber an de Muséeën = Nachtzauber in den Museen**
Iwwersetzung: Myriam Welschbillig

Amis des Musées Luxembourg
Lëtzebuerg, 2020

Nuets am Musée ass et ganz roueg. Ze roueg, fënnt de klenge Faun. Well hien Zauberkräften huet a sech langweilt, klëmmt hien aus sengem Bild a wandert duerch de Musée. Op der Sich no Gesellschaft trëfft hien an enger Vitrinn op e Mupp aus Terracotta... Dës poetesch Geschicht wäert esou munnech Kanner op d'Muséeën aus der Stad virwëtzeg maachen. D'Buch gëtt et och nach an aner zweesproochege Versiounen.




*ISBN 978-99959-0-583-5*

**Marie-Isabelle Callier**
**Wichapi: d'Geschicht vun enger Fréndschaft**
Iwwersetzung: Myriam Welschbillig

Éditions Schortgen
Esch-Uelzecht, 2019

An engem besonnesch kale Wanter beschléissen d'Sioux fortzegoen, fir an enger méi waarmer Géigend hiert Gléck ze sichen. D'Indianermeedchen Wichapi awer wëllt onbedéngt seng beschte Frëndin, d'Bieremeedchen Ursa, erëmgesinn, fir him Äddi ze soen. Mä d'Ursa hält nach Wanterschlof. Dofir beschléisst d'Wichapi, beim Ursa ze bleiwen, bis dat rëm waakreg gëtt, an hatt léisst säi Stamm ouni hatt fortgoen.




*ISBN 978-99959-36-87-7*

**Marie-Isabelle Callier**
**De Schatz vu Lucilinburhuc**
Op Lëtzebuergesch iwwersat vum
Myriam Welschbillig

Éditions Schortgen
Esch-Uelzecht, 2017

Um Pirateschëff am Park entdecken den Tun an de Frin eng Schatzkaart. Gläich fillen si sech wéi zwee richteg Piraten a ginn op d'Sich nom Schatz. D'Sich féiert si duerch d'Stad, woubäi si allerhand iwwer wichteg Gebaier a Monumenter aus der Stad Lëtzebuerg gewuer ginn. Et gëtt d'Buch och op Franséisch an op Englesch.




ISBN 978-99959-36-45-7

**Calouan & Jérémy Parigi**
**Mäi super Pappa fir éiweg**
Gestioun vun der Iwwersetzung:
K-Communication

Éditions Phi
Zolwer, 2021

Et gi ganz vill verschidde Pappen op dëser Welt an all si se op hir Manéier eenzegaarteg. Déi eng fuere mat eis Rollschong, anerer fuddele beim Kaartespillen a nach anerer preparéieren de beschte Gratin. Op all duebel Säit léieren d'Kanner, ënnerstëtzt duerch wonnerschéin Illustratiounen, verschidde Pappen aus ganz ënnerschiddleche Kulture kennen.




ISBN 978-2-919791-69-9

**Calouan & Jérémy Parigi**
**Meng super Mamma fir éiweg**
Gestioun vun der Iwwersetzung:
K-Communication

Éditions Phi
Zolwer, 2021

D'Mammen op dëser Welt gläichen sech all, an dach sinn se all verschidden. Déi eng blosen op eise Bobbo fir e verschwannen ze loossen, déi aner klappen an d'Hänn an danze fir eis béis Dreem ze verdreiwen. All duebel Säit weist unhand vun duusse Biller mat villen Detailer, wéi eenzegaarteg eis Mammen dach sinn. E poeteschen Hommage un all Mamm.




ISBN 978-2-919791-70-5

**Véronique Caplain**
**Wann ee vum Wollef schwätzt...**
Illustratiounen: Grégoire Mabire
An d'Lëtzebuergescht iwwerdroe vum
Josée Klincker

Mijade
Namur, 2016

De Geessebockspappa erzielt grad senge Kanner eng Geschicht vum Wollef. Op eemol héieren se bosseg Geräischer. Ass dat de Wollef? Si kréien et all mat der Angscht ze dinn.




ISBN 978-2-87142-969-2

**Bénédicte Carboneill**
**Lies mer eng Geschicht**
Illustratiounen: Michaël Derullieux
Lëtzebuergesch Iwwersetzung:
Myriam Welschbillig

Mijade
Namur,2021

De Wollef schläicht sech am Bësch un e Papp erun, dee sengem klenge Meedchen aus engem Buch virliest. Normalerweis géif hie se jo friessen, mä hie gëtt duerch déi flott Geschicht ofgelenkt. Mä de Papp hält matzen an der Geschicht op a léisst d'Buch am Bësch leien. Séier schnaapt de Wollef sech d'Buch fir de Rescht vun der Geschicht virgelies ze kréien. Mä sou einfach ass dat net. De Wollef kann nämlech net liesen an d'Déiere lafen all virun him fort, aus Angscht gefriess ze ginn.




ISBN 978-2-8077-0138-0

**Eric Carle**
**Eric Carle's book of many things = e Billerbuch vum Eric Carle: Meng éischt 200 Wierder**
Trad. lux. de Myriam Welschbillig

Mijade
Namur, 2019

Déi éischt 200 Wierder si verschidde Kapitelen zougeuerdnet an typesch Eric-Carle-méisseg illustréiert. Sou léieren d'Kanner déi wichtegst Wierder vum Bauerenhaff, vum Bësch, d'Faarwen an d'Géigesätz asw. op Lëtzebuergesch an Englesch kennen.





ISBN 978-2-8077-0065-9

**Eric Carle**
**L'imagier d'Eric Carle: mes 200 premiers mots = E Billerbuch vum Eric Carle: Meng éischt 200 Wierder**
Trad. lux. de Myriam Welschbillig

Mijade
Namur, 2019

Déi éischt 200 Wierder si verschiddene Kapitelen zougeuerdnet an typesch Eric-Carle-méisseg illustréiert. Sou léieren d'Kanner déi wichtegst Wierder vum Bauerenhaff, vum Bësch, d'Faarwen an d'Géigesätz asw. op Lëtzebuergesch a Franséisch kennen.




ISBN 978-2-8077-0067-3

**Eric Carle**
**De butzege Somkär**
Iwwersetzung: Myriam Welschbillig

Mijade
Namur, 2018

E klenge Somkär gëtt vum Wand mat ewechgeholl, zesumme mat villen aneren. Mee lues a lues gëtt et der ëmmer manner. Mee och wann aus de Somkären bis Planze gi sinn, hunn déi et net einfach. Allerlee Gefore bléien hinnen. Mee aus deem klenge Somkär entsteet eng riseg Blumm, déi villen Déieren a Mënsche Freed mécht. An duerno geet d'Saach mat de Somkären nees vu vir un...





ISBN 978-2-8077-0050-5

**Eric Carle**
**De Raup, dee Lächer mécht**
Illustréiert vum Auteur
Lëtzebuergeschen Text: Josy Braun

Mijade
Namur, 2011

Déi berühmt „Raupe Nimmersatt" elo och a lëtzebuergescher Sprooch.




ISBN 978-2-87142-750-6

**Isabel Carralo**
**D'Mëmmi an säi verluerenen Zant**
Aus dem Franséischen iwwersat
vum Josy Braun
Illustréiert vum Ronald Molitor

Mijade
Namur, 2004

Jiddereen, dee scho mol an eng Muert gebass huet, weess, datt et dobäi fir en Zant ka goen. Genau dat geschitt der Kanéngche Mëmmi. 't ass net einfach, am Bësch en Zänndokter ze fannen!




ISBN 2-87142-530-2

**Lewis Carroll**
**D'Alice am Wonnerland**
Illustréiert vum Carole Meyer
Aus dem Engleschen iwwersat vum
Henry Wickens

Op der Lay
Esch-Sauer, 2015

De Klassiker vun der fantastescher Kannerliteratur elo iwwersat an d'Lëtzebuergescht a flott illustréiert.




ISBN 978-2-87967-203-8

**Elisenda Castells**
**De Krokodil verléiert säi Mëllechzant**
Illustratiounen: Frank Endersby
Iwwersetzung: K-Communication

Éditions Phi
Esch-Uelzecht, 2020

Haut ass de klenge Krokodil ganz opgereegt, well hien en Zant huet, deen op eemol ganz vill wackelt. Wat soll dat heeschen? Geschitt elo eppes Schlëmmes mat him? Wéi gutt, datt seng kleng Frënn fir hien do sinn. Si verstinn, wat mat him lass ass, a ginn him eng ganz Rei léif Rotschléi. E klenge Guide fir d'Eltere rënnt dës Geschicht of.




ISBN 978-2-919791-35-4

**Elisenda Castells**
**Den Äffche wëll net schlofen**
Illustratiounen: Frank Endersby
Iwwersetzung: K-Communication

Éditions Phi
Esch-Uelzecht, 2020

Haut huet den Äffche seng Frënn den Elefant, den Tiger an de Krokodil op eng Pyjamasparty agueleden. Nodeems si d'Zänn gewäsch hunn, eng Kësseschluecht gemaach a vill gespillt hunn, fänken déi kleng Déieren u midd ze ginn. Mä den Äffchen ass zevill opgedréint an denkt net un d'Schlofen. Do hu seng Frënn eng Iddi... Hannen am Buch ginn den Elteren e puer Rotschléi presentéiert, wéi si hirem Kand hëllefe kënnen, owes gutt anzeschlofen.




ISBN 978-2-919791-39-2

**Elisenda Castells**
**Den Elefant huet Angscht virum Waasser**
Illustratiounen: Frank Endersby
Iwwersetzung: K-Communication

Éditions Phi
Esch-Uelzecht, 2020

Haut ass et zimmlech waarm am Dschungel. Fir sech ofzekille sprangen den Äffchen, den Tiger an de Krokodil voller Freed an d'Waasser. Just den Elefant bleift um Bord sëtzen a kuckt net ganz glécklech dran. Wat ass wuel mat him lass? Dës Déieregeschicht weist de klenge Kanner, datt ee mat e bëssen Hëllef seng Angscht virum Waasser iwwerwanne kann. E klenge Guide fir d'Eltere rënnt dës Geschicht of.




ISBN 978-2-919791-37-8

**Elisenda Castells**
**Den Tiger léiert Recycléieren**
Illustratiounen: Frank Endersby
Iwwersetzung: K-Communication

Éditions Phi
Esch-Uelzecht, 2020

Den Elefant, den Äffchen an de Krokodil erklären dem Tiger wat recycléieren ass, well hie beim Ofraume vum Dësch d'Verpackungen an d'Iessreschter einfach zesummen an eng grouss Tut geheie wollt. Mat vill Asaz weise si dem Tiger, wéi een den Offall richteg trennt. E klenge Guide um Enn vun der Geschicht erkläert den Elteren, wéi si d'Theema vum Recycléiere mat de Kanner kënnen ugoen.




ISBN 978-2-919791-41-5

**Ingrid Chabbert**
**Catchdonnerwieder**
Illustratioune vum Claire Gaudriot
Iwwersetzung vum Carole List

Zoom Éditions
Monnerech, 2015

An der Catcher-Famill catcht zënter Jore jiddereen, souguer den Hond. De Peter wëllt awer léiwer danzen, mee dat gefält der Famill net.




ISBN 978-2919934-97-3

Josy Christen
**Flott Saachen: Lëtzbuergesch Gedichter**
Illustréiert vum Roby Flick a Wilhelm Busch

SNE-Éditions
Lëtzebuerg, 2009

O wat Mënschen, al Lëtzebuerger Soen, den Till Eilespigel, de Max an de Moritz, dat sinn d'Ënnerdeelunge vun dësem Heft mat Gedichter.




ISBN 978-2-87992-441-0

Caroline Clement
**Den Trollmops an de Schwéngsmupp**

Éditions Schortgen
Esch-Uelzecht, 2014

D'Geschicht spillt um Bauerenhaff. D'Kanner an den Trollmops entdecken e bossegt Déier, de Schwéngsmupp. Eng CD mat Lidder iwwer Fréndschaft, Déieren, Geeschter an de Schwéngsmupp läit am Buch derbäi.




ISBN 978-2-87953-195-3

Cathy Clement
**De Fäert-Uasch: ze léif fir dës Welt?**
Illustratioune vum Benjamin Frank

Éditions Schortgen
Esch-Uelzecht, 2018

De Schocki ass e klengt Monster, ëmmer um Maude senger Säit, fir op hatt opzepassen, mee d'Maude weess dat net. An d'Maude fillt sech am Moment net wuel a senger Famill an och net an der Schoul. Dem Schocki no spannen déi alleguer. D'Maude zitt sech vun allen zréck, vu senge Klassekomeroden, vu sengen Elteren. Hatt fillt sech aleng an am Stach gelooss. Da léiert hatt säi Monster kennen a mat deem senger Hëllef tankt hatt Selbstvertrauen.




ISBN 978-99959-36-58-7

Carlo Collodi
**Dem Pinocchio seng Abenteuer: d'Geschicht vun enger Marionett**
Illustréiert vum Anne a Pit Weyer
Aus dem Italieneschen iwwersat vum Yvette Moris

Éditions Le Phare
Esch-Uelzecht, 2003

Dem Carlo Collodi säi Kannerbuchklassiker aus dem 19. Joerhonnert läit hei op Lëtzebuergesch vir. D'Iwwersetzerin Yvette Moris mécht am Buch och eng Rei interessant Iwwerleeungen zum Auteur a sengem Wierk.




ISBN 978-2-87964-058-7

**Lucien Czuga & Andy Genen**
**De Ris geet op d'Rees**
Gezeechent vum Andy Genen
Koordinéiert vum Patrick Hurt

Gemeng Beetebuerg
Beetebuerg, 2022




ISBN 978-2-9199456-6-5

Enges Daags gëtt de berüümte Ris vum Beetebuerger Park waakreg a mécht sech, zesumme mam Papagei Lori, op d'Sich nom Däumling. Dobäi kënnt hien op vill bekannte Plazen aus der Beetebuerger Gemeng a begéint sou munch lokal Perséinlechkeet. Ob hien den Däumling wuel fënnt? E puer Sproochspiller an der Geschicht wäerte virun allem den Erwuessene gefalen.

**Lucien Czuga & ND Genen**
**De leschte Ritter:**
**d'Reider vun der Apocalyse**

Éditions Revue, 2009




ISBN 978-2-919999-53-8

**Lucien Czuga & ND Genen**
**De leschte Ritter:**
**de Schwuer vun den Tempelritter**

Éditions Revue, 2007




ISBN 978-2-919999-43-9

**Lucien Czuga & ND Genen**
**De leschte Ritter:**
**de Schatz vun Draachesteen**

Éditions Revue, 2005




ISBN 2-919999-33-8

De Pedro schafft an der Publizitéit, dat heescht, hie pecht Plakater fir eng Werbeagentur. Do begéint hien enger ganz gelungener Gestalt, déi sech als Jang de Blannen, de leschte Ritter, entpuppt. Zesumme mat dem Pedro senger Frëndin Maloo maache si sech op d'Sich nom Schatz vun Draachesteen. Mä dat gëtt eng ganz geféierlech Affär. D'Geschicht hält op, wa si ganz spannend ass, a wéi et weider geet, fënnt een an den nächste BD-Bänn.

**Lucien Czuga**
**... Vu Geessen, Gussen a Gaassebouwen!!: de littel Superjhemp**
gezeechent vum Roger Leiner

Éditions Revue
Déifferdéng, 2016

Op all Säit gëtt et eng lëschteg kleng Zeen aus dem Liewe vum Charly Kuddel a senge Frënn, dem Frunnes, dem Schmuddel an dem Lisi.




ISBN 978-99959-45-07-7

**Lucien Czuga**
**...Vu Cliquen, Klucken a Klacken: Geschichte mam Littel Superjhemp**
gezeechent vum Roger Leiner

Éditions Revue
Lëtzebuerg, 2013

De Charly Kuddel alias Littel Superjhemp lieft um Bauerenhaff zu Heihatechnachnidebauchwéi. Zesumme mat senger Clique erlieft hien allerhand Aventuren.




ISBN 978-2-919999-91-0

**Viviane Daman**
**Kanner, Masken, Halloween: e Krimi fir Kanner**

Éditions Phi
Esch-Uelzecht, 2020

De Steve, d'Sarah, de Pol en de Pascal verbréngen op Halloween e spannenden Owend. Eigentlech wollte si duerch d'Stroossen zéien, fir d'Leit ze erféieren, mä et geschitt genee de Géigendeel. Dräi komesch maskéiert Gestalten hunn dës Roll schonn iwwerholl a suergen nawell fir vill Onrou an der Noperschaft...




ISBN 978-2-919791-28-6

**Viviane Daman**
**Kanner, Bicher an e Feier: e Krimi fir Kanner**

Éditions Phi
Esch-Uelzecht, 2018

Eng nei Bibliothéik gëtt ageweit. Och dat Buch mat de Schoulkanner hire Geschichte kann do ausgeléint ginn. Mee an der Nuecht ass e Feier an der Bibliothéik. D'Sarah, de Pascal, de Pol, de Steve an den Hond Blacky wëllen erausfannen, wéi et zu deem Feier komme konnt.





ISBN 978-99959-37-64-5

**Viviane Daman**
**Kanner, d'Fouer, Falschgeld: e Krimi fir Kanner**
Illustratiounen: Roald Weinstock

Éditions Phi
Esch-Uelzecht, 2016

De Steve, d'Sarah, de Pol, de Pascal an hiren Hond, de Blacky, gesinn op der Fouer, wéi en Déif e Portmonni klaut. Hie verschwënnt um Chantier vun der Neier Bréck, déi grad gefléckt gëtt. An der Nuecht schläichen si sech op de Chantier, ginn awer vun den Déif iwwerrascht a gefesselt. Gutt, datt de Blacky op Zack ass.




*ISBN 978-99959-37-31-7*

**Viviane Daman**
**Kanner, eng Entféierung an déi Wëll Fra vu Lasauvage**
Illustréiert vum Roald Weinstock

Éditions Phi
Déifferdeng, 2014

En neit Abenteuer mam Mupp Blacky an de Kanner Pascal, Sarah, Steve a Pol. Op engem schéine Summerdag zu Lasauvage gëtt de Blacky vun der Wëller Fra entfouert. De Kanner bleift soss näischt iwwereg, ewéi hiren Hond ze sichen.




*ISBN 978-99959-37-06-5*

**Viviane Daman**
**Kanner, Vakanz an ee Geescht**
Illustréiert vum Roald Weinstock

Éditions Phi
Déifferdeng, 2013

D'Sarah, de Pascal, de Steve an de Pol fueren zesumme mat hiren Elteren an dme Blaxky, dem Saraha sengem Hond, a Südfrankräich an d'Vakanz. Mat derbäi ass natierlech och de Blacky, dem Sarah säin Hond. Am Haus, wou si do wunnen, sinn allerhand onheemlech Geräischer an der Nuecht. Et wier de Mistral, deen duerch d'Mauere géif päifen, kréie si gesot. Awer natierlech mussen d'Frënn där do Saach op de Fong goen, an dat, wat si entdecken, ass bal net ze gleewen.





*ISBN 978-2-87964-200-0*

**Viviane Daman**
**Kanner, Fässer, Ëmweltsënner**
Illustréiert vum Roald Weinstock

Éditions Phi
Déifferdeng, 2012

D'Sarah, de Steve, de Pol, de Pascal an den Hond Blacky si bei de Grousselteren um Duerf an der Vakanz. An der Baach fanne si doudeg Fësch an ee Faass, wou Gëft dran ass. Soll déi nei Firma eppes dermat ze dinn hunn?




*ISBN 978-2-87964-183-6*

**Viviane Daman**
**Kanner, Gecken an zwee Abriecher**
Illustréiert vum Roald Weinstock

Éditions Phi
Déifferdeng, 2011

Et ass Fuesent. De Steve, de Pol an de Pascal gi mat der Musek op d'Cavalcade. D'Sarah kann net mat, hatt huet sech de Fouss verstaucht. Dofir geet hatt an der Bomi hiert Haus, well do d'Cavalcade laanscht kënnt. Op eemol gesäit hatt, wéi zwee Maskéierter an d'Haus vun der Nopesch, déi momentan an der Klinik läit, abriechen. Well d'Sarah weess, datt de Blacky, der Nopesch hire klengen Hond, aleng am Haus ass, muss hatt eppes ënnerhuelen. An zimlech séier.





ISBN 978-2-87964-148-5

**Viviane Daman**
**Kanner, Déif, an e Vëlo**
Illustréiert vum Roald Weinstock

Éditions Phi
Déifferdeng, 2009

De Steve krut fir säi Gebuertsdag en neie Vëlo. Hie wëll gläich den Dag drop mat deem Prachtstéck an d'Schoul fueren. An do gëtt dann de Vëlo gläich geklaut. Dem Steve säi Verdacht fält op de Kevin, mat deem hie scho méi dacks Sträit hat. D'Police mécht eng Enquête, mä de Vëlo bleift verschwonnen. De Steve spillt elo Detektiv, zesumme mat senge Komerode Pascal, Pol a Sarah. Si geroden an eng geféierlech Situatioun.




ISBN 978-2-87962-276-7

**Viviane Daman**
**Kanner, Raiber, Polizisten**
Illustréiert vum Roald Weinstock

Éditions Phi
Déifferdeng, 2009

D'Geschwëster Sarah a Pascal plënnere mat hiren Elteren an en neit Haus.
De Späicher gëtt hiert Spillzëmmer, si kënne sech do ariichte wéi se wëllen.
An dat maache si zesumme mat den Nopeschkanner Steve a Pol. Awer wouhi féiert déi Eisendier an der Mauer? Déi véier Frënn spieren, datt et hannert där Dier e Geheimnis gëtt, an deem wëlle si op d'Spur kommen.





ISBN 978-2-87862-275-0

**Antje Damm**
**Fro mech!**
Illustréiert gréisstendeels vun der Auteurin
Iwwersat vum Chantal Keller

Moritz Verlag
Frankfurt am Main, 2005

Op der lénkser Buchsäit steet eng Fro, op der rietser Säit ass eng Illustratioun, an dat am Ganzen 108 Mol. Et sinn deels philosophesch Froen u Kanner, fir mateneen an d'Gespréich ze kommen.
U wat gees de gär richen?




ISBN 978-3-89565-164-9

Wat hues de am Bauch vun denger Mamm gemaach?
Hues du däin Numm schonn eng Kéier an de Sand geschriwwen?

**Eva Dax**
**Du bass sou schrecklech schéin!**
Illustréiert vum Sabine Dully
Iwwersat vu Polygraphic

Éditions Phi
Esch-Uelzecht, 2018

Dat klengt Monster Gregor freet sech, ob et wuel schéin ass. Et freet seng Elteren, de Bopa, d'Nopesch, de klenge Brudder, seng Frëndin. Alleguer drécken an ëmäerbele se et. An et kënnt um Enn zum Schluss: Jo, et stëmmt, et ass ganz schrecklech schéin, well et ka wonnerbar balucken, huet déi sténkegst Féiss an déi schiifsten Zänn, genee wéi se e Monster muss hunn.




ISBN 978-99959-37-45-4

**Hélène Delforge**
**Mamma**
Illustratiounen Quentin Gréban
Iwwersetzung aus dem Franséischen:
Myriam Welschbillig

Mijade
Namur, 2019

Op all Säit fënnt een eng schéin Illustratioun an e poetesche klengen Text mat Iwwerleeungen zum Thema Mammsinn, am Alldag, an anere Kulturen, zu besonnesche Zäiten a Situatiounen. Alleguer schwätzen se vun der Léift vun der Mamm zum Kand. Verschiddener kënnen duerchaus mat méi grousse Kanner diskutéiert ginn, anerer spriechen éischter jonk Mammen un.




ISBN 978-2-8077-0076-5

**Manon Della Siega**
**De Laachmännchen: de Männchen, deen d'Leit laachen deet = Le bonhomme tout jaune qui faisait rire**
Illustréiert vum Eglantine Denis

Éditions Schortgen
Esch-Uelzecht, 2017

De klenge Männchen ass giel wéi d'Sonn, an iwwerall wou hien optaucht, fänken d'Leit un ze laachen. Dat mécht hien esou traureg, datt hie guer nët méi aus sengem gielen Haus erausgoe wëllt. Hie mengt jo, d'Leit géifen hien auslaachen. E klenge Bouf hëlleft him ze erkennen, datt d'Leit nët iwwert hien, mee wéinst him laachen, well hien si frou mécht.
D'Geschicht ass op Lëtzebuergesch an op Franséisch erzielt.




ISBN 978-99959-36-42-6

**Lydie Develter**
**Dem Stinki seng Oueren**

Ernster Éditions
Lëtzebuerg, 2021

An engem ale Schlass wunnt de klenge Stinki mat véier anere Gespenster. Nuets spille si zesummen, erzielen sech Grujelgeschichten oder laachen zesummen. Heiansdo laachen se awer och iwwer de Stinki, well hien ass dat eenzegt Gespenst, wat Oueren huet. Mee wien hätt geduecht, datt grad dës komesch Oueren si all géife retten? Dës léif Geschicht mat flotte Biller weist de Kanner, datt ee gutt ass, genee sou wéi een ass.




ISBN 978-2-919892-23-5

**Erhard Dietl**
**Bei den Olchis:**
**een Draachefest fir de Feierstull**

Éditions Phi
Esch-Uelzecht, 2016

Déi bekannt verréckt Olchi-Geschicht, an där et ëm den Draach Feierstull geet, deen net méi frou ass, gëtt hei op Lëtzebuergesch verzielt.




ISBN 978-9-995-93734-8

**Julia Donaldson**
**Wat d'Himmelsdéierchen héieren hat beim Mier**
Illustréiert vum Lydia Monks
Op Lëtzebuergesch gereimt vum Vanessa Gabriel

Atelier Kannerbuch
Bäreldeng, 2021

Wéi d'Himmelsdéierchen en Dag um Mier verbréngt, héiert et, wéi de Schankemisch an de mockelege Pier hiren nächst Coup plangen. Si wëllen der schéiner Mierjongfra hir wäertvoll Sëlwerhoer klauen, fir se deier ze verkafen. Mä d'Himmelsdéierchen huet eng Iddi, fir hinnen e Stréch duerch d'Rechnung ze maachen. Wéi gutt, datt d'Mieresdéieren hëllefe kënnen.




ISBN 978-2-9199623-4-1

**Julia Donaldson**
**Wat d'Himmelsdéierchen als nächst héieren hat**
Illustréiert vum Lydia Monks
Op Lëtzebuergesch gereimt vum Vanessa Gabriel

Atelier Kannerbuch
Bäreldeng, 2020

Um Haff verschwannen all Dag déi vill Eeër vum décke rouden Hong. D'Himmelsdéierche spionéiert an héiert, datt de Schankemisch an de mockelege Pier sech nuets heemlech eruschläichen, fir d'Eeër ze klauen. Séier entwéckelen d'Déieren e Plang, fir déi zwee Onéierlech ze verdreiwen ... D'Geschicht ass deels a Reime geschriwwen.




ISBN 978-2-9199623-5-8

**Julia Donaldson**
**D'Schmetten an d'Schmooen**
Illustréiert vum Axel Scheffler
Aus dem Engleschen iwwersat vum Martine Schoellen

Éditions Guy Binsfeld
Lëtzebuerg, 2019

Op engem frieme Planéit wäit ewech wunnen d'Schmetten an d'Schmooen. D'Schmett Babett ass komplett rout an de Schmoo Jo ass ganz blo. Déi zwee kréie streng verbueden, mateneen ze spillen, well se jo sou anescht sinn. Dovun hale si awer näischt a maache sech zesummen duerch d'Bascht. Lo mussen déi aner Schmetten a Schmooen sech zesummendinn, fir d'Babette an de Jo erëmzefannen. E schéint Buch iwwer Toleranz an Akzeptanz.




ISBN 978-99959-42-53-3

**Julia Donaldson**
**Dem Grüffelo säi Kand**
Illustréiert vum Axel Scheffler
Aus dem Engleschen iwwersat vum
Martine Schoellen

Éditions Guy Binsfeld
Lëtzebuerg, 2013

D'Grüffelokand wëll onbedéngt déi grouss béis Maus kenneléieren, hatt ass jo guer net ängschtlech...




ISBN 978-2-87954-275-1

**Julia Donaldson**
**De Grüffelo**
Illustréiert vum Axel Scheffler
Aus dem Engleschen iwwersat vum
Martine Schoellen

Éditions Guy Binsfeld
Lëtzebuerg, 2010

„So wien ass dann de Grüffelo?
Seng Ae sinn orange,
Seng schwaarz Zong hänkt déif erof,
A seng Dären um Réck sinn däischter mauve."

Mir gi mat där luusseger, klenger Maus duerch den déiwen, däischtere Bësch. Wat geschitt, wa si engem Fuuss, enger Eil, enger Schlaang an engem hongerege Grüffelo begéint?




ISBN 978-2-87954-237-9

**Julia Donaldson**
**Zog**
Illustratioune vum Axel Scheffler
aus dem Engleschen iwwersat vum
Martine Schoellen

Éditions Guy Binsfeld
Lëtzebuerg, 2016

Den Zog ass e klengen Draach, deen nach vill muss léieren: bei him klappt et weder mam Fléien, nach mam Brëllen oder Feierspäitzen. D'Prinzessin Pärel verbënnt an tréischt en all Kéier. Och wéi „Prinzessin-entféieren" muss geléiert ginn, ass si do, an den Zog gewënnt de gëllene Stär. Da soll Fechte geléiert ginn an de Ritter Wenzel wëllt d'Prinzessin Pärel befreien. Déi huet awer eppes anescht vir.




ISBN 978-99959-42-07-6

**Julia Donaldson**
**Den Zog an d'Dokteren aus der Loft**
Illustratioune vum Axel Scheffler
Aus dem Engleschen iwwersat vum
Martine Schoellen

Éditions Guy Binsfeld
Lëtzebuerg, 2016

D'Geschicht vum Zog geet weider. Hie flitt mam Ritter Wenzel an der Prinzessin Pärel iwwert d'Land, fir ze hëllefen: der Mierjoffer, déi e Sonnebrand huet, dem Einhorn, dat en Har zevill huet, dem Léiw, deen sech erkaalt huet.... Mee da gëtt d'Prinzessin vun hirem Monni, dem Kinnek, agespaart, well hien der Meenung ass, datt eng Prinzessin an e Schlass gehéiert.





ISBN 978-99959-42-08-3

**Mady Durrer**
**De Flöck**
Illustratiounen: Annick Sinner

Éditions Guy Binsfeld
Lëtzebuerg, 2015

De Flöck huet immens laang Oueren. Doriwwer ass hien traureg, well hien ass richteg domatter geplot - bis hien seng kënschtleresch Oder entdeckt ...




ISBN 978-99959-42-01-4

**Mady Durrer**
**Den Heppi Böersday N° 4**
Illustréiert vum Sandy Goedert

Op der Lay
Esch-Sauer, 2007

Wéi den Heppi moies erwächt, weess hien, datt dat säin Dag gëtt, well hien als véiert Käerz d'Haaptroll op engem Kand sengem Gebuertsdagskuch spillt. Mä fir d'éischt muss hien dee Kuch emol fannen, an dat am Bäcker Réieramdeeg senger Bakstuff.




ISBN 978-2-87967-148-2

**Christiane Ehlinger**
**Bunzi: eng Geschicht iwwer d'Angscht virum Friemen, awer och iwwer Hëllefsbereetschaft a Fréndschaft**
Illustréiert vum Astrid Rothaug

Imprimerie Centrale
Lëtzebuerg, 2017

E friemt Déier ass am Bësch opgedaucht a jäizt ganz haart. Fir d'éischt hunn d'Déieren aus dem Bësch Angscht a froen sech, ob se sech vläicht verteidege mussen. Mee si brauchen dat friemt Déier net ze fäerten, et ass de Bunzi, e klengen Af, deen aus dem Zoo fortgelaf ass. De Bunzi brauch Hëllef, wëll hien ass hongereg. Nodeems hien den Déieren aus dem Bësch vu sengem Liewen am Zoo erzielt huet, décidéieren si, um Bauerenhaff no enger Banann ze sichen.




ISBN 978-2-87978-199-0

**Christiane Ehlinger**
**An elo, feine Jong?**
Illustréiert vum Christian Hansen (Pit)

Imprimerie Centrale
Lëtzebuerg, 2009

Véier Joer nodeems d'Buch iwwert säi Liewe publizéiert gouf, ginn an dësem Buch verschidden Erliefnesser vum Pit aus där Zäit erzielt. D'Autorin an de Pit erzielen, jiddereen aus senger Siicht, déi Episoden.





ISBN 978-2-87978-086-3

Christiane Ehlinger
**Zarabina:**
**Buch mat CD an Aarbechtsheft**
Illustréiert vum Gilles Kutten
Musek: Fernand Neumann

Imprimerie Centrale
Lëtzebuerg, 2007

De Kloni Klunnes invitéiert all seng Frënn an eng grouss Gala-Virstellung an den Zirkus Upëssa. Hie wëll hinne Merci soen, datt si him gehollef hunn, wéi hie sou traureg war.
Haaptattraktioun ass dem Klunnes seng Schwëster: déi fantastesch Seeldänzerin Zarabina.




ISBN 978-2-87978-037-5

Christiane Ehlinger
**Ee feine Jong**
Illustréiert vum Pit

Imprimerie Centrale, Lëtzebuerg, 2005

D'Christiane Ehlinger huet dëst Buch zesumme mat dem Pit, engem Drogenofhängegen, geschriwwen. Et ass d'Liewensgeschicht vun engem Toxicomane, déi jonk Mënsche vru schlëmme Feeler warne soll. Duerch d'Erziele vu senger „Drogekarriär", duerch den Dialog mat der Schrëftstellerin, hëlleft de Pit sech awer och selwer.

Am Buch stinn och wichteg Adressen an Iwwerleeungen zum Thema Drogen.

**Un drogué sympa**
franséisch Iwwersetzung vum Julien Primout

Imprimerie Centrale, Lëtzebuerg, 2006
ISBN 2-87978-051-9




ISBN 2-87978-041-1

Christiane Ehlinger
**D'Lynn an de Charel**
Illustréiert vum Jean Leesch

Imprimerie Centrale
Lëtzebuerg, 2004

Kanner si virwëtzeg. Si wëlle wëssen, wou se hierkommen.
Dëst Buch gëtt Äntwerten an Ureegungen zum Gespréich.

Dobäi gëtt net nëmmen de reng biologeschen Aspekt, mä virun allem déi schéin a loschtvoll Säit vun der Sexualitéit ugesprach.




ISBN 978-2-87978-030-6

Christiane Ehlinger
**Kloni Klunnes: Buch mat CD an Aarbechtsheft**
Illustréiert vum Gilles Kutten
Musek: Fernand Neumann

Imprimerie Centrale
Lëtzebuerg, 2003

„Kloni Klunnes" ass e Musical, an deem alles sech ëm den Zirkus dréint. An der Zirkuswelt ass alles schéi faarweg: d'Zirkuszelt, den Zirkusleit hir Wunnween, dem Kloni Klunnes a senger Schwëster Zarabina hir Kleeder. 't ass schued, datt de Kloni Klunnes ee Problem huet.
Méi gëtt hei net verroden, just vläicht nach, datt d'Kanner dem Klon hëllefen.




ISBN 2-87978-028-4



**Christiane Ehlinger**
**Krababbel**
Illustréiert vun den Hesper Schoulkanner
Musek: Tun Weber

Imprimerie Centrale
Lëtzebuerg, 2002




ISBN 978-2-87978-049-8

41 Gedichter stinn an dësem Buch. Et ass eng Rees duerch d'Joer mat senge Joreszäiten a senge Fester. Do geet och Rieds vu Fréndschaft, vu léiwen Déieren, grujelegen Hexen a Monster.

Et läit en CD am Buch: 10 Gedichter si vum Tun Weber vertount ginn.

**Christiane Ehlinger**
**Schwätz kee Blech**
Illustréiert vum Gilles Kutten
Musek: Tun Weber

Imprimerie Centrale
Lëtzebuerg, 2001




ISBN 978-2-87978-048-1

Eng Hellewull Gedichter erziele vun de Kanner hirem Alldag an der Famill, an der Schoul, an der Fräizäit.

Mat 2 CDen: Lidder a Playback

**Jonathan Emmett**
**Eng Strooss, déi lieft!:**
**e risegt Concertina-Buch**
**fir opzeklappen an opzestellen!**
Illustratioune vum Ingela P. Arrhenius
Iwwersetzung: Luc Marteling

Kremart Edition
Lëtzebuerg, 2018

D'Kanner léieren d'Akafsstrooss kennen. Hannert de Klappen entdecken si, wat an de Butteker geschitt a wat d'Awunner grad maachen. En Op-klapp-Buch, dat och als Leporello kann opgestallt ginn.




ISBN 978-99959-39-93-9

**Pascale Engel & Maite Engel de Abreu**
**Covi: de klenge Coronavirus**
Illustratiounen: Maite Engel de Abreu

Pascale Engel
S.n., 2020




ISBN 9798560654627

De klenge Virus Covi erklärt op eng ganz kandgerecht Manéier wéi hien entstan ass, wat e Virus iwwerhaapt ass a wéi d'Liewe geännert huet, zanter datt hien duerch déi ganz Welt gereest ass. D'Buch ass wärend dem Confinement entstan, a flotter Zesummenaarbecht tëscht Mamm an Duechter.
Et gëtt d'Buch och an aner Sproochen.

**Melly Englebert**
**Häerz aus Äis: Mäerchen**

Op der Lay
Lëtzebuerg, 2014

De klenge Schnéimännche mat sengem Häerz aus Äis wëll säin Häerz verschenken. Mä wëll iwwerhaapt een dat Häerz aus Äis?




ISBN 978-2-87967-202-1

**Michael Engler**
**Mir zwee gehéieren zesummen**
Illustratiounen: Joëlle Tourlonias
Iwwersetzung: Myriam Welschbillig

Éditions PersPektiv
Stengefort, 2022

Den Hues an de Kéiseker sinn déi beschte Frënn. De ganze Summer duerch spille si zesummen oder sichen no Muerten a Schleeken. Mee wéi et Hierscht gëtt, ass de Kéiseker op eemol ganz midd...




ISBN 978-2-9198-1309-4

**Michael Engler**
**Mir zwee si Frënn fir d'Liewen**
Illustratiounen: Joëlle Tourlonias
Iwwersetzung: Myriam Welschbillig

Éditions PersPektiv
Stengefort, 2022

Den Hues an de Kéiseker sinn déi beschte Frënn. All Dag erfannen si nei Spiller. Mee haut wëllt den Hues léiwer mam Kaweechelche spillen... De Kéiseker ass dofir ganz traureg.




ISBN 978-2-9198-1311-7

**Michael Engler**
**De Ben mécht de Bier erëm gesond**
Illustratiounen: Joëlle Tourlonias
Iwwersetzung: Myriam Welschbillig

Éditions PersPektiv
Stengefort, 2020

De klenge Bier ass erkaalt, hien huet Féiwer a seng Nues leeft. De Ben mécht säi Bescht fir ze hëllefen. Mat Jus, Vitaminnen a Plooschtere wëll hien de Bier erëm gesond kréien. Dobäi vergësst hien och net dat beschte Mëttel : ganz vill Léift. Déi schéin Illustratiounen am Retro-Stil ënnerstëtzen d'Geschicht ganz flott.




ISBN 978-9-9959-5668-4

**Connie Faber**
**Monsterwull**

Éditions Saint-Paul
Lëtzebuerg, 2014

De Luc an d'Lisa huelen et mam Oprau-men net esou genee. D'Saache bleiwen all doruechter leien oder ginn einfach an de Schaf gedruddelt. Wéi si nuets erwä-chen, si Monsteren am Kannerzëmmer!




*ISBN 978-2-87963-956-7*

**Connie Faber**
**Dem Paco seng grouss Rees**
Illustréiert vun der Autorin selwer

Éditions Saint-Paul
Lëtzebuerg, 2006

Den Iesel Paco leeft sengem granzege Meeschter fort a sicht en neit Doheem. Et gefält him néirens sou richteg, an traureg zitt hien ëmmer nees weider... bis hien dem Kleesche begéint.




*ISBN 978-2-87963-659-7*

**Connie Faber**
**Dem Finnchen säi Geheimnis**
Illustréiert vun der Autorin

SNE-Éditions
Lëtzebuerg, 2006

D'Himmelsdéier Finnchen huet e Geheim-nis. Seng Frënn sinn net frou, well hatt guer net méi bei hinnen ass an net méi mat hin-ne spillt. Wéi si dunn awer erausfannen, datt dat Geheimnis beim Weier ass, gesi si, datt si agräife mussen.




*ISBN 978-2-87992-073-3*

Well beim Weier do laueren d'Geforen. Mat derbäi natierlech och déi schlau Spann Henriette.

**Connie Faber**
**Opregung ëm de Fons**
Illustréiert vun der Autorin

SNE-Éditions
Lëtzebuerg, 2005


Aus de Raupe Mett a Mil sinn an der Të-schenzäit Päiperleke ginn. Mat hire Frënn, dem grousse gréngen Heesprénger Fons, dem Himmelsdéier Finnchen, dem Schleek Triny an där klenger Seechomes Batty leeë si Somkären an de Gaart. Jidderee vun de Frënn gesäit no kuerzer Zäit seng Planz wuessen. Just mam Fons sengem Kär geschitt näischt. An dobäi ass hien awer deen, deen ëmmer an iwwerall gär den Éischten an de Beschte wier.




*ISBN 978-2-87992-071-9*

Joëlle Faltz
**Dem Guiny säi Schlass**
Illustréiert vum Chandre

Éditions Schortgen
Esch-Uelzecht, 2001
an Zesummenaarbecht mat: Revue




ISBN 978-2-87953-876-1

An England wunnt an all Schlass, dat eppes op sech hält, e Geescht. D'Mandy, e klengt Meedche vun 8 Joer, entdeckt am Schlass Oakington de léiwe Geescht Guiny. Eng Frëndschaft entsteet an d'Mandy stellt de Kanner an den Erwuessenen aus dem Duerf de Guiny vir.

Marielys Flammang
**Duerchsiichteg Kanner**
Illustréiert vum Rebecca Demecheleer

Éditions Schortgen
Esch-Uelzecht, 2011




ISBN 978-2-87953-107-6

Et gouf ee Meedchen, dat kee konnt gesinn, oder jiddefalls bal keen. Jiddereen huet sech ëm seng Schwësterche bekëmmert an ëm aner Saachen. Bis op eemol alles ännert.

Tom Fletcher
**Wat mécht dee Supermenn an dengem Buch?**
Illustratiounen: Greg Abbott
Iwwersetzung: Sonia Thewes

Éditions Perspektiv
Stengefort, 2021




ISBN 978-9-9959-5672-1

De Supermenn ass an dësem Buch op enger wichteger Missioun : hie soll verhënneren, datt d'Krozelkett an d'Buch moolt. Mat Hëllef vun de Kanner déi d'Buch liesen, soll him dat och geléngen. Säit fir Säit gesinn d'Kanner wéi si dem Supermenn gehollef hunn.

Dolores Focaccetti
**Mamma, dajee!**

Éditions Schortgen
Esch-Uelzecht, 2017




ISBN 978-99959-36-43-3

Wann d'Mamma an der Nuecht net schlofe kann, huet se am Dag och keng Energie, fir vill mam Charel z'ënnerhuelen. Dat mierkt de klenge Charel, an hien hëlt sech vir, d'Mamma net méi déi ganzen Zäit op Trapp ze halen.

**Luc Foccroulle**
**Wéini ass Niklosdag?**
Illustratiounen: Annick Masson
Lëtzeburgesch Iwwersetzung:
Myriam Welschbillig

Mijade
Namur, 2018





ISBN 978-2-8077-0052-9

De Michel an de Patrick waarde ganz ongedëlleg op Niklosdag. Si stellen de Schong eraus, bliederen d'Spillsaachekatalogen duerch a maache schonn hir Lëscht. Hoffentlech bréngt de Kleeschen dëst Joer de Roboter, deen si sech sou gewënscht hunn...

**Luc Foccroulle**
**Fräschechouer**
Illustratiounen: Annick Masson
An d'Lëtzebuergescht iwwerdroe
vum Josée Klincker

Mijade
Namur, 2017




ISBN 978-2-8077-0011-6

Déi kleng Fräschemeedercher Berta a Lucie wëllen onbedéngt am Fräschechouer matsangen, mee d'Lucie ass nach ze kleng an d'Berta huet keen Talent. Déi zwee doe sech zesummen: D'Lucie spréngt am Berta seng Strass a séngt déi schéinste Melodien. Ob dat eng gutt Iddi ass?

**Luc Foccroulle**
**Dem Geméisgaart säi Geheimnis**
Illustratiounen: Annick Masson
An d'Lëtzebuergescht iwwerdroe
vum Josée Klincker

Mijade
Namur, 2017




ISBN 978-2-8077-0009-3

D'Lily ass beim Bopa an der Vakanz. Amplaz op der Plage ze leie wéi seng Frëndin, kann hatt nëmme mam Bopa am Geméisgaart schaffen. Mee nodeems hatt e Somkär geplanzt huet an dem Bopa säi Geméis kenneléiert, kritt hatt vill Freed am Gaart.

**Anne Frank**
**Dagebuch**
An d'Lëtzebuergescht iwwerdroe
vum Jeanny Friederich-Schmit

Éditions Friederich-Schmit, 2012

D'Anne Frank huet vum 12. Juni 1942 bis den 1. August 1944 a senger Stopp en Dagebuch geschriwwen. An dat a Form vu Bréiwer un d'Kitty. Hatt wollt, datt déi Texter sollte publizéiert ginn. Dem Anne seng handgeschriwwen Texter sinn am Anne-Frank-Haus zu Amsterdam ausgestallt a gehéieren zu der UNESCO-Weltkulturierfschaft.




ISBN 978-99959-741-1-4

**Dany Gales**
**Minimaus**
Illustréiert vun der Auteurin

SNE-Éditions
Lëtzebuerg, 2015

D’Minimaus wier gäre méi grouss a méi staark. Sou wéi de Léiw, huet de Papp gemengt. Mee wat ass de Léiw fir en Déier? D’Minimaus mécht sech op, fir e Léiw ze sichen. Ënnerwee léiert si vill Déieren an hir Eegenaarte kennen.

Et gëtt d’Buch och op Franséisch, Däitsch an Englesch. An all Buch leien Iwwersetzungen an deenen aneren 3 Sproochen an eng kleng Stoffmaus derbäi.

Minisouris: *ISBN: 978-2-87992-173-0*
Minimaus: *ISBN: 978-2-87992-172-3*
Minimouse: *ISBN: 978-2-87992-174-7*




*ISBN 978-2-87992-171-6*

**Marion Gandon**
**Nach eng kleng Geschicht... an da séier an d'Bett!**
Illustratiounen: Laurent Simon
Iwwersetzung: Christiane Kremer

Kremart Edition
Lëtzebuerg, 2018

3 verréckte Geschichten a Comic-Form, fir ze laachen, an duerno ze schlofen, a vläicht sou eng geckeg Geschicht ze dreemen...




*ISBN 978-99959-39-91-5*

**Adrian Gebhard**
**De Kasimir an d’Wisenten**
Illustréiert an aus dem Däitschen
Iwwersat vum Carlo Schneider

Éditions Revue
Déifferdéng, 2014

Dat klengt Källefche Kasimir wëllt onbedéngt d’Wisente kenneléieren, déi sollen sou grouss wéi e Bierg sinn. Am Déierepark, wou d’Wisente liewen, fënnt de Kasimir vill nei Frënn an zesummen hu si vill Spaass.




*ISBN 978-3-033-04687-0*

**Guido van Genechten**
**Däerf ech an deng Lomp luussen?**
Aus dem Hollänneschen iwwersat
vum Luc Marteling

Kremart Edition
Lëtzebuerg, 2022

Déi kleng Maus ass immens virwëtzeg. An alles wëllt si dra kucken. Wéi si den Hues begéint, wëllt si souguer an him seng Lomp luussen. A wat gesäit si do? Siwen Huesebënzelcher. Duerno kommen nach d'Geess, de Mupp, d'Kou, d'Päerd an d'Schwäin un d'Rei. Mee da wëllen d'Déieren och gesinn, wat an der Maus hirer Lomp dran ass. Mee dat ass eng Iwwerraschung! An dann ass Potti-Training ugesot!




*ISBN 978-99959-39-75-5*

**Guido van Genechten**
**De Geescht Gubi**
Iwwersetzung: Christiane Kremer

Kremart Edition
Lëtzebuerg, 2020

An der Geeschterschoul gefält et dem klenge Geescht Gubi richteg gutt: hien huet vill Frënn an d'Fluchstonne maachen him grouss Freed. Dat Eenzegt, wat hien net gutt kann, ass grujeleg huerelen. Dofir verdaamt de strengen Direkter hien an de verloossenen Tuerm, bis hien et richteg geléiert huet. Do begéint hien dem Kueder Mucki, dee ganz séier säi Frënd gëtt. Zesumme riichte si sech gemittlech am Geeschtertuerm an. Mä wat solle seng kleng Geeschterfrënn wuel dovunner halen?




*ISBN 978-2-919781-26-3*

**Guido van Genechten**
**Dee klenge wäisse Fësch lauschtert Waassermusek**
Iwwersetzung: Christiane Kremer

Kremart Edition
Lëtzebuerg, 2019

E Billerbuch mat Geräischer, an deem de klenge wäisse Fësch op senger Wanderung duerch d'Mier lauter Mieresdéiere begéint. All Déier mécht eng aner Musek, déi een souguer héiere kann, andeems een op ee klenge Knäppchen dréckt.





*ISBN 978-9959-3974-8*

**Guido van Genechten**
**Potti-Musek**
Iwwersetzung: Christiane Kremer

Kremart Edition
Lëtzebuerg, 2018

De Maestro Pingo invitéiert op e Potti-Concert. D'Schwéngchen, den Hond, de Fräsch an nach munch aner Déiere produzéieren déi ënnerschiddlechst Téin, wann si um Potti sëtzen. Jiddwer Geräisch ka gelauschtert ginn.




*ISBN 978-99959-39-82-3*

**Sonja Glodé**
**De Finn, seng Frënn an d'Lotta = Finn, ses amis et Lotta**
Op Franséisch iwwersat
vum Viviane Daman

Édition FGIL
Lëtzebuerg, 2019

No senger Rees gëtt de Finn vu senge Frënn häerzlech doheem empfaang. Si wëllen him als Iwwerraschung e grousst Fest organiséieren a stierzen sech an d'Virbereedungen. Fir de Finn hu si dofir elo keng Zäit méi. Also mécht hien sech eleng op de Wee a begéint dem Igelmeedche Lotta, mat deem hie vun elo u seng ganz Zäit verbréngt. D' Geschicht, déi op Lëtzebuergesch an op Franséisch erzielt gëtt, ka vu Kanner vum Cycle 3 selwer gelies oder scho Kanner aus dem Cycle 2 virgelies ginn.




*ISBN 978-99959-534-1-6*

Sonja Glodé
**De Finn geet op d'Rees = Le voyage de Finn**
Op Franséisch iwwersat
vum Viviane Daman

Édition FGIL
Lëtzebuerg, 2016

Op senger Rees duerch de Bësch léiert den Igel Finn eng Rei aner Déiere kennen: d'Kaweechelchen, de Fräsch, de Biber, de Spiecht.... Si all erzielen him, wéi si liewen, wat si gären hunn. Mee no enger Zäitche géif de Finn nees gären heem goen, fënnt de Wee awer net méi. D'Geschicht gëtt op Lëtzebuergesch a Franséisch erzielt. Si kann am Cycle 2 virgelies ginn, mee eréischt méi al Kanner kënnen de villen Text selwer liesen.




ISBN 978-99959-910-4-3

Mieke Goethals
**Den Ouschterhues verdeelt seng Kaddoen**
Gestioun vun der Iwwersetzung:
K-Conseil

Éditions Phi
Zolwer, 2022

Op grousse Wimmelbiller sichen d'Kanner, wou den Ouschterhues seng Kaddoe verstoppt huet. Sief et am Dschungel, um Südpol oder am Mier, iwwerall waarden Déierekanner op hire Kaddo aus Schockela. D'Kanner entdecken och kleng an deels witzeg Detailer, déi sech vun engem Wimmelbild op dat anert änneren.




ISBN 978-2-919791-81-1

Triny Gorza
**D'Geschicht vum klengen Dännebeemchen**

Édition FGIL
Lëtzebuerg, 2006

E klengen Dännebeemchen aus der Bamschoul huet sech an de Kapp gesat, e Chrëschtbeemchen ze ginn.
Hie mécht sech op de Wee an d'Stad. Wat hien do erlieft, mécht hien awer ganz traureg... Mat enger CD fir d'Geschicht ze lauschteren, an d'Lidder matzesangen.




ISBN 978-2-87996-741-7

René Gouichoux
**Den Tun wëllt en neie Pappa hunn**
Illustréiert vum Ginette Hoffmann
Aus dem Franséischen iwwersat
vum Josée Braun-Klincker

Mijade
Namur, 2013

Well den Tun et zimlech langweileg fënnt, fir all Dag mam Pappa Bier datselwecht z'ënnerhuelen, wëll hie sech en anere Pappa sichen.




ISBN 978-2-87142-858-9

**Romy Grandgenet**
**Schrauwelisi**
Illlustréiert vum Sandy Goedert

SNE-Éditions
Lëtzebuerg, 2012

Am Buch stinn 22 Kannerlidder fir ze liesen, ze lauschteren a matzesangen. En CD ass derbäi.





*ISBN 978-2-87992-158-7*

**Romy Grandgenet**
**Am Bretzelduerf**
Illustréiert vum Sandy Goedert

SNE-Éditions
Lëtzebuerg, 2009

Bretzelduerf ass eigentlech een Duerf wéi all déi aner Dierfer, mä dann awer och net. Hei ginn et nämlech Saachen, déi et soss op der Welt net gëtt. Well, wou gëtt et dat nach, datt e Jong de Mound ëm Hëllef freet, well seng Mamm beim Erziehen ëmmer iwwerdreiwe muss, datt en Erfinder, dee mierkt, datt en alles schonn erfonnt huet, sech eng Iddisichmaschinn baut fir nei Iddien ze hunn? Mä zu Bretzelduerf passéiert nach vill méi.




*ISBN 978-2-87992-045-0*

**Emily Gravett**
**Propper: en Dachs botzt**
Op Lëtzebuergesch gereimt
vum Vanessa Gabriel

Atelier Kannerbuch
Bäreldeng, 2021

De fläissegen Dachs ass frou, wann et a sengem Doheem, dem Bësch, schéi propper ass. Dofir botzt hie immens gär a vläicht och e bëssen ze vill: Hie reeft net nëmmen all d'Blieder op, mee och d'Beem musse verschwannen, fir datt keng nei Blieder eroffalen... Eng schéi Geschicht fir mat de Kanner iwwer Naturschutz ze schwätzen. Leider riskéiert de munchmol bossege Layout vum Text eventuell de Rhythmus vum Virliese ze briechen..




*ISBN 978-2-9199654-2-7*

**Emily Gravett**
**Gebutteks, Geméchels a Klimbim!**
Op Lëtzebuergesch gereimt
vum Vanessa Gabriel

Atelier Kannerbuch
Bäreldeng, 2021

Eng Koppel Kréien ass fläisseg am Gaang, hiert Nascht fir den Nowuess virzebereeden. Wéi bis véier perfekt Eeër am Nascht leien, leeë si no a no ëmmer méi Saachen dobäi, well si mengen, hir Kanner wiere soss net zefridden. Déi gereimte Geschicht mécht de Lieser op eng witzeg Manéier op säi Konsumverhalen opmierksam. Leider stellt de Layout vum Text d'Reimer heiansdo bosseg duer an de Rhythmus vum Virliese kann doduerch gebrach ginn.





*ISBN 978-2-9199623-8-9*

**Quentin Gréban**
**Wann ech grouss sinn, da ginn ech e Pompjee**
Illustréiert vum Auteur
An d'Lëtzebuergescht iwwerdroe
vum Josée Klincker

Mijade
Namur, 2018

Den Oscar wëllt onbedingt e Pompjee sinn. Well hien awer net fir een Asaz geruff gëtt, mécht hie sech selwer op de Wee, fir ze hëllefen, wou een an Nout ass. Och wann et am Ufank e puer Mol e bëssen dernieft geet, beweist hien awer am entscheedende Moment ganz vill Courage.




ISBN 978-2-8077-0044-4

**Quentin Gréban**
**A firwat sinn d'Wëllef dann esou béis?**
Illustréiert vum Auteur
An d'Lëtzebuergescht iwwerdro
vum Josée Klincker

Mijade
Namur, 2017

Eigentlech huet de Wollef dat klengt Schof nëmme frëndlech ugelaacht. Mee well hatt sou grouss Zänn nach ni gesinn hat, erféiert hatt a mengt, de Wollef wëllt hatt friessen. Et erzielt senge Frënn, de Schwäin, vun deem béise Wollef, an déi erzielen et weider.
A well jo ëmmer e bëssen iwwerdriwwe gëtt, gëtt d'Geschicht vum Wollef ëmmer méi grujeleg.





ISBN 978-2-8077-0010-9

**Quentin Gréban**
**Charly**
Illustréiert vum Auteur
An d'Lëtzebuergescht iwwerdroe
vum Josée Klincker

Mijade
Namur, 2017

De klenge Sheriff Charly huet säin éischte Mauszant verluer an e stéisst sech duerfir ganz staark beim Schwätzen. Dat mécht et fir hien net esou einfach, d'Raiber am Cactus-Dällchen ze fänken. Déi verstinn hien net a laache sech futti. De Charly verléiert de Courage. Wat soll hien nëmme maachen, fir sech Respekt ze verschafen?




ISBN 978-2-8077-0025-3

**Quentin Gréban**
**Klengen Indianer**
An d'Lëtzebuergescht iwwerdroe
vum Josée Klincker

Mijade
Namur, 2016

Fir e richteg gudden Indianer-Numm ze kréien, muss de klengen Indianer eppes ganz Extraes leeschten, mee d'Bisone maachen sech duerch d'Bascht, eng Adlerfieder an en Zant vum Bier kritt en och net, an e bréngt et och net fäerdeg, e Feil duerch e Cowboyshutt ze schéissen. An trotzdeem, wéi en nees heem kënnt, gëtt hie vu sengem ganze Stamm wéi en Held gefeiert.




ISBN 978-2-87142-988-3

**Quentin Gréban**
**D'Geschicht vum Hellegen Niklos**
Illustréiert vum Auteur
An d'Lëtzebuergescht iwwersat
vum Josée Klincker

Mijade
Namur, 2015

Déi bekannte Geschicht vum Hellegen Niklos, ganz traditionell erzielt a grafesch flott presentéiert, an enger vereinfachter Versioun fir déi Kleng.



ISBN 978-2-87142-

**Jakob Grimm & Wilhelm Grimm**
**D'Äschepiddelchen**
Biller vum Dan Taylor
Op Lëtzebuergesch gereimt
vum Vanessa Gabriel

Atelier Kannerbuch
Bäreldeng, 2021

D'Geschicht vum Äschepiddelchen gëtt an dësem Buch mat haarde Säiten a beweeglechen Detailer am Reim erzielt. Oppasse beim Virliesen: D'Reimer sinn duerch de Layout vum Text awer net op den éischte Bléck ze erkennen. Den Text an den Detail an den Zeechnunge riichten sech éischter u Kanner, déi méi al wéi 1 Joer sinn.



ISBN 978-2-9199654-6-5

**Jakob Grimm & Wilhelm Grimm**
**Den Hänsel an d'Gréitchen**
Biller vum Dany Taylor
Op Lëtzebuergesch gereimt
vum Vanessa Gabriel

Atelier Kannerbuch
Bäreldeng, 2021

Dëst Buch mat haarde Säiten a beweeglechen Detailer erzielt - deelweis a Reimen - de Klassiker vun de Gebridder Grimm. Oppasse beim Virliesen: D'Reimer sinn duerch de Layout vum Text awer net op den éischte Bléck ze erkennen. Duerch den Text, den Detail an den Zeechnungen an déi néideg Feinmotorik riicht sech dëst Buch u Kanner, déi méi al wéi 1 Joer sinn.



ISBN 978-2-9199654-5-8

**Jakob Grimm & Wilhelm Grimm**
**D'Routkäppchen**
Biller vum Natascha Rosenberg
Op Lëtzebuergesch gereimt
vum Vanessa Gabriel

Atelier Kannerbuch
Bäreldeng 2021

D'Buch mat haarde Säiten a beweeglechen Detailer erzielt dat berüümt Märche vum Routkäppchen a Reimer. Oppasse beim Virliesen: D'Reimer sinn duerch de Layout vum Text awer net op den éischte Bléck ze erkennen. Den Text an den Detail an den Zeechnunge riichten sech éischter u Kanner, déi méi al wéi 1 Joer sinn.



ISBN 978-2-9199654-3-4

**Jakob Grimm & Wilhelm Grimm**
**D'Schnéiwittchen**
Biller vum Dany Taylor
Op Lëtzebuergesch gereimt
vum Vanessa Gabriel

Atelier Kannerbuch
Bäreldeng, 2021




ISBN 978-2-9199654-4-1

D'Buch mat haarde Säiten a beweegle-chen Detailer erzielt dat berüümt Märche vum Schnéiwittchen a Reimer. Oppasse beim Virliesen: D'Reimer sinn duerch de Layout vum Text awer net op den éischte Bléck ze erkennen. Den Text an den De-tail an den Zeechnunge riichten sech éischter u Kanner, déi méi al wéi 1 Joer sinn.

**Jakob Grimm & Wilhelm Grimm**
**A well se net gestuerwe sinn...: Märercher vun de Bridder Grimm**
Illustréiert vum Lydie Develter
Iwwersat vum Renée Estgen-Mertens

Éditions Saint-Paul
Lëtzebuerg, 2006




ISBN 978-2-87963-319-0

An dësem Buch stinn 32 Märercher vun de Bridder Grimm, dorënner sinn och eng etlech, déi manner bekannt sinn.

**Sandra Grimm**
**D'Léini entdeckt d'Welt am Gaart**
Illustratiounen a Fotoen: Katja Senner
Op Lëtzebuergesch vum Vanessa Gabriel

Atelier Kannerbuch
Bäreldeng, 2021




ISBN 978-2-9599687-5-4

D'Léini an de Pol hëllefen dem Pappa am Gaart. Si ameséiere sech an entdecken dobäi ganz niewebäi, wéi een e Bam planzt, wat fir eng Déieren do ënnerwee sinn a wéini d'Äerdbier zeideg ass.

**Gast Groeber**
**De Griss**

Op der Lay
Esch-Sauer, 2010





ISBN 978-2-87967-169-7

D'Lucie, de Pol, den Tonio an den Yves sinn am fënnefte Schouljoer. Si hu sech eng Kartongsbud an deem ale Bauer Griss senger Wiss opgeriicht. Dat ass eng gutt Stopp matten an den Hecken. Vun do aus kënnen d'Kanner och emol bei de Griss Äppel klaue goen. De Griss geet bal net méi baussen d'Dier, an et ginn am Duerf allerhand bos-seg Geschichten iw-wert hien erzielt. D'Kanner léieren hie kënnen an entde-cken e ganz beson-nesche Mënsch. De Griss erzielt hinne vill Geschichten aus sengem Liewen. D'Eltere maache sech Suergen, wéi a wou d'Kanner hir Fräizäit verbréngen.

**Anselm Grün**
**D'Legend vum hellegen Niklos**
Illustréiert vum Giuliano Ferri
Aus dem Däitschen iwwersat
vum Christine Marx-Heck

Kremart Edition
Lëtzebuerg, 2017

D'Buch erzielt déi vill Legenden ronderëm de Kleeschen, déi dozou gefouert hunn, datt de 6. Dezember zum Dag vun de Kanner gouf. Zum Schluss gëtt speziell op de Kleeschen hei zu Lëtzebuerg verwisen.




*ISBN 978-99959-39-78-6*

**Charlotte Habersack**
**De Schusch an de Bier**
Mat Zeechnunge vum Sabine Büchner
Aus dem Däitschen iwwersat
vum Luc Marteling

Kremart Edition
Lëtzebuerg, 2019

De räiche Bier huet sech eng schick Hiel kaf, wou hie seng vill Suen ënnert senger Matrass verstoppt huet. Lues a lues verschanzt hie sech ëmmer méi a senger Hiel, aus Angscht, et kéint een him eppes klauen. Wéi gutt, datt de Schusch nach mat Zäiten dem Bier säi Wee kräizt. E Buch, dat eis léiert, datt Virurteeler a Mësstrauen dacks e Wee an d'Isolatioun sinn.




*ISBN 978-99959-39-97-7*

**Carla Häfner**
**Mäin Duerchkuckbuch Ouschterdag**
Illustratioun: Antje Flad
Op Lëtzebuergesch iwwersat
vum Vanessa Gabriel

Atelier Kannerbuch
Bäreldeng, 2021

D'Geschicht erzielt deene ganz Klengen, wéi den Ouschterhues sech op dat grousst Ouschterfest virbereet : Eeër fierwen, Kichelcher baken, Dekoratioun ophänken... D'Buch mat haarde Säiten huet op verschidde Säite kleng Kucklächer, déi Detailer vun der nächster Säit verroden oder vun der Säit virdrun erviewen.




*ISBN 978-2-9199623-9-6*

**Gabriele Hannemann**
**Marisha: d'Meedchen aus dem Faass: d'Geschicht vun der Malka Rosenthal**
Illustréiert vum Inbal Leitner

Editioun Friederich-Schmit
Biereng/Miersch Lëtzebuerg, 2016

Eng eescht, wichteg a wouer Geschicht vun dem klenge jiddesche Meedchen Marisha virun a während der Zäit vum Zweete Weltkrich. Leider ass se net einfach ze liesen, well d'Zeechesetzung, d'Schreifweis an de Layout maachen dat Ganzt leider oniwwersiichtlech.




*ISBN 978-99959-923-9-2*

Georges Hausemer
**Dem Sibbi seng Wierder**
Illustréiert vum Anja Thielen

Éditions Guy Binsfeld
Lëtzebuerg, 2008

De Sibbi ass e klenge Bier, dee gär mat den Zéiwen a mat Wierder spillt a sech nach vill léiwer um Kapp kraazt.




ISBN 978-2-87954-193-8

Patricia Hegarty
**Doheem**
Illustréiert vum Britta Teckentrup
Op Lëtzebuergesch vum Vanessa Gabriel

Atelier Kannerbuch
Bäreldeng, 2022

Grafesch uspriechend Billerbuch mat Säiten, wou ee kann duerchkucken, iwwer de Wäert vu jidder Doheem. Leider huet d'Buch e puer sproochlech Schwächte bei der Iwwersetzung.




ISBN 978-2-9599687-1-6

Guy Helminger & Manuela Olten
**Eng Taass fir d'Nefertiti Nilpäerd**
Iwwersat aus dem Däitsche
vum Guy Helminger

Capybarabooks
Lëtzebuerg, 2015

D'Nefertiti ass eng jonk Nilpäerd-Madamm, déi näischt fäert an net laang zéckt. Enges Mueres mécht si sech op de Wee, fir eng nei Taass ze kafen. Mä en Nilpäerd am Här Gréff sengem Parzeläinsbuttek ass genee sou eng Katastroph wéi en Elefant.




ISBN 978-99959-43-01-1

Nico Helminger
**De giele Fleck**
Konzept a Biller: Simone Johann

Op der Lay
Esch-Sauer, 2008

De klenge giele Fleck mengt, hie wär fir näischt ze gebrauchen. Hie begéint awer dem Reeboumann, deen him erkläert, datt ouni déi giel Faarf alles däischter an ellen op der Äerd wär.




ISBN 978-2-87967-127-7

Ève Hermann
**D'Boma verzielt vu fréier**
Illustratiounen: Roberta Rocchi
Iwwersetzung: K-Communication

Éditions Phi
Zolwer, 2021

Haut ass d'Boma op Besuch. Si weist de Kanner Fotoe vu fréier an erzielt hinne vum hirem Schoulwee.




ISBN 978-2-919791-31-6

Jeff Herr
**Kee fäert d'Lilli**
Illustratiounen: Sabrina Kaufmann

SNE-Éditions
Lëtzebuerg, 2019

Dat klengt Gespenst Lilli gesäit vill ze léif aus an d'Kanner aus dem Duerf fäerten hatt net genuch. Dofir schéckt seng Mamm et an d'Gespensterschoul, wou hatt léiere soll, richteg grujeleg ze jäizen. An dësem Buch kënnen d'Kanner, déi d'Geschichten erzielt kréien, dem klenge Lilli ganz aktiv hëllefen, andeems se en Deel vun der Geschicht ginn.




ISBN 978-2-9199485-6-7

Jeff Herr
**Gedichter a Geschichte fir déi Kleng**
Illustréiert vum Peter Beckhaus

Jeff Herr, 2013

Gedichter fir déi Kleng iwwert d'Déieren, d'Natur, d'Frënn an e Pirat.




ISBN 978-99959-824-0-9

Isabelle Hild
**Watgelift?**
Illustratiounen: Andrei Clonteia

Éditions PersPektiv
Stengefort, 2021

Firwat huet de Kéisécker Picken, den Elefant a laange Rüssel an d'Schwäin e Kréngelschwanz? Ganz einfach: Déi léif Fee Kressida wollt den Déieren hir Wënsch erfëllen. Mee well si awer schonn zimmlech al ass, héiert si net méi richteg, wat d'Déieren sech eigentlech gewënscht haten...




ISBN 978-9-9959-5692-9

**Gilles Hoffmann**
**Fario & Co / Knupperdulles & Co**
Illustréiert vum Gérard Claude

SNE-Éditions
Lëtzebuerg, 2013

Um Fësch Fario senger geféierlecher Rees d'Our erop léiert de Lieser vill iwwert d'Liewe vun der Frell, awer och iwwert d'Our. / Mam Ris Knupperdulles léiert de Lieser d'Liewen am Bësch kennen. Déi 2 Texter stinn tête-bêche am Buch.




ISBN 978-2-87992-352-9




ISBN 978-2-87992-352-9

**Gilles Hoffmann**
**D'Geheimnis vum Stollen**
Biller vum Carlo Muller

SNE-Éditions
Lëtzebuerg, 2012

Dëst Buch verbënnt d'Aktualitéit mat der Vergaangenheet. Zwee Kanner, de Jang an d'Jeanne, verschwannen an engem Stollen, jiddereent op eng aner Manéier. Si fanne sech, a si maachen Entdeckungen iwwer fréier Zäiten. Separat gëtt d'Geschicht vun der Léift vum Yehanna, enger Keltin, an dem Alexander, engem Réimer, erzielt. Eng Léift, déi net däerf sinn.




ISBN 978-2-87992-543-1

**Gilles Hoffmann**
**D'Geheimnis vum Schlass**
Biller vum Carlo Muller

SNE-Éditions
Lëtzebuerg, 2008

'T ass Vakanz, an d'Liz a säi Brudder Pol verbréngen déi meeschten Zäit op der Buerg. Do ginn et nach ëmmer nei Saachen z'entdecken. Enges Daags fanne si am Tuerm, hannert enger Faldier, e Geheimgank. Natierlech mussen déi 2 Detektiven deem nogoen, an dofir komme si engem grousse Geheimnis op d'Spur.




ISBN 2-87992-542-8

**Marie Hoffmann**
**Wa Lämmercher grouss ginn**
Illustréiert vun der Auteurin

Op der Lay
Esch-Sauer, 2012

De Mick, de Jéngsten aus der Famill Schof, fënnt et langweileg, datt d'ganz Famill d'selwecht ausgesäit. Hie léisst sech seng wäiss krauseleg Hoer ewechschneiden. Intressant um Buch ass, datt d'Illustratiounen net mat Faarwe gemoolt sinn, mä aus Schofswoll gefilzt.




ISBN 978-2-87967-184-0

**Martine Horsmans**
**Eng Hand voll Gléck**
Illustratiounen: Marie-Isabelle Callier

Bicherhaischen Editioun
Senningen, 2020

De Lee a seng Mamma begéinen enger eeler Damm, déi de Lee ongenéiert freet, wou en hierkënnt, well hie ganz anescht ausgesaït wéi seng Mamm. Et stellt sech d'Fro, wat eng richteg Mamm iwwerhaapt ass. Mat vill Gedold erkläert d'Mamm der Fra, datt hien adoptéiert ass. Déi Wierder, déi si fënnt fir hir Léift zum Lee ze beschreiwen, sinn einfach an ergräifend, a riichten sech éischter un d'Kand wéi un d'Fra. Sou erméiglecht d'Buch et mat jonke Kanner iwwert dat dach komplext Thema vun der Adoptioun ze schwätzen.




ISBN 978-99959-999-5-7

**Jhemp Hoscheit**
**De Schmunzel: eng ko(s)mesch Geschicht**
Mat Illustratioune vum Carlo Schneider

Éditions Guy Binsfeld
Lëtzebuerg, 2018

Am Bësch ass e Bam ëmgefall, an do, an enger Kaul, fannen d'Déieren e ganz besonnesche Steen. Dee kann nämlech schmunzelen. Och de Fierschter an den Astrophysiker, den Här Torsa, erkennen, datt dëse Steen eppes ganz Besonnesches ass, souguer vläicht e Meteorit. D'Déiere mussen sech duerfir asetzen, datt de Steen am Bësch stoe bleiwe kann.





ISBN 978-99959-42-38-0

**Jhemp Hoscheit**
**Den Eppes**
Illustréiert vum Dorota Wünsch

Éditions Guy Binsfeld
Lëtzebuerg, 2013

Zwou Maisercher fanne bei der Superdreckskëscht e Spillroboter. Si huelen den Eppes mat heem an hoffen, datt hien hinne kann hëllefen, wa Gefor lauert. Duerfir gi si souguer extra d'Gefor opsichen. Datt dat net gutt ka goen, ass jo kloer.




ISBN 978-2-87954-273-7

**Jhemp Hoscheit**
**Perl oder Pica: Roman**

Éditions Schortgen
Esch-Uelzecht, 1998 (7. Oplo, 2017)

1963 huet den Norbi, e Bouf vun 12 Joer, keng grouss Wiel. Et ass bal alles verbueden, an iwwert déi meescht Saache schwätzt een net. Et ginn déi Gutt oder déi Béis, déi Schwaarz oder déi Rout, den Himmel oder d'Häll – Perl oder Pica, wéi d'Schréfttype vun de Schreifmaschinnen, déi de Papp verkeeft.
De Roman gouf am Summer 2005 verfilmt.




ISBN 978-2-87953-527-2

**Jhemp Hoscheit**
**Mondelia**

Éditions Guy Binsfeld
Lëtzebuerg, 2010

Kuerz nodeems d'Marie an deem hondsgewéinlechen Haus beim Här Grimmler, engem passionéierten Hobby-Botaniker, op Besuch war, gëtt hatt entfouert. D'Mondelia, eng vun dem Här Grimmler senge Planze, war Zeie vun der Entféierung ginn. Lo weist d'Planz staark Reaktiounen a schéngt bei der Sichaktioun nom Marie ze hëllefen. Nieft der spannender Handlung kréie mir an dësem Buch vill intressant, awer och skurril Detailer iwwert d'Liewe vun de Planzen erzielt.




ISBN 978-2-87954-236-2

**Jhemp Hoscheit**
**Monsteren am Gaart**
Illustréiert vum Vanessa Staudt

Éditions Guy Binsfeld
Lëtzebuerg, 2008

De Jodi an de Miri sinn zwee Himmelsdéiercher. Enges Daags flitt de Miri aleng an den Nopeschgaart a gesäit do elauter grujeleg Monsteren. Wéi hien dem Jodi dovun erzielt, laacht deen en aus. Zesumme fléien de Jodi an de Miri nach eng Kéier an de Gaart.




ISBN 978-2-87954-197-6

De Jodi, dee vu sech behaapt, virun näischt Angscht ze hunn, erkläert sengem Frënd all déi grujeleg Monsteren. Bis op eemol och de Jodi viru sengem Monster steet.

**Jhemp Hoscheit**
**Zodi am Schatofor**
Illustréiert vum Michel Demart

Éditions Guy Binsfeld
Lëtzebuerg, 2002

Dee klenge Robin kann net zum Ritter geschloe ginn, well hie grad an deem feierleche Moment gepuupt huet. Hie muss d'Buerg verloossen, an et fänkt fir hien eng abenteuerlech Rees un.




ISBN 978-2-87954-113-6

Et stellt sech eraus, datt de Pupert Robin zaubere kann.
Lo ass keng Aufgab ze schwiereg fir hien.

**Renée Hutmacher**
**Den Emil fiert op Wien**

Gemoolt vum Cycle 2 (2017-2018)
Schoul an der Dällt
Illustratiounen: Anouk Kieffer

Éditions Phi
Zolwer, 2019

Den Emil fiert mam Bus op Wien bei seng Tatta. Hie mécht déi Rees ganz eleng, ouni seng Elteren, an erlieft dobäi interessant Momenter. E Buch mat Biller fir auszemolen.




ISBN 978-2-919791-19-4

**Tobias Hülswitt**
**De Benny Bonsai geet sech rächen**
Illustréiert vum Glummie Riday
Op Lëtzebuergesch adaptéiert vum
Jeanny Friederich-Schmit

Éditions Friederich-Schmit, 2011

Bonsai-Beem sinn net méi grouss wéi Blummen. „Wär et net schéin", soten sech e puer Fuerscher, „wann et Elefante giff ginn, déi kleng genuch wären, fir ënnert dëse Beem spadséieren ze goen?" D'Fuerscher hunn also ganz kleng Elefanten erfonnt. Ee vun deene butzegen Elefanten ass de Benny Bonsai. D'Marie an de Carlo kafen hien an engem Déierebuttek. Bei de Kanner doheem gëtt vill gespillt an de Benny Bonsai mécht sech och nëtzlech, wou hien nëmme kann. Wann do net den Noper Granzeg wär! Am Buch steet den Text och op Däitsch an op Franséisch.




ISBN 978-99959-668-2-9

**Jacky Jack**
**Happy Hoppel an de Wollef**
Zeechnungen: Myriam Karels

Jacques Kremer
2021

Den Happy ass e lëschtege klengen Hues, mee säi klenge Brudder hält hie fir en Angschthues a mécht dacks de Geck mat him. Wann dee wéisst, datt den Happy haut dem Wollef begéint... D'Geschicht ass a Reimer erzielt.




ISBN 978-99959-943-7-2

**Bianca Jahnke-Oppold**
**Mäi séiere Pappa: et gëtt vill Méiglechkeete fir séier ze sinn**
Op Lëtzebuergesch an op Franséisch
adaptéiert vum Jeanny Friederich-Schmit

Éditions Friederich-Schmit, 2011

Dem Henri säi Papp ass am Rollstull. Hie war schonn op ville Coursen derbäi a wëll elo de Marathon duerchhalen. Den Henri ass ganz dacks um Training derbäi an hien ass ganz houfreg op säi Papp.
Hannen am Buch steet d'Geschicht op Däitsch an op Franséisch.




ISBN 978-99959-668-4-3

**Janosch**
**Oh, wéi ass Panama esou schéin**
aus dem Däitschen iwwersat
vum Georges Hausemer

Capybarabooks
Lëtzebuerg, 2012

„Oh, wie schön ist Panama", dem Janosch säi Kannerbuch-Klassiker, läit hei an der lëtzebuergescher Iwwersetzung vir. De Bier an den Tiger mat senger Tiger-Int maache sech op de Wee no Panama, an d'Land vun hiren Dreem. Si erliewen allerhand ënnerwee, mä „wann een e Frënd huet, da brauch een näischt ze fäerten".




ISBN 978-99959-751-1-1

**Romain Jeblick**
**Déi schéinste Soe vu Lëtzebuerg: Band 2**
Illustréiert vum Julia Jeblick

Éditions Friedrich-Schmit / Éditions Revue
Déifferdéng: Biereng, 2018

Dëst ass den zweete Band mat 15 Soen aus Lëtzebuerg, déi nei erzielt ginn. D'Soe baséieren erëm op dem Recueil „Sagen des Luxemburger Landes".




ISBN 978-99959-45-43-5

**Romain Jeblick**
**Déi schéinste Soe vu Lëtzebuerg: Band 1**
Illustréiert vum Andy Genen
Aus dem Däitschen iwwersat vum Romain Jeblick

Édition Friedrich-Schmit / Éditions Revue
Biereng/Miersch / Déifferdéng, 2017

14 deels vergiesse Soen, déi zu enger Rei vu Lëtzebuerger Dierfer erzielt goufen. (z.B. Dee verhexte Mann vu Lëntgen). Grondlag zu dësem Buch sinn "Sagen des Luxemburger Landes" vum Nikolaus Gredt aus dem Joër 1883.




ISBN 978-99959-45-29-9

**Jason Kamfer**
**Dem Ayabonga säi Wee = Ayabonga se Lewensreis**

Jason Kamfer, 2014

Eng Geschicht aus Südafrika, déi dat schwéiert Liewe vum Ayabonga a senger Famill erzielt. Hien däerf net an d'Schoul goen, well hien an der Illegalitéit lieft. Wéi hien trotzdem liesen a schreiwe léiert, erzielt iech dëst Buch. D'Buch ass just ze kréie bei www.bonnievale.org.





ISBN 978-99959-0-093-9

**Josiane Kartheiser**
**Dem Lou säin abenteuerleche Summer**
Illustréiert vum Carlo Schneider

Josiane Kartheiser
Bartreng, 2012

10 Geschichte stinn an dësem Buch. An der Titelgeschicht geet et ëm de Schimpans Lou, dee bei dem Fabien de Clermont um Schlass lieft. Am Summer kommen dem Fabien seng Enkelkanner mat hirem Frënd Massimo an d'Vakanz. Da geschitt eppes ganz Opreegendes: de Lou gëtt entfouert.




ISBN 978-99959-714-1-0

**Josiane Kartheiser**
**De Maxi an de Geschichtenerzieler**
Illustréiert vum Nadezda Kozomara

Éditions Le Phare
Esch-Uelzecht, 2004

De Bongo kënnt aus engem Land aus Afrika. Hien huet missen a sengem Land fortlafen an esou koum hien an dat klengt Duerf, wou hien elo wunnt. Hie ka wonnerbar Geschichten erzielen, a besonnesch de klenge Maxi ass begeeschtert. De Bongo erzielt nämlech vun enger Welt, ganz anescht wéi d'Welt an där hie lieft. Well fir de Bongo alles en Tauschgeschäft ass, muss och de Maxi him Geschichten erzielen. An esou entdeckt de Maxi, datt alles am Liewe méi flott gëtt, wann een eng Geschicht draus mécht.




ISBN 978-2-87964-079-2

**Rudyard Kipling & Elli Woollard**
**Einfach esou Geschichten**
Illustréiert vum Marta Altés
Op Lëtzebuergesch iwwersat
vum Vanessa Gabriel

Atelier Kannerbuch
Bäreldeng, 2021

Dës klassesch Déieregeschichten, nei adaptéiert a wonnerschéin illustréiert, erziele vun Ënnerscheeder tëscht wëllen Déieren a spille sech gréisstendeels an exotesche Géigenden of. Op eng fantasievoll Manéier léiere mir ë.a., wéi d'Kaméil säi Bockel kritt huet, d'Nashorn seng déck Haut an den Elefant säi Rüssel.




ISBN 978-2-9199654-8-9

**Jeff Kinney**
**Dem Greg säin Tagebuch 2 - Ass eppes?: e Comic-Roman**
Aus dem Engleschen op Lëtzebuergesch
Iwwersat vum Georges Hausemer

Capybarabooks
Lëtzebuerg, 2016

D'Suite vum Greg senge berühmten Tagebuchgeschichten op Lëtzebuergesch.




ISBN 978-99959-43-08-0

**Corinne Kohl-Crouzet &**
**Maxime Blanco**
**D'Melusina a seng Verwandlungen = Mélusine et ses métamorphoses**
Aus dem Franséischen iwwersat vum
Sylvie Fasbinder

Édition FGIL
Lëtzebuerg, 2014

D'Geschicht vun der Melusina, déi fest zur Lëtzebuerger Geschicht gehéiert, fänkt an der Antiquitéit un. Der Melusina hir Verwandlunge ginn am Buch an zwou Sproochen erzielt: Franséisch a Lëtzebuergesch. D'Buch gëtt et och an der Versioun Däitsch / Portugisesch.





ISBN 978-99959-002-6-7

Corinne Kohl-Crouzet
**Europa ënner dem Keeser Karel IV. vu Lëtzebuerg: dem Lucky seng Reesen**
Illustréiert vum Iva Mrazkova
Iwwersetzung: Myriam Welschbillig

Corinne Kohl & Iva Mrazkova
Lëtzebuerg, 2016

Vum Enn vum Mëttelalter bis zum Dout vum Keeser Karel IV. gëtt hei d'Geschicht vun Europa, an domat och vu Lëtzebuerg, nogezeechent. Et gëtt d'Buch an enger franséisch-lëtzebuergescher an och an enger tschechesch-englescher Versioun.



*ISBN 978-9-995970-73-4*

---

Corinne Kohl-Crouzet
**D'Geheimnisser ëm d'Gräfin Ermesinde: dem Lucky seng Reesen**
Illustréiert vum Iva Mrazkova
Op Lëtzebuergesch iwwersat
vum Sonny Lichter

Corinne Kohl & Iva Mrazkova
Lëtzebuerg, 2011

Dëst Buch gëtt et an enger franséisch-lëtzebuergescher an an enger portugisesch-däitscher Versioun. An deenen 2 Sprooche jeweils gëtt a Véierzeiler d'Geschicht vun der Gräfin Ermesinde erzielt. Ënnen op der Säit steet eng kleng geschichtlech Lektioun, eng Kéier op Franséisch, déi aner Kéier op Portugisesch. Dernieft gëtt et och e Kaartespill, fir op eng spilleresch Aart a Weis d'Geschicht ze léiren.




*ISBN 978-99959-707-0-3*
*ISBN 978-99959-707-1-0*

---

Corinne Kohl-Crouzet
**Op de Spuere vum Jang de Blannen: dem Lucky seng Reesen**
Illustréiert vum Iva Mrazkova
Op Lëtzebuergesch iwwersat
vum Marc Angel

Corinne Kohl & Iva Mrazkova
Lëtzebuerg, 2010

Erzielt gëtt a Véierzeiler vu grousse Momenter aus dem Liewe vun dësem Mann, dee mat 13 Joer Grof vu Lëtzebuerg gouf a mat 14 Joer Kinnek vu Béimen. D'Buch gëtt et a verschiddene méisproochege Versiounen.
Ëmmer derbäi de Lucky, de klenge bloe Vugel. Ënnen op der Säit steet eng kleng geschichtlech Lektioun.



*ISBN 978-99959-615-8-9*
*ISBN 978-99959-615-5-8*
*ISBN 978-99959-615-9-6*
*ISBN 978-99959-615-7-2*
*ISBN 978-99959-615-6-5*

---

Corinne Kohl-Crouzet
**Hellewech iwwert ons Stad: dem Lucky seng Reesen**
Illustréiert vum Iva Mrazkova
Op Lëtzebuergesch iwwersat
vum Marc Angel

Corinne Kohl-Crouzet
& Iva Mrazkova, 2008

Et ass d'Geschicht vum klenge bloe Vigelchen, dem Lucky. Op sengem Fluch iwwert d'Stad Lëtzebuerg kuckt hie sech 27 Plazen, Gebaier oder Monumenter méi genee un. Derniewent steet all Kéier e Véierzeiler op Franséisch an op Lëtzebuergesch, an och eng kleng geschichtlech Lektioun, déi allerdéngs nëmmen op Franséisch.
D'Buch gëtt et a verschiddene méisproochege Versiounen.




*ISBN 978-99959-615-0-3*
*ISBN 978-99959-615-1-0*
*ISBN 978-99959-615-2-7*
*ISBN 978-99959-615-3-4*

**Gilles Kolbet**
**Pantastesch**
Illustratiounen: Marcel Morbé

Ernster Éditions
Lëtzebuerg, 2021

De klenge Panda Teo huet d'Flemm. Jidderee wëllt ëmmer nëmme mat him knuddelen, mä dorop huet hie guer keng Loscht. Wär hien nëmme sou staark wéi säi Virbild de Léif, dann hätt hien och emol de Courage fir neen ze soen. Fir sech Rot ze huelen, mécht hie sech op d'Sich nom Kinnek vun den Déieren. Mä deen ass ganz anescht wéi erwaart...





ISBN 978-2-9199448-4-2

**Alfred Könner**
**Den Däreldéier Pit**
Illustréiert vum Eberhard Binder
an d'Lëtzebuergescht an an d'Franséischt iwwerdroe vum Jeanny Friederich-Schmit

Éditions Friederich-Schmit, 2012

Uewen um Bam gesäit de Pit e schéine säftegen Apel. Zesumme mat all senge Frënn probéiert hien den Apel ze erwächen, fir datt e vum Bam fält. Dat ass awer guer net sou einfach. Am Buch steet d'Geschicht och op Däitsch an op Franséisch.




ISBN 978-99959-668-5-0

**Christiane Kremer**
**So mol, Lobo!**
Illustratiounen: Vincent Biwer

Kremart Edition
Lëtzebuerg, 2018

Kee lauschtert dem Lobo no. All sinn se ze beschäftegt fir him op seng Froen ze äntweren! Duerfir beschléisst de Lobo, net méi ze schwätzen. Hie mécht nëmme méi Zeechen. Da begéint hien d'Lola a säin Hond Micky. Solle si de Lobo erëm un d'Schwätze kréien?




ISBN 978-99959-39-92-2

**Christiane Kremer**
**Mammendag: dem Sarah seng Sich nom richtege Cadeau**
Illustréiert vum Anne Mélan

Kremart Edition
Lëtzebuerg, 2013

D'Sarah sicht no engem ganz besonnesche Cadeau fir seng Mamm. Et soll mol eemol keng Bastelaarbecht sinn. Schlussendlech, no villem Hin an Hier, bréngе seng Frënn hat op d'Iddi: Hatt schenkt der Mamm e Weekend ganz fir si selwer. Eng flott Geschicht fir Mammendag, déi zur Diskussioun ureegt.




ISBN 978-99959-830-0-0

Christiane Kremer
**De Poli an d'Maisy = Poli & Maisy**
Illustréiert vum Aline Forçain

Kremart Edition
Lëtzebuerg, 2016




ISBN 978-99959-39-38-0

De Villche Poli fënnt een ongewéinleche Frënd: d'Fliedermaus Maisy. Am Unhang gëtt et Informatiounen iwwert d'Villercher an iwwert d'Fliedermäis.
Et gëtt d'Buch just nach an enger liicht gekierzter zweesproocheger Versioun Lëtzebuergesch-Franséisch D'franséisch Iwwersetzung ass vum Marilyn Schmit.

Jean de La Fontaine
**D'Grill an d'Seejomes an nach aner Fabelen op Lëtzebuergesch**
Illustratiounen: Daniela Guedes
Iwwersetzung: Liliana Miranda

Lilu Edition
Diddeleng, 2018




ISBN 978-2-9199512-2-2

6 Fabele vum Jean de La Fontaine ginn hei op Lëtzebuergesch noerzielt: D'Grill an d'Seejomes, De Kueb an de Fuuss, De Fräsch, deen esou grouss wollt sinn ewéi en Ochs, D'Déiwen an den Iesel, De Fuuss an de Storch, De Léiw an d'Méck.

Orianne Lallemand
**Mam Wollef d'Auer léieren**
Illustratioune vum Éléonore Thuillier
Iwwersetzung: Myriam Welschbillig

Éditions PersPektiv
Stengefort, 2022




ISBN 978-9-9959-5693-6

Déi ganz Kleng begleeden de Wollef e ganzen Dag laang. Si drénke mat him Kaffi, begleeden hien op e Fluch, gi mat him lessen an op d'Mëttesrascht. Eng am Buch integréiert kleng Auer hëllleft hinnen, d'Auerzäit ze liesen a selwer un den Zären ze dréinen, fir d'Auer richteg ze stellen.

Orianne Lallemand
**Sichen a fannen: an der Natur**
Illustratioune vum Eléonore Thuillier
Iwwersetzung: Sonia Thewes

Éditions PersPektiv
Stengefort, 2022




ISBN 978-2-9198-1307-0

D'Kanner entdecken an dësem Buch mat haarde Säite zesumme mam Wëllefche verschidde Plazen a ginn dozou opgefuerdert, eenzel Detailer op engem Wimmelbild erëmzefannen.

**Orianne Lallemand**
**De Wëllefchen geet gär an d'Schoul**
Illustratioune vum Éléonore Thuillier
Iwwersetzung: Sonia Thewes

Éditions PersPektiv
Stengefort, 2022

De Wëllefche geet gär an d'Schoul. Do spillt hie mat senge Frënn, bastelt schéi Saachen a seng Joffer ass ganz léif. D'Buch huet haart Säiten.




ISBN 978-2-919813-05-6

**Orianne Lallemand**
**De Wëllefchen kritt en Hausdéier**
Illustratioune vum Éléonore Thuillier
Iwwersetzung: Sonia Thewes

Éditions Perspektiv
Stengefort, 2022

Haut kritt de Wëllefche säin éischt Hausdéier. Lo muss hie gutt op säi klengen Hamster oppassen, well hie weess: en Déier ass keng Spillsaach, mee eppes Lieweges.




ISBN 978-2-9198-1310-0

**Orianne Lallemand**
**De Wëllefchen wäscht sech d'Zänn**
Illustratioune vum Éléonore Thuillier
Iwwersetzung: Sonia Thewes

Éditions PersPektiv
Stengefort, 2022

All Dag mécht de Wëllefchen dee selwechten Zodi - hien huet keng Loscht, seng Zänn ze wäschen! Mee mat Hëllef vum klenge Pier wäert sech dat séier änneren. Mee wien ass dann de klenge Pier?




ISBN 978-2-9198-1303-2

**Orianne Lallemand**
**De Wëllefchen seet ëmmer neen**
Illustratioune vum Éléonore Thuillier
Iwwersetzung: Josée Klincker

Éditions PersPektiv
Stengefort, 2021

Haut ass de Wëllefche nawell schéi granzeg. Hie seet zu allem neen. Och bei der Boma wëllt hie mol kee Kuch baken. Wat ass nëmme mat him lass? Wéi gutt, datt d'Boma d'Léisung huet...




ISBN 978-9-9959-5689-9

Orianne Lallemand
**De Wëllefchen gëtt net gäre mat**
Illustratioune vum Éléonore Thuillier
Iwwersetzung: Myriam Welschbillig

Éditions Perspektiv
Stengefort, 2021

Haut kënnt dem Wëllefchen seng Kusin Luana op Besuch. Hien ass scho ganz ongedëlleg. Mee wéi hatt dunn endlech do ass, wëll de Wëllefchen seng Spillsaachen net mat him deelen. Mat wat sollen si dann elo spillen?




ISBN 978-9-9959-5690-5

Orianne Lallemand
**De Wëllefchen passt op d'Schwësterchen op**
Illustratioune vum Eléonore Thuillier
Iwwersetzung: Sonia Thewes

Éditions PersPektiv
Stengefort, 2021

Haut këmmert de Wëllefchen sech ëm seng kleng Schwësterchen. Hien deet et un, spillt mat him a gëtt him z'iessen. Hien ass e richteg gudde grousse Brudder, mä dat ass alles méi ustrengend wéi hie geduecht hat...




ISBN 978-9-9959-5685-1

Orianne Lallemand
**De Wëllefchen rett de Planéit**
Illustratioune vum Eléonore Thuillier
Iwwersetzung: Sonia Thewes

Éditions PersPektiv
Stengefort, 2020

De klenge Wëllefchen huet an der Schoul geléiert, datt eise Planéit a Gefor ass. Doheem weisen d'Mamma an de Pappa him, wéi e recycléiert, de Geméisgaart ouni Gëft an der Rei hält a Stroum spuert. De Wëllefchen ass sech sécher, datt hien d'Welt rette kann, andeems hie scho kleng Gewunnechten ännert.




ISBN 978-9-9959-5671-4

Orianne Lallemand
**De Wëllefchen verkleet sech**
Illustratioune vum Eléonore Thuillier
Iwwersetzung: Myriam Welschbillig

Éditions PersPektiv
Stengefort, 2020

Fir dat grousst Schoulfest soll de Wëllefchen sech verkleeden. Als Ritter hëlt hien um Ëmzuch deel a fënnt och eng léif Prinzessin. Elo feelt him just nach eng Buerg, déi hien eruewere kann...




ISBN 978-9-9959-5661-5

**Orianne Lallemand**
**De Wollef muss d'Beem retten**
Illustratioune vum Éléonore Thuillier
Iwwersetzung: Myriam Welschbillig

Éditions PersPektiv
Stengefort, 2022

De Wollef ass immens frou mat de Beem a geet all Dag an de Bësch. Enges Daags gesäit hien, datt lauter Beem aus dem Buedem gerappt goufen. Séier mécht hien sech op d'Sich nom Schëllegen, mee geréit dobäi selwer a Gefor... An dëser léiwer Geschicht léieren d'Kanner ganz niewebäi, wéi eng Roll d'Beem am Ökosystem Bësch spillen.




ISBN 978-2-9198-1304-9

**Orianne Lallemand**
**De Wollef, deen net méi wollt zu Fouss goen**
Illustratioune vum Éléonore Thuillier
Iwwersetzung: Myriam Welschbillig

Éditions Perspektiv
Stengefort, 2021

De Wollef huet keng Loscht méi, zu Fouss ze goen a probéiert all Mount en anert Fortbeweegungsmëttel aus. Mee déi passen och net sou gutt, wéi hie sech dat erwaart hat... Eng kleng Geschicht mat taktilen Elementer fir d'Méint kennen ze léieren.




ISBN 978-99959-5691-2

**Orianne Lallemand**
**De Wollef, deen e Kënschtler wollt sinn**
Illustréiert vum Éléonore Thuillier, aus dem Franséischen iwwersat vum Josée Klincker

Éditions Auzou Benelux
Lëtzebuerg, 2015

De Wollef spiert op eemol seng kënschtlerech Oder. Dichter, Moler, Sculpteur, Schauspiller... alles reizt hien.
Mä dat ass awer net esou einfach, an de Wollef brauch e bësschen Zäit a muss e puer Iwwerraschungen erliewen, bis hie säi Wee fënnt.




ISBN 978-2-37001-056-8

**Orianne Lallemand**
**De Wollef mécht eng Zäitrees**
Illustratioune vum Eléonore Thuillier
Iwwersetzung vum Josée Klincker

Éditions Auzou Benelux
Paris, 2015

D'Thema ass hei d'Geschicht: Um Späicher fënnt de Wollef e Buch, mat deem hien eng Zäitrees maache kann. Hie bliedert Säit fir Säit ëm, an all Kéier lant hien an enger anerer Zäit: bei den Dinosaurier, bei den Urmënschen, duerno bei de Réimer ...




ISBN 978-2-37001-079-7

Orianne Lallemand
**De Wollef, deen eng Weltrees maache wollt**
Illustréiert vum Éléonore Thuillier,
aus dem Franséischen iwwersat
vum Myriam Welschbillig

Éditions Auzou Benelux
Lëtzebuerg, 2014




ISBN 978-2-37001-035-3

Et ass dem Wollef langweileg a sengem Bësch. Duerfir peekt hie seng Wallis a geet op d'Rees. Et geet op Paräis, op London, souguer an Ägypten, Kanada, China, fir nëmmen e puer Länner ze nennen. Op der Landkaart am Buch kann een dem Wollef seng Rees novollzéien.

Orianne Lallemand
**De Wollef, dee gär eng Frëndin gehat hätt**
Illustréiert vum Éléonore Thuillier, aus dem
Franséischen iwwersat vum Josée Klincker

Éditions Auzou Benelux
Lëtzebuerg, 2013




ISBN 978-2-37001-007-0

De Wollef wëll eng Frëndin, weess awer net, wourun hien erkenne kann, datt et déi richteg ass.

Orianne Lallemand
**De Wollef, dee vill ze vill frou mat sech selwer war**
Illustréiert vum Éléonore Thuillier, aus dem
Franséischen iwwersat vum Josée Klincker

Éditions Auzou Benelux
Lëtzebuerg, 2013




ISBN 978-2-37001-005-6

De Wollef wëll dee Stäerksten, dee Rafinéiertsten, dee Schéinste sinn. Mä huet en dann nach Frënn?

Suzanne Lang
**De Jimmy mécht d'Nuecht duerch**
Illustratioune vum Max Lang
Iwwersetzung: Sonia Thewes

Éditions PersPektiv
Stengefort, 2022




ISBN 978-2-9198-1313-1

De Jimmy ass ganz opgereegt: hie geet mat sengem Frënd Theo bei seng Famill op eng Pyjamasparty. Do gëtt déi ganz Nuecht duerch gespillt, et gi Geschichten erzielt an ... et gëtt e bësse gestëppelt.

**Suzanne Lang**
**De Jimmy -**
**O nee! Schonn nees Chrëschtdag**
Illustratioune vum Max Lang
Iwwersetzung: Sonia Thewes

Éditions Perspektiv
Stengefort, 2021




ISBN 978-2-9198-1300-1

De Jimmy ass granzeg: et reent, d'Bananne sinn ze gréng an iwwerall ass Bulli. Den aneren Déiere mécht dat näischt aus. Si freeën sech op Chrëschtdag a si schonn a Feierlaun. Just de Jimmy huet keng Loscht op Chrëschtdag an ass genervt. Ob seng Frënn hie wuel ëmstëmme kënnen? Eng léif Geschicht, déi de Kanner weist, datt Zefriddenheet eng Saach vun Astellung ass.

**David Lauer**
**De Raffi ass krank**
Illustratiounen: Natascha Lang

SNE-Éditions
Lëtzebuerg, 2019




ISBN 978-2-87992-176-1

De klenge Raffi huet de ganze Mëtteg mat sengen neie Frënn am Schnéi gespillt. Well hien awer net waarm genuch ugedoe war, ass hie lo krank. All Dag komme seng Frënn hie besichen a bréngen him e waarmt Kleedungsstéck mat, fir datt hie séier rëm gesond gëtt. Sou léiert hie ganz niewebäi, wéi ee sech am Wanter kleede soll.

**Catherine Leblanc & Roland Garrigue**
**Ech fäerten dach keng Albdreem!**
Iwwersetzung: Myriam Welschbillig

Éditions PersPektiv
Stengefort, 2019




ISBN 978-9-9959-5640-0

Et ass guer net schéin, Albdreem ze hunn. Si maachen engem Angscht a bréngen een duercherneen. Mee et kann een eppes dergéint maachen, et muss ee sech just trauen.

**Catherine Leblanc & Roland Garrigue**
**Ech fäerten dach keng Hexen!**
Iwwersetzung: Myriam Welschbillig

Éditions PersPektiv
Stengefort, 2019




ISBN 978-9-9959-5639-0

Hexe gesinn ellen aus, kënne fléien, wëllen dech lackelen. Et däerf een hinnen net trauen. Fir se lass ze ginn, muss een allerhand Tricken uwenden.

**Catherine Leblanc & Roland Garrigue**
**Ech fäerten dach kee Wollef**
Iwwersetzung: Myriam Welschbillig

Éditions PersPektiv
Stengefort, 2018

D'Wëllef, déi een um Aschlofen hënneren, kann ee liicht verjoen, z. B. andeems een an hire Pelz bléist oder ganz haart Musek opdréint. Eng ganz Rei Tricke gëtt een an dësem Buch gewuer, an da brauch ee keng Angscht méi ze hunn.




ISBN 978-9-9959-5627-1

**Sophie Ledesma**
**De klenge Fuuss geet an d'Vakanz**
Aus dem Franséische
vum Christiane Kremer

Kremart Edition
Lëtzebuerg, 2018

An der Vakanz mécht de klenge Fuuss vill Fotoen an erzielt sengem Kuscheldéier, wat hien alles erlieft: ënnerwee, um Strand, beim Tauchen, beim Lagerfeier... Mat engem Zauber-Fotoapparat fir Geheimnisser z'entdecken!




ISBN 978-99959-39-79-3

**José Jorge Letria**
**Wann ech e Buch wier = Se eu fosse um livro**
Iwwersetzung: Christiane Grün

Kremart Edition
Lëtzebuerg, 2019

Een zweesproochegt Billerbuch: Lëtzebuergesch – Portugisesch. Ganz plakativ an humorvoll gëtt den Notze vum Buch mat engem Sproch illustréiert, deen ëmmer mam selwechte Saz ufänkt:"Wann ech e Buch wier...". Eng poetesch Duerstellung fir all Buchfrënd, net nëmme fir Kanner.




ISBN 978-99959-39-90-8

**Brian Lies**
**Nom Reen schéngt d'Sonn**
Iwwersetzung: Sonia Thewes

Éditions PersPektiv
Stengefort, 2022

De Jang a säin Hond sinn déi beschte Frënn. Si maachen alles zesummen: spillen, spadséiere goen, am Gaart schaffen. Mee enges Mueres gëtt dem Jang säin Hond net méi waakreg a fir de Jang brécht eng Welt zesummen. Wéi geet et da lo mam Jong weider? Dës ergräifend Geschicht hëlleft de Kanner, iwwer d'Theema Trauer a Verloscht ze schwätzen.




ISBN 978-2-9197-1308-7

**Auguste Liesch**
**D'Maus Kätti**
Mat Illustratione vum Valérie Willame

Éditions Radar
Lëtzebuerg, 2019

Déi wuel bekanntste Maus aus Lëtzebuerg erzielt hiren Enkelkanner vun hiren Erliefnesser mat hirer Cousine Mim. Eng schéi kandgerecht Versioun vun der Maus Kätti mat ganz flotten Illustratiounen.





ISBN 978-2-9199587-0-2

**Auguste Liesch**
**D'Maus Kätti**
Illustréiert vum Alison Koch-Kent

Éditions Schortgen
Esch-Uelzecht, 2013

Den Auguste Liesch erzielt déi klassesch Fabel vun der Stad- an der Landmaus op Lëtzebuergesch: d'Geschicht vun der Maus Kätti vu Biermereng an hirer Cousine Mim aus Clausen.





ISBN 978-2-87953-175-5

**Astrid Lindgren**
**D'Pippi gëtt Inselprinzessin**
Op Lëtzebuergesch iwwersat
vum Melissa Westerlund-Monet
Illustratioune vum Ingrid Vang Nyman

Éditions Saint-Paul
Lëtzebuerg, 2019

Den drëtte Band vum Pippi Langstrumpf, an deem hatt op der Insel Kurrekurredutt Prinzessin soll ginn, gëtt et elo och op Lëtzebuergesch.




ISBN 978-99959-2-042-5

**Astrid Lindgren**
**D'Pippi geet u Bord**
Illustréiert vum Ingrid Vang Nyman
Op Lëtzebuergesch iwwersat vum Melissa Westerlund-Monnet

Éditions Saint-Paul
Lëtzebuerg, 2017

Déi bekannt Geschicht vum Pippi, dat fir ëmmer bei säi Papp segele wëllt, fort vu senge Frënn Tommy an Annika, op d'Insel Kurrekurredutt, wou de Papp Kinnek ass.




ISBN 978-99959-2-016-6

Hatt freet sech immens op e Liewen als Prinzessin, mee den Tommy an d'Annika wëllen op kee Fall hir Frëndin verléieren.

Astrid Lindgren
**D'Pippi**
Illustréiert vum Walter Scharnweber
Op Lëtzebuergesch iwwersat vum Melissa Monnet

Éditions Saint-Paul
Lëtzebuerg, 2016

D'Pippi heescht op Lëtzebuergesch: Pippi Laangstrëmp. An dësem Buch gëtt et 11 flott iwwersate Geschichte vum Pippi fir virzeliesen oder selwer ze liesen.




ISBN 978-2-87963-999-4

Alan Waliss Lloyd
**Dick Whittington a seng Kaz**
Illustratioune vum Lisa-Maria Graf
Op Lëtzebuergesch iwwersat
vum Jeanny Friederich-Schmit

Editioun Friederich-Schmit
Biereng/Miersch, 2016

Dës klassesch Geschicht spillt an England, am Mëttelalter. En aarmen Duerfjong, den Dick, mécht sech op de Wee op London, well hien héieren huet, d'Gold géif do op der Strooss leien. Do geréit hie leider awer un déi eekleg Käche Kate, déi him d'Liewe richteg schwéier mécht. Et ass duerch eng Kaz, déi den Dick keeft, fir der Maisplo Meeschter ze ginn, awer och duerch seng Guttheet a säi Vertrauen an eng besser Zukunft, datt sech säi Liewen änneert.





ISBN 978-99959-924-2-2

Henri Losch
**Koppeges & Bosseges:**
**E Schoulmeeschter erzielt**

Éditions Guy Binsfeld
Lëtzebuerg, 2012

An der Serie PERSPECTIVES vun den Éditions Guy Binsfeld publizéieren d'Auteuren autobiografesch Texter.

An dësem Buch erzielt den Henri Losch 60 Episoden aus senger Zäit als Schoulmeeschter. Dovunner eegne sech verschiddener fir d'Kanner aus der Grondschoul.




ISBN 978-2-87954-260-7

Henri Losch
**Häerzerkinnek**
Illustréiert vum Steffi Willkomm

Éditions Guy Binsfeld
Lëtzebuerg, 2007

An dem pittoresken Touristestiedchen Häremaacher ass eppes Schreckleches geschitt. Iergendeen huet eent vun der Madame Schintgen hire Jippelcher geschluecht an him d'Häerz erausgeschnidden. Mä dat ass just den Ufank vu enger Serie grujeleger Doten. De Marco, d'Carole an de Jean-Philippe sinn déi gebueren Detektiven. Si maachen sech op d'Sich nom Mäerder.




ISBN 978-2-87954-182-2

**Henri Losch**
**E Bouf erzielt: eng gewéinlech, ongewéinlech Kannerzäit am Krich**

Éditions Guy Binsfeld
Lëtzebuerg, 2004

Den Henri Losch hat néng Joer, wéi däitsch Truppe Lëtzebuerg iwwerfall hunn. Mam néidegen Ofstand vu ville Joren huet hien d'Erliefnesser aus senger Kannerzäit néiergeschriwwen.
Am Buch läit en CD.




ISBN 978-2-87954-142-6

**Anja Ludwig**
**De Knäppchen**
Illustréiert vun der Autorin
Op Lëtzebuergesch an op Franséisch adaptéiert vum Jeanny Friederich-Schmit

Éditions Friederich-Schmit, 2011

De Knäppchen ass dem Julie säin alen Teddy. A sou gesäit hien och aus. Mä hie kann déi schéinste Geschichten erzielen. De Bopa schenkt dem Julie en neien Teddy, schéi kuscheleg mëll a blénkeg brong, en Dram. Mä owes beim Schlofegoe mierkt d'Julie, datt den neien Teddy näischt erziele kann, hien huet näischt erlieft.
Hannen am Buch steet d'Geschicht op Däitsch an op Franséisch.





ISBN 978-99959-668-3-6

**Roger Manderscheid**
**schacko klak: biller aus der kandheet (1935-1945)**

Éditions Phi
Esch-Uelzecht, 2007

De Roman erzielt d'Kandheet vum Chrëscht Knapp. Hie lieft an engem klengen Duerf zu Lëtzebuerg, an enger Handwierkerfamill. Dat Besonnescht um Chrëscht ass, datt e keng Hoer um Kapp huet, also e Plakkapp ass. Déi Zäit virum Krich an d'Krichsjore ginn engersäits beschriwwen aus der Perspektiv vum Kand, anerersäits gi se kommentéiert vun engem Erwuessenen.




ISBN 978-2-87962-221-7

**Roger Manderscheid**
**Buzzbuch**
Illustréiert vum Auteur

Éditions Ultimomondo / FGIL
Nouspelt / Lëtzebuerg, 2004

An dësem Lies- a Billerbuch gëtt Futtball gespillt, Schlittschung gefuer, Zirkus opgefouert, gi geckeg Saachen erfonnt an erbäi gezaubert, gëtt geflunn, Musek gemaach a villes méi. Di meescht vun de Gedichter, Spréch a Sproochspiller sinn op Lëtzebuergesch, e puer sinn der op Franséisch.





ISBN 978-2-919933-11-2

**Isabelle Maquoy**
**D'Milli Bei**
Illustréiert vum Quentin Gréban
An d'Lëtzebuergescht iwwerdroe
vum Josée Klincker

Mijade
Namur, 2016

Mat der Geschicht vum Milli, där klenger virwëtzeger Bei, déi sech eppes traut, gëtt een an engems munches iwwert d'Liewen am Beiestack gewuer.




ISBN 978-2-87142-936-4

**Isabelle Marinov & Chris Nixon**
**De Leo an den Oktopus**
Op Lëtzebuergesch iwwersat
vum Isabelle Marinov a
Martine Schoellen

Éditions Guy Binsfeld
Lëtzebuerg, 2021

De klenge Leo ass gär eleng mat senge Bicher. D'Welt ass him ze haart an hien huet Méi, déi aner Kanner ze verstoen. Hie fillt sech wéi um falsche Planéit - bis hien am Aquarium dem Oktopus Maya begéint. Hatt gesäit aus wéi en Ausserierdeschen an ass ganz intelligent. Vläicht kéinten si jo Frënn ginn? Eng besonnesch Geschicht ronderëm d'Gefiller vun engem Kand mat Asperger-Syndrom.





ISBN 978-99959-42-72-4

**Lara Marteling**
**Weltall-Zoo: Rees op e Planéit mat onbekannten Déieren**
Illustréiert vun der Autorin selwer
Fotoe vun der Nasa

BoD – Books on Demand
Norderstedt, 2013

Mat der Rakéit 024 geet et an de Weltall. Mir léiere vill apaart Déiere kennen: de Glotzi, d'Véier-Déier, de Ramm-Ramm a vill anerer.
D'Buch existéiert och an der däitscher Versioun.




ISBN 978-3-84826-085-0

**Luc Marteling**
**Féiwer**

Kremart Edition
Lëtzebuerg, 2019

Den Tunn muss am Auto hannen an der Mall sëtzen. Op eemol krautcht en Tëntefësch aus enger Posch, an den Tunn kritt et mat der Angscht ze dinn ... Dës kleng Geschicht fir zwëschenduerch huet een an 3 Minutte gelies.





ISBN 978-2-919781-53-9

**Luc Marteling**
**D'Lalumi a seng Reesen: Geschichte vun enger echter Verwandelungskënschtlerin**
Illustréiert vum Paulette Thinnes-Kauffmann

Éditions Saint-Paul
Lëtzebuerg, 2014

Dëst ass dat drëtt Buch vun der Raup mat dem rouden Häerz op der Stir. Dräi Geschichten, a deenen d'Lalumi senge Frënn a schwierege Situatiounen hëlleft.




ISBN 978-2-87963-961-1

**Jessica Martinello**
**Och Monstere wäschen sech d'Zänn!**
Illustratiounen: Grégoire Mabire
Lëtzeburgesch Iwwersetzung:
Myriam Welschbillig

Mijade
Namur, 2019

E klengt Meedche wëllt sech einfach net d'Zänn wäschen,... bis zu deem Dag, wou hatt e Monster begéint, dat him sou munches erkläert... Dës Geschicht iwwerzeegt ganz sécher jiddwer Kand, datt ee sech d'Zänn wäsche muss.




ISBN 978-2-8077-0089-5

**Liz May**
**D'Pohutukaw-Eil**
Iwwersetzung: Henri Wilmes

Éditions Phi
Déifferdeng, 2015

Den Tuki, eng Pohutukaw-Eil, e geheimnisvolle Villchen, huet e groussen, rouden, muussege Kapp an e grénge Kierper. En ass fuerchtbar virwëtzeg, hält sech awer, grad ewéi seng Kollegen, am léifsten ëmmer verstoppt. Op eemol traut den Tuki sech awer eraus a flitt fort an hien entdeckt schliisslech wéi wichteg et ass, net ëmmer op sengem Aascht sëtzen ze bleiwen.




ISBN 978-99959-37-15-7

**Paul McCartney**
**De magesche Kompass**
Illustratioune vum Kathryn Durst
Iwwersetzung: Myriam Welschbillig

Éditions PersPektiv
Stengefort, 2020

Mat Hëllef vun engem magesche Kompass reest de Pätter mat de Kanner op Plazen, déi op enger Postkaart illustréiert sinn. Esou sprange si vu Postkaart zu Postkaart an erliewe fantastesch Abenteuer. Si begéine Fësch, déi fléie kënnen, engem frëndleche Cowboy, engem Trapp wëll Büffelen an enger Schwäizer Kou mat besonnesche Fäegkeeten, iert se rëm gemittlech doheem landen.




ISBN 978-9-9959-5641-7

David McKee
**Den Elmar an de verluerene Schatz**
Aus dem Engleschen iwwersat
vum Luc Marteling

Kremart Edition
Lëtzebuerg, 2020

Den Elmar a seng Frënn fannen op enger Expeditioun duerch de Bësch en alen Tempel. Virwëtzeg gi si eran, an der Hoffnung, vläicht de legendäre verluerene Schatz do ze fannen.




ISBN 978-2-919781-25-6

David McKee
**Den Elmar geet trëppelen**
Aus dem Englesche vum Luc Marteling

Kremart Edition
Lëtzebuerg, 2020

De faarweg karéierten Elefant Elmar geet spadséieren an entdeckt vill flott Saachen an der Natur. Hie wëll déi aner Déieren drop opmierksam maachen, mee keen huet Zäit dofir. D'Déiere sinn all presséiert an interesséieren sech net fir seng Entdeckungen.




ISBN 978-9-9959-39-89-2

David McKee
**Vill Gléck fir däi Gebuertsdag, Elmar!**
Aus dem Englesche vum Luc Marteling

Kremart Edition
Lëtzebuerg, 2020

Fir dem Elmar säi Gebuertsdag wëllt en Elefant him eng stëpsen: d'Déiere sollen all maachen, wéi wann si dem Elmar säi Gebuertsdag vergiess hätten an et soll keen him wënschen. Déi aner Déiere géife nawell gär hir Meenung dozou soen, mä si kommen net esou richteg zum Zoch... A wat wäert den Elmar da wuel dovun halen?





ISBN 978-99959-39-88-5

David McKee
**Den Elmar an dee Friemen**
Aus dem Englesche vum Luc Marteling

Kremart Edition
Lëtzebuerg, 2019

Wann ee sech ze vill op eppes konzentréiert, da geet et dacks dernieft. Sou geet et dem Känguru an dëser Elmar-Geschicht. Mee den Elefant a seng Frënn kënnen och dës Kéier hëllefen.




ISBN 978-99959-39-86-1

David McKee
**Den Elmar an de Päiperlek**
Aus dem Englesche vum Luc Marteling

Kremart Edition
Lëtzebuerg, 2018

Den Elmar kann e Päiperlek befreien, deen an engem Lach gefaangen ass. De Päiperlek versprécht dem Elmar, sech ze revanchéieren. Den Elmar gleeft net drun, datt esou e klengt Déierchen engem groussen Elefant soll kënnen hëllefen. Mee gläich duerno wäert genau dat geschéien.





ISBN 978-99959-39-85-4

David McKee
**Den Elmar an de Reebou**
Aus dem Englesche vum Luc Marteling

Kremart Edition
Lëtzebuerg, 2018

De Reebou huet seng Faarwe verluer. Well den Elmar jo sou vill Faarwen huet, wëllt hien him seng ginn, a mécht sech mat den Déieren op d'Sich nom Ufank vum Reebou.





ISBN 978-99959-39-87-8

David McKee
**Den Elmar an de Super El**
Aus dem Englesche vum Luc Marteling

Kremart Edition
Lëtzebuerg, 2017

De klenge SuperElefant El huet säi Superkostüm zerrass. Hie fäert, vun den aneren Elefanten ausgelaacht ze ginn. Dofir hëlleft den Elmar him, bei d'Tata Tzidoni ze kommen, well déi säi Kostüm flécke kann.





ISBN 978-99959-39-28-1

David McKee
**Den Elmar an d'Course**
Aus dem Englesche vum Luc Marteling

Kremart Edition
Lëtzebuerg, 2017

Et muss eng richteg Course gemaach ginn, fir ze wëssen, wien am séierste lafe kann. Den Elmar an de Willy kucken, ob alles richteg ofleeft. Um Enn gëtt et net nëmmen fir dee Séiersten eng Medail.





ISBN 978-99959-39-27-4

David McKee
**Den Elmar an d'Iwwerschwemmung**
Aus dem Englesche vum Luc Marteling

Kremart Edition
Lëtzebuerg, 2016

Et reent an et reent, an d'Déiere verzéien sech ënnerdaach an d'Hielen. Just den Elmar fënnt et flott, duerch de Reen ze spadséieren. Hie begéint zwee Elefanten, déi hire Junior vermëssen. Dee sëtzt op enger klenger Insel fest. Natierlech organiséiert den Elmar Hëllef...





ISBN 978-99959-39-26-7

David McKee
**Den Elmar an d'Walen**
Aus dem Englesche vum Luc Marteling

Kremart Edition
Lëtzebuerg, 2016

Well de Bopa Eldo hinnen sou begeeschtert vun de Walen erzielt huet, maachen sech den Elmar a säi Koseng, de Willy, op de Wee bei d'Mier. D'Afen hëllefen deenen zwee, e Flooss ze bauen, sou kommen si méi séier weider. Bis se beim Mier sinn, erliewen si allerhand quokeleg Situatiounen.




ISBN 978-99959-39-25-0

David McKee
**Den Elmar an dee grousse Vugel**
Aus dem Englesche vum Luc Marteling

Kremart Edition
Lëtzebuerg, 2016

Am Bësch sinn d'Villercher all verschwonnen. Si verstoppen sech, well si de grousse Kaméidismécher-Vugel fäerten. Mee den Elmar huet e Plang, wéi si dee freche Vugel verdreiwe kënnen.





ISBN 978-99959-39-24-3

David McKee
**Den Elmar**
aus dem Engleschen iwwersat
vum Luc Marteling

Kremart Edition
Lëtzebuerg, 2014

Den Elmar ass net wéi déi aner Elefanten. Hien ass net gro, mä ganz faarweg karéiert an ëmmer opgeluecht fir eng ze stiichten, ëmmer gutt gelaunt. Fir endlech auszegesi wéi all déi aner, wenzelt hien sech enges Daags a groe Bier. Am Ufank klappt et jo mat senger Tarnung, awer net laang, da gëtt et dem Elmar ze langweileg. BUH!
A schonns wëssen d'Elefanten, datt dat nëmmen den Elmar ka sinn. Et gëtt souvill gelaacht, datt d'Reewollek ugestach gëtt an dem Elmar seng Faarf ofwäscht. Den Elmar gesäit an, datt hie gutt ass, esou wéi hien ass.




ISBN 978-99959-830-7-9

Gemma Merino
**Den Draach, deen d'Feier net gären hat**
Op Lëtzebuergesch vum Vanessa Gabriel

Atelier Kannerbuch
Bäreldeng, 2021

Wann een als klengt Draachemeedchen an enger Famill vu Feierdraachen opwiisst, huet een et net einfach, wann een als eenzegt Draachekand kee Feier späize kann. Dunn awer fënnt dat klengt Draachemeedchen eraus, datt et gär a gutt schwëmmt, obwuel dat ausdrécklech vum Draachepappa verbuede gouf. Wat soll de Pappa wuel dozou soen?




ISBN 978-2-9199654-0-3

Gemma Merino
**De Krokodil, deen d'Waasser net gären hat**
Op Lëtzebuergesch vum Vanessa Gabriel

Atelier Kannerbuch
Bäreldeng, 2021

De klenge Krokodil ass anescht wéi seng Geschwëster: hien huet Angscht virum Waasser, si net. Hie klëmmt gär op Beem, si net. Dofir huet hie kee fir ze spillen a fillt sech dacks eleng. Well hien awer endlech mat senge Bridder a Schwëstere spille wëll, trëfft hien eng Entscheedung...




ISBN 978-2-9199623-1-0

Gemma Merino
**D'Kou um Bam**
Op Lëtzebuergesch vum Vanessa Gabriel

Atelier Kannerbuch
Bäreldeng, 2020

D'Tina ass eng ganz virwëtzeg kleng Kou, déi gär Neies erlieft an op Entdeckung geet. Begeeschtert erzielt si hire Schwëstere vun hiren Dreem. Dës kënnen sech awer guer net dofir begeeschteren, bis d'Kou Tina enges Daags engem ongewéinlechen Draach begéint ... Eng léif a witzeg illustréiert Geschicht, déi de Kanner weist, datt et sech lount, seng Dreem ze verwierklechen.




ISBN 978-2-9199623-2-7

Christian Merveille
**Dem Wollef säi Schiet**
Illustréiert vum Ginette Hoffmann
An d'Lëtzebuergescht iwwersat
vum Josée Braun-Klincker

Mijade
Namur, 2015

Bei Vollmound geet eng kleng Kanengchen op Wollefsjuegd. Ëmmer méi Frënn kommen derbäi, sou datt hire Schiet ëmmer méi grouss gëtt, an och ëmmer méi geféierlech ausgesäit.




ISBN 978-2-87142-940-1

**Roland Meyer & Timothy Jenon**
**De klengen Här Bellibimbam an de Monsieur Lugaru**
Illustratiounen: Timothy Jenon

Op der Lay
Esch-Sauer, 2021

De klengen Här Bellibimbam ass zefridde mat sech a mat der Welt. Enges Daags schellt de groussen onbekannte Monsieur Lugaru u senger Dier. Den Här Bellibimbam gëtt him eppes z'iessen a léisst hie bei sech iwwernuechten. Dëst gefält sengen Noperen awer guer net... Eng déif Geschicht, déi eis weist, wéi schéin et ka sinn, frieme Leit an Nout ze hëllefen a wéi bornéiert et ass, Virurteeler esou wichteg ze huelen. Jee nom Alter vun de Kanner kann d'Geschicht op ënnerschiddlech Niveaue gelies a beschwat ginn.





ISBN 978-2-87967-247-2

**Roland Meyer**
**TelMo: e Kannerbuch fir erwuesse Leit**

Op der Lay
Éilereng, 2017

Den Telmo ass e portugisesche Jong deen déck Problemer huet - saï Papp deen en immens vermësst ass zréck a Portugal, seng Mamm ass nei bestuet a just ëm hiren "Neie" besuergt, vun deem si awer geschloe gëtt. Hien ass fort vun doheem, am Foyer – an och wann et tragesch a schlëmm ass wat e gemaach hutt fir dohinner ze kommen, versteet de Roland Meyer, mat senger direkter Sproch, Empathie beim Lieser ze schafen. D'Buch mat senger deels krasser Sproch ka fréistens vu Kanner vum Enn vu Cycle 4 gelies ginn.




ISBN 978-2-87967-221-2

**Roland Meyer**
**Zu Lëtzebuerg ginn et keng Piratekapitänen!**
Illustréiert vum Mariepol Goetzinger

Op der Lay
Esch-Sauer, 2009

De Pit ass ëmmer gespaant drop, dem Barry Lee seng fantastesch Geschichten ze héieren. Deen ass nämlech de gréisste Geschichtenerzieler aus dem Duerf. Hien erzielt ëmmer nees dem Pit, datt säi Papp als Piratekapitän an Uruguay schafft. Enges Daags huelen déi zwee Bouwen en zolitt Schlauchboot a maachen sech op de Wee no Uruguay. Fir d'éischt geet et iwwert d'Péitruss, dann iwwert d'Uelzecht an dann... D'Buch ass eng Geschicht iwwer d'Frëndschaft, d'Fantasie, d'Verlaangeren an den Doud.





ISBN 978-2-87967-159-8

**Roland Meyer**
**Mango Panda: gëtt et Léift mat 12 Joer?**

Op der Lay
Esch-Sauer, 2007

Op der Präisiwwerreechung vun engem Concours gesäit d'Linda de Samuel fir d'éischt. A vun deem Moment un ass hatt schrecklech verléift. An da plënnert de Samuel a kënnt och nach bei hatt an d'Klass. Dat kann, dem Linda no, onméiglech en Zoufall sinn. Vun elo un dréit dem Linda säi Liewe sech ëm de Samuel, a wéi hatt mat him an Uruguay kënnt. Dat Land, wou et, dem Samuel no, Pandabiere gëtt a wou d'Leit Mangoen iessen.




ISBN 978-2-87967-138-3

**Roland Meyer**
**Den décken dommen Dudu: e Kannerbuch fir erwuesse Leit**

Op der Lay
Esch-Sauer, 2004

Didier Dusseldorfer! Véier Deeën an engem Numm! Schrecklech! An der Crèche kritt hie gläich den Numm Dudu. Knapps an der Schoul, gëtt hien „décken dommen Dudu" genannt. Déck ass hien, well hien ëmmer immensen Honger huet. Domm fënnt hien sech awer iwwerhaapt net, hien intresséiert sech just net fir alles, wat an der Schoul gemaach gëtt. D'Léierin schéckt hie bei de Schoulpsycholog.
Elo muss den Dudu all Dag opschreiwen, wat hie gemaach huet, wat hien denkt, wat hien sech wënscht a wat hie fäert.



ISBN 978-2-87967-115-4

**Roland Meyer**
**Iwwer der Leeder**
Illustréiert vum Renée Weber

Op der Lay
Esch-Sauer, 2003

De Philippe, säi Brudder Crouton an hir Eltere verbrénge Chrëschtdag an der Sonn um Mier. Hien huet dat neit Theaterstéck, dat si an der Schoul spillen, derbäi. De Schoulmeeschter hat gesot, si sollten et an der Vakanz duerchliesen. Wéi hien op der Plage d'Isa kenneléiert an no an no op d'Spur vun engem schreckleche Geheimnis kënnt, vermësche sech Realitéit an Theaterfiktioun.




ISBN 978-2-87967-103-1

**Roland Meyer**
**Dem Kinnek säi Gaart**
Illustréiert vum Renée Weber

Op der Lay
Esch-Sauer, 2002

Philippe, Alex a Co. sinn dëst Joer net méi an hirer klenger Schoul um Duerf, mä si sinn an eng grouss Zentralschoul geplënnert. Si musse mat neie Problemer fäerdeg ginn, wéi Erpressung ënnert de Kanner, léieren awer och nei Frënn kennen, zum Beispill de Romain. Wéi de Philippe enges Daags bei de Romain heemgeet a vu senger Mamm hire Gaart gewise kritt, stellt hien erstaunt fest: Dat ass dem Kinnek säi Gaart, sou wéi d'Theaterstéck, dat si dëst Joer opféieren.



ISBN 978-2-87967-093-5

**Roland Meyer**
**Eng Foto vum (Klëppel)Krich**
Illustréiert vum Renée Weber

Op der Lay
Esch-Sauer, 2001

De Philippe an den Alex sinn zwee déck Kollegen, déi zesummen an enger Klass sinn. Enges Daags kënnt en neie Schüler, de Bujar Murenovic, e Kosovo-Albaner. De Philippe hëlt sech senger un.
Si schwätzen net déiselwecht Sprooch, mä si fannen e Wee fir sech ze verstännegen. Den Alex huet awer esou seng Problemer mat där neier Frëndschaft, déi do entsteet.
Dodernieft muss jo och nach fir d'Theaterstéck „Eng Foto vum (Klëppel)Krich" geprouft ginn.



ISBN 978-2-87967-075-1

Catarina Michelini
**1001 Paangecher an de Mound**
D'Lëtzebuergëscht iwwerlies
vum Jacqui Zimmer

Zoom Éditions
Déifferdeng, 2017




ISBN 978-2919934-98-0

D'Sofia a säi klenge Brudder Amir gi vun enger Hex an hiert Haus gelackelt. Den Amir gëtt agespaart, mee d'Sofia ka fortlafen. De Mound hëlleft dem Sofia, den Amir ze befreien. Hie gëtt him e Bréif fir d'Hex mat engem Rezept fir Paangecher ze maachen. Dovun ësst d'Hex der souvill, datt se opleeft wéi e Ballon, a fortflitt. Mat Rezepter fir d'Paangecher nozebaken.

A. A. Milne
**D'Haus um Pu-Eck**
Illustréiert vum E. H. Shepard
Iwwersat vum Henry Wickens

Op der Lay
Esch-Sauer, 2000

„Winnie-the-Pooh" ass e Klassiker vun der englescher Kannerliteratur.
De Bier Winni-Pu, wéi en op Lëtzebuergesch heescht, den Teddybär vum Christopher Robin Milne, dem Auteur sengem Bouf, ass ee vun de berühmteste Bieren iwwerhaapt. An duerch d'Kannerbicher tapse vill Bieren! Mir kënnen an dëse Bicher d'Erliefnesser liese vum Christopher Robin mam Winni-Pu, dem Iesel Iih-Aah, dem Fierkel Tinnchen a villen aneren Déiren.




ISBN 978-2-87967-081-2

A. A. Milne
**Winni-Pu**
Illustréiert vum E. H. Shepard
Iwwersat vum Henry Wickens

Op der Lay
Esch-Sauer, 2000





ISBN 978-2-87967-076-8

Liliana Miranda
**De Charly mécht Tschuuu-Tschuuu**
Illustratiounen: Daniela Guedes

Lilu Edition
Diddeleng, 2019

Di kleng Lokomotiv ass ganz traureg, well si einfach kee richtegen Tschuuu-Tschuuu erauskritt. Hir Frënn hëllefen hir, sou gutt si kënnen.




ISBN 978-2-9199512-2-2

Liliana Miranda
**Portugisesch Märercher = Contos portugueses**
Illustréiert vum Laura Azevedo

Lilu Edition
Diddeleng, 2015

4 portugisesch Märercher, 4 Sproochen: Lëtzebuergesch a Portugisesch, an hannendran och nach Däitsch a Franséisch. En CD läit dem Buch bäi, op deem d'Märercher an deene 4 Sprooche kënne gelauschtert ginn.




ISBN 978-99959-899-3-4

Guénola Moreau
**De Storch vun deem ech mäi Brudder krut**
Illustratioune vum Lola Roig
Iwwersetzung vum Carole List

Zoom Éditions
Mondercange, 2015

E klengt Meedchen erzielt, wéi säi klenge Brudder bei hatt an d'Famill kënnt, net mam Storch an net aus dem Kabes, mee mam Fliger... Eng Geschicht iwwert d'Adoptioun.




ISBN 978-2919934-96-6

Yvette Moris
**Märercher fir dranzebäissen 2: mat Rezepter aus verschiddene Kulturen**
Illustréiert vum Pit Weyer

SNE-Éditions
Lëtzebuerg, 2018

D'Yvette Morris huet 13 Volleksmärercher aus aller Häre Länner zesummegesicht a fräi noerzielt. Si liwwert no all Mäerchen ee Rezept, dat een nokache kann. Sou kann ee schmaachen, wat a Japan, Korea, Costa Rica, Indien an nach munch anere Länner gekacht gëtt.




ISBN 978-2-87992-146-4

Yvette Moris
**Märercher fir dranzebäissen: mat Rezepter fir jonk Käch an hir Gesellen**
Illustréiert vum Pit Weyer

SNE-Éditions
Lëtzebuerg, 2017

14 Märercher, fräi erzielt, vun einfach a kuerz bis e bësse méi komplizéiert a méi laang, kombinéiert mat Rezepter zu de Liewensmëttel, déi an de Märercher virkommen.




ISBN 978-2-87992-145-7

Yvette Moris
**De Fabio geet derwidder: siwe Kuerzgeschichten**
Illustréiert vum Julie Wagener

SNE-Éditions
Lëtzebuerg, 2015

Déi 7 Geschichten erzielen Erliefnesser vun de Kanner aus enger Schoulklass. Mol léieren der zwee vun hinnen e granzege Buerghär kennen, mol geet et ëm e Meedchen, dat drënner leit, datt seng Elteren sech net méi gutt verstinn, mol muss déi ganz Klass sech mam Thema Mobbing auserneesetzen...




ISBN 978-2-87992-443-4

Yvette Moris
**Scheewercher zielen**
Illustréiert vum Pit Weyer

SNE-Éditions
Lëtzebuerg, 2011

An dësem Buch sti fënnef Märercher, souzesoe fënnef Guttnuecht-Geschichten. D'Titelgeschicht „Scheewercher zielen ass e Volleksmäerchen aus England. Iwwert déi zweet Geschicht „De klengen Troll" schreift d'Yvette Moris: „Déi Geschicht hei ass richteg geschitt. An zwar an engem Bësch, net wäit ewech vu mengem Haus." An „Dem Luca säi Petzi" gi mir gewuer, datt de klengen Tommy am léifste Geschichten erzielt kritt, déi säi Papp erfonnt oder selwer erlieft huet. „De klengen Heewelmann" ass déi lëtzebuergesch Iwwersetzung vun „Der kleine Häwelmann" vum Theodor Storm. „De klenge Stär", déi fënneft Geschicht, passéiert an der Schoul während enger Liesnuecht.




ISBN 978-2-87992-157-0

Yvette Moris
**D'Jenny geet an d'Muppeschoul**
Mat Fotoe vun der Auteurin

Éditions Le Phare
Esch-Uelzecht, 2007

D'Jenny, e wibbelege Cocker vun dräi Joer, muss an d'Muppeschoul. Hatt erzielt, wat hatt do erlieft, wat hatt vum Trainer a vun den aneren Hënn hält, wat hatt do alles maache muss, a wéi hatt, lues a lues ufänkt, all dat gären ze hunn.




ISBN 978-2-87964-101-0

Claudine Muno
**De Bier, deen eng Méck verschléckt hat**
Illustréiert vum Pascale Junker

Op der Lay
Esch-Sauer, 2013

E Bier verschléckt eng Méck. Verzweiwelt versichen déi zwee, d'Méck erëm aus dem Bauch erauszekréien.
Mat engem klenge Molbichelchen derbäi fir déi kleng Kënschtler.




ISBN 978-2-87967-191-8

**Claudine Muno / Pascale Junker**
**Dem Zoe seng Geschichten**
Illustréiert vum Pascale Junker
mat engem Molbuch

Op der Lay
Esch-Sauer, 2005

**Hexen a Kamellen**
*ISBN 978-2-87967-065-2*
D'Zoe erzielt hei eng Geschicht vu senger Bomi Anastasia aus Kanada, déi als Kand eppes Aussergewéinleches gi wollt: Hexemeeschtesch.

**Am Huesestot**
*ISBN 978-2-87967-064-5*
En Hues ass onheemlech an eng Huesemadamm verléift a muss sech allerhand afale loossen, fir hir ze gefalen.



**Schockelasbotterfangeren**
*ISBN 978-2-87967-066-9*
D'Zoe gëtt eng Rechenaufgab of mat lauter Schockelasbotterfangeren drop an déi onheemlech Léierin huet eng Elf an der Mapp.

**Claudine Muno / Pascale Junker**
**D'Zoe, Draachen a Siweschléifer**
Illustréiert vum Pascale Junker
mat engem Molbuch

Op der Lay
Esch-Sauer, 1999



*ISBN 978-2-87967-072-0*

An dësem Buch stinn dräi nei Geschichte vum Zoe.
An der Geschicht „Chinatown" léiert dem Zoe seng Mamm chinesesch kachen.
An der Geschicht „Picken a Panzeren" huet d'Zoe eng Deckelsmouk fir Chrëschtdag geschenkt krut.
An där drëtter Geschicht, déi „Siweschléifer" heescht, erzielt d'Zoe, datt hatt mueres guer net sou gär opsteet a guer net sou gär an d'Schoul geet. Hatt hëlleft da léiwer nach séier der Nopesch.

NEI!

**Joe Munoz**
**Saachen, déi mir fäerten a wéi mir se lassginn**

SNE-Éditions
Lëtzebuerg, 2021




*ISBN 978-2-87992-041-2*

De Pappa versicht, sengem Meedchen ze hëllefen, verschidden Ängschte mat e bësse Fantasie ze iwwerwannen. Dëst Buch bitt keng kontinuéierlech Geschicht, mee eegent sech, fir mat jonke Kanner iwwer eenzel Ängschten ze schwätzen.

**Henriette Nittel**
**Den Tigerche Mischi**
Illustréiert vum Gaby Didier

Éditions Rol Schleich
Lëtzebuerg, 2017




*ISBN 978-99959-887-6-0*

De klengen Tigerche Mischi wunnt bei enger Famill an ass eigentlech ganz zefridden. Hie wëllt awer och mol matkréien, wat baussen an der Welt esou lass ass a leeft fort, wéi sech him d'Geleeënheet bitt. Am Ufank spiert sech dat no engem groussen Abenteuer un, mee lues a lues ergeet et dem Mischi ëmmer manner gutt an hie wëllt erëm heem.

**Henriette Nittel**
**Dem Lilly seng Rees an d'Ongewësst: e fantastesche Roman: Band 2**

Editioun Friederich-Schmit
Biereng/Miersch, 2015

Op der Sich no senger Mamm a sengem Brudder, déi op geheimnisvoll Aart a Weis verschwonne sinn, sinn d'Lilly a seng Frënn nees zu TULIROSE ukomm. Si wëssen hirer Hänn kee Rot méi. Wou sollen si nach sichen? Dat magescht Buch awer hëlleft hinne weider. Si reesen duerch ongewinnte Länner an erliewe spannend Abenteuer.
D'Geschicht ass am Buch op Lëtzebuergësch, Däitsch a Franséisch erzielt.





ISBN 978-99959-923-0-9

**Henriette Nittel**
**Dem Lilly seng Rees an d'Ongewësst: e fantastesche Roman: Band 1**

Editioun Friederich-Schmit
Lëtzebuerg, 2014

„Wat war geschitt? Et huet säi Rucksak niewent sech op de Buedem gesat. Et huet di aner héieren haart duerchernee schwätzen. Heiansdo war e Kräischen ze héieren. D'Lilly war net dat Eenzegt, dat gekrasch huet."

Eng fantastesch Geschicht an 3 Sproochen: Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch.
Et geet weider am zweete Band.




ISBN 978-99959-857-4-5

**B.J. Novak**
**D'Buch ouni Biller**
Aus dem Amerikaneschen iwwersat vum Georges Hausemer

Capybarabooks
Lëtzebuerg, 2014

D'Buch ouni Biller muss virgelies ginn. Et muss dat gelies ginn, wat do steet. An dat ass heiansdo ganz witzeg, eng Erausfuerderung fir de Virlieser.





ISBN 978-99959-43-00-4

**Ana Obiols**
**Triceratops: de stäerksten Dinosaurier**
Illustréiert vum SUBI - Joan Subirana
Iwwersat vum Simone Molitor

Éditions Phi
Déifferdeng, 2013

D'Haaptfigur an dëser Rei as ee klenge Jong. An all Buch schwätzt de Jong vun engem vun deene véier Dinosaurier.
Um Enn vum Buch fënnt een och wëssenschaftlech Informatiounen iwwer d'Dinosaurier am Allgemengen an awer och iwwert den „Titelheld".
D'Buch ass och op Franséisch disponibel.




ISBN 978-2-87964-188-1

Ana Obiols
**Stegosaurus: de frëndlechsten Dinosaurier**
Illustréiert vum SUBI - Joan Subirana
Iwwersat vum Simone Molitor

Éditions Phi
Déifferdeng, 2013

D'Buch ass och op Franséisch disponibel.




ISBN 978-2-87964-189-8

Ana Obiols
**Brachiosaurus: de gréissten Dinosaurier**
Illustréiert vum SUBI - Joan Subirana
Iwwersat vum Simone Molitor

Éditions Phi
Déifferdeng, 2012

D'Buch ass och op Franséisch disponibel.





ISBN 978-2-87964-187-4

Ana Obiols
**Tyrannosaurus Rex: de Kinnek vun den Dinosaurier**
Illustréiert vum SUBI - Joan Subirana
Iwwersat vum Simone Molitor

Éditions Phi
Déifferdeng, 2012

D'Buch ass och op Franséisch disponibel.




ISBN 978-2-87964-186-7

Dan Ojari & Mikey Please
**Robin Robin**
Gezeechent vum Briony May Smith
Op Lëtzebuergesch vum Vanessa Gabriel

Atelier Kannerbuch
Bäreldeng, 2021

De klenge Villche Robin wiisst an enger Mausfamill op an en héiert ëmmer nees, wéi virsiichteg ee muss sinn, wann een an engem Mënschenhaus no Grimmele siche geet. Enges Nuets, vum Honger gedriwwen, verléisst de Robin d'Nascht a mécht sech op de Wee a Richtung Mënschenhaus.




ISBN 978-2-9599687-7-8

**Reina Ollivier & Karel Claes**
**Déi bescht Mammen a Pappen**
Illustratiounen: Steffie Padmos
Gestioun vun der Iwwersetzung:
K-Communication

Éditions Phi
Zolwer, 2022

Dësen Déierelexikon weist unhand vu gemoolte Biller 9 Déieren, déi sech besonnesch gutt ëm hiren Nowuess këmmeren. D'Kanner entdecken hire Liewensraum, anatomesch Detailer an interessant Fakten iwwer dës äerdeg Mammen e Pappen.
Verschidden Iwwersetzungen sinn e bësse gelungen ausgefall.




ISBN 978-2-919791-80-4

**Diane Orban & Myriam Karels**
**De Wëlle leeft am Bësch**
Erklärungen: Myriam Welschbillig

Éditions Schortgen
Esch-Uelzecht, 2019

De Charel a säi klenge Brudder Jim verbréngen e verreenten Nomëtteg bei der Bomi. Well si sech langweilen, erfanne si en Abenteuer, dat si am Spill duerch dat ganzt Haus reese léisst. Eng schéin Erzielung voller Fantasie, mat ville Lëtzebuerger Spréch an Ausdréck, déi geschéckt an d'Geschicht agebaut sinn. Dës Spréch ginn och hannen am Buch kuerz erkläert.




ISBN 978-99959-36-85-3

**Judith Paskin & Sonia Thewes & Christiane Ehlinger**
**Wee geeschtert a menger Kichen erëm?**
Illustratiounen: Tuire Siiriainen

Éditions PersPektiv
Stengefort, 2019

An der Kiche blubbert e Monster! Fir et ze verjoen, brauch dat klengt Elli Kraaft. En aalt Buch seet him, datt d'Kraaft vum iesse kënnt. Op senger Rees duerch de Gaart léiert d'Elli villes iwwert d'Uebst an d'Geméis.





ISBN 978-9-9959-5631-8

**Nicole Paulus**
**D'Geheimnis vum Libelleséi: eng Fantasy-Geschicht fir Kanner**
Illustréiert vum Martine Gillen

Éditions Phi
Déifferdeng, 2014

D'Katie lieft mat sengem Bopa Mill ganz no beim Libello, engem geheimnisvolle Séi.
D'Katie ass virwëtzeg, hatt wëll wëssen, wat dat mat deem Séi op sech huet. Wéi hatt an de Séi fält, erlieft hatt eng eemoleg Aventure.




ISBN 978-99959-851-6-5

Nicole Paulus
**Dem Dracula säin Torchong: eng Hexegeschicht fir Kanner**
Illustréiert vum Muriel Moritz

Éditions Phi
Esch-Uelzecht, 2009

D'Annihex wunnt mat sengen Elteren, éischter mat senger Mamm, well säi Papp dacks op Rees ass, fir Hexegeschäfter ze maachen, an enger aler Eech. Ëmmer erëm gëtt hatt gewarnt virun de Quexen an de Plexen, datt hatt deenen net ze no komme soll. Mä dem Annihex geet déi enk Welt vun der Eech net duer. Mat sengem Zauberbiesem mécht hatt sech fort a lant virun der Schoul, wou d'Plexekand Linda hatt fënnt. An elo geréit och dem Linda säi Liewe liicht duercherneen.




ISBN 978-2-87962-272-9

Nicole Paulus
**Ech an de Jules zu Kalanaxo**
Illustréiert vum Bradley Owen

Éditions Phi
Esch-Uelzecht, 2002

Ech an de Jules, mir sinn an der Vakanz op der Insel Kriti. Ënnen um Mieresbuedem fanne mir Kalanaxo, d'Haaptstad vun de Kalamaren. Mir lauschteren d'Melodie vu Kalanaxo a kucken de Kalamare beim Danzen no.

An no an no léiere mir déi vill Awunner vu Kalanaxo méi no kennen, wéi zum Beispill de Kaladullo, de Squid, d'Kassandra, d'Kamilla, de Kalaschnikoff, de Kalamaestro.




ISBN 978-3-88865-214-1

Jeremy Pendle
**Taz den Draach an den Här Smiff = Taz the dragon and Mr. Smiff**
Illustratiounen: Julian Thomas
Iwwersetzung: Simone Biewer

Op der Lay
Esch-Sauer, 2021

Den Draach Taz ass ongléckiech a senger Hiel: Et ass kal an de Buedem ass haart. Dofir mécht hie sech op d'Sich no engem Haus. An der Stad schellt hie beim Här Smiff a freet, ob hien do wunnen däerf. Den Här Smiff hëlt den Taz bei sech op, mee d'Zesummeliewen ass net sou einfach... D'Geschicht gëtt och op Englesch erzielt an d'Buch ass gläichzäiteg e Molbuch.




ISBN 978-2-87967-249-6

Bernd Penners
**Dee klenge Bier brauch e Bréll: mat 5 Spill-Bréller**
Illustratiounen: Christine Faust
Iwwersetzung: Christiane Kremer

Kremart Edition
Lëtzebuerg, 2018

De klenge Bier gesäit net gutt a brauch e Bréll. D'Deiere wëllen him hire Bréll ginn, mee de klenge Bier brauch een, deen och bei hie passt. Eng Geschicht a Reimform, a mat Bréller, déi d'Kanner deene verschidden Déieren zouuerdne sollen.




ISBN 978-99959-39-94-6

**Bernd Penners**
**Kuschel, Kussi a gutt Nuecht**
Illustratioun: Henning Löhlein
Iwwersetzung: Christiane Kremer

Kremart Edition
Lëtzebuerg, 2018

D'Kanner kënnen an dësem Buch de klengen Déieren e Petzi ginn, fir datt si gutt schlofen. E Buch mat Reimen a mat stabille Stickeren, déi ëmmer rëm lassgemaach an zeréckgepecht kënne ginn.




ISBN 978-99959-39-95-3

**Fabienne Penny-Konen**
**Den Emil an d'Hoergänsen**

Imprimerie Centrale
Lëtzebuerg, 2015

Dat klengt Kaweechelchen Emil wëll erausfannen, wou d'Hoergänse fléien. Zousätzlech zur Geschicht gëtt et Informatiounen iwwert d'Hoergäns an e Mol- a Rätselbuch.




ISBN 978-2-87978-146-4

**Kate Petty**
**De Sam séit eng Sonneblumm**
Illustratiounen : Axel Scheffler
Op Lëtzebuergesch iwwersat vum Vanessa Gabriel

Atelier Kannerbuch
Bäreldeng, 2022

De Sam séit Sonneblummen a kuckt wéi se wuessen. D'Himmelsdéierchen an de Wiermche ginn him déi néideg Erklärungen, fir datt seng Sonneblummen och gutt wuesse kënnen. An dëser Mëschung aus Sach- an Erzielbuch kënnen d'Kanner unhand vu Klappen d'Entwécklung vum Som genee nokucken.





ISBN 978-2-9599687-9-2

**Otfried Preußler**
**De Raiber Hotzenplotz**
Illustréiert vum Mathias Weber
Op Lëtzebuergësch iwwersat vum Jeanny Friederich-Schmit

Editioun Friederich-Schmit
Biereng/Miersch, 2018

De Klassiker vum Otfried Preußler op Lëtzebuergesch.




ISBN 978-2-9199468-4-6

Sylvie Ptitsa
**D'Feierblumm déi sech ganz eleng gefillt huet = Le coquelicot qui se sentait tout seul**




ISBN 978-23220-336-8-3

Éditions BoD – Books on Demand
Paris, 2013

D'Feierblumm hätt gäre Frënn. Nodeems eng Rei Déiere bei hir laanscht komm sinn, kënnt e Mann. Dëse Mann huet keen Häerz. D'Feierblumm an d'Déiere suergen derfir, datt hien nees en Häerz kritt. Zum Schluss gëtt et Spiller, Rätselen a Biller fir faarweg ze molen.

Elise Raucy
**D'Mamm ass ëmmer am Jumm**
Illustratiounen: Estelle Meens
An d'Lëtzebuergescht iwwerdroe vum Josée Klincker




ISBN 978-2-8077-0012-3

Mijade
Namur, 2017

Wat d'Mamm net alles ze dinn huet! Si geet net, si leeft! D'Kanner mussen an d'Schoul, de Papp op d'Aarbecht gefouert ginn, da brauchen si nach e Brout, et rifft een un, et muss gebotzt a geraumt ginn. Mee heiansdo hëlt si sech Zäit, da gëtt gebak, gespillt oder geschmust.

Kate Read
**Buuu!**
Op Lëtzebuergesch iwwersat vum Vanessa Gabriel




ISBN 978-2-9199654-7-2

Atelier Kannerbuch
Bäreldeng, 2021

Haut wëll kee mam klenge Fësch spillen. Dofir ameséiert hie sech eleng, andeems hie sech verstoppt an déi aner Fësch erféiert. Wien hätt geduecht, datt doduerch e Gerücht ëm e schrecklecht Monster entsteet? D'Geschicht eegent sech gutt, fir mat klenge Kanner iwwer d'Angscht ze schwätzen.

John Rech & ND! Genen
**Dem Junior seng Aventuren: Band 3: Voll am Bësch**
Illustréiert vum Andy Genen




ISBN 978-99959-36-52-5

Éditions Schortgen
Esch-Uelzecht, 2017

Säit fir Säit eng witzeg Zeen zu allméiglechen Themen: Déieren, Famill, Klimawandel, Natur- an Ëmweltschutz

**John Rech & ND! Genen**
**Dem Junior seng Aventuren:**
**Band 2: Sch(n)éi Vakanz**
Illustréiert vum Andy Genen

Éditions Schortgen
Esch-Uelzecht, 2012

Säit fir Säit eng witzeg Zeen zu allméiglechen Themen: Schoul, Déieren, Wieder, Fester... a Vakanz.




*ISBN 978-2-87953-164-9*

**John Rech & -ND!- Genen**
**Alex & Tun: gefaangen**
**an der Diddelenger Geschicht**
**Band 2: vun 1907 bis haut... ...a muer**
Erzielt vum John Rech
Illustréiert vum Andy Genen

Éditions Schortgen
Esch-Uelzecht, 2013

D'Zäitrees duerch d'Diddelenger Geschicht geet weider... Vum Ufank vum Minette-Ofbau am 19. Joerhonnert bis an déi haiteg Zäit. Et gëtt och e separat Aktiounsbuch.




*ISBN 978-2-87953-184-7*

**Katja Reider**
**Gutt Nuecht, klengen Hues**
Biller: Sebastien Braun
Op Lëtzebuergesch vum Vanessa Gabriel

Atelier Kannerbuch
Bäreldeng, 2021

Et ass Owend an de klengen Hues mécht sech fäerdeg fir an d'Bett. Mee wou ass dann nëmme säi Petzi? Déi ganz Kleng gesinn an dëser klenger Geschicht déi gewinnten Owesritualer virum Schlofegoen.

NEI!




*ISBN 978-2-9599687-4-7*

**Katja Reider**
**Looss dech tréischten, klenge Bier**
Biller: Sebastien Braun
Op Lëtzebuergesch vum Vanessa Gabriel

Atelier Kannerbuch
Bäreldeng, 2021

Beim Spille fält de klenge Bier an deet sech wéi. Wéi gutt, datt de Pappa genee weess, wéi ee mat klenge Bobboen ëmgeet.

NEI!




*ISBN 978-2-9599687-3-0*

Katja Reider
**Du kriss ee Geschwësterchen, klenge Spatz**
Biller: Sebastien Braun
Iwwersetzung: Vanessa Gabriel

Atelier Kannerbuch
Bäreldeng, 2019

De klenge Spatz freet sech op säi neit Geschwësterchen an hëlleft senger Mamm fläisseg, d'Nascht auszepolsteren an d'Ee waarm ze halen.




ISBN 978-99959-882-7-2

Katja Reider
**Hunn dech gär, kleng Maus**
Biller: Sebastien Braun
Iwwersetzung: Vanessa Gabriel

Atelier Kannerbuch
Bäreldeng, 2019

Déi kleng Maus entdeckt mat der Mamma Maus déi verschidde Plazen an der Natur a stellt allkéiers Froen. D'Mamma fënnt ëmmer déi richteg Äntwert a vermëttelt op eng häerzlech Manéier: "Et gëtt näischt op dëser Welt, wat ech léiwer hunn wéi s du." E Billerbuch mat haarde Säiten.




ISBN 978-99959-882-6-5

Olga Reiff
**Bim & Anna: eng kleng Geschicht vum Groussginn**

Éditions Guy Binsfeld
Lëtzebuerg, 2018

De Bim wëllt alles aleng maachen, well hien ass jo scho grouss. Um Wee fir an de Bësch wëllt hien och dem Anna keng Hand ginn, an e wëllt beim Spillen a Rou gelooss ginn. Awer ass et wierklech flott, ëmmer eleng ze sinn?




ISBN 978-99959-42-27-4

Ulrich Renz
**Schlof gutt, klenge Wollef = Dors bien, petit loup: e Billerbuch an zwou Sproochen**
Illustréiert vum Barbara Brinkmann
Iwwersetzung: Maurice P. Heinz, Céleste Lottigier

Lübeck
Sefa Verlag Kirsten Bödecker, 2017

Den Tim huet säi klenge Wollef verluer. Ouni dee kann hien net schlofen. Duerfir steet hien nees op a sicht an der Däischtert no sengem Wollef. An hien ass net eleng ... E Billerbuch fir déi ganz Kleng fir anzeschlofen, op Lëtzeburgesch an Däitsch. Et gëtt d'Buch nach a villen aneren zweesproochege Fassungen.





ISBN 978-37399-00-57-5

Guy Rewenig
**Tortikolli: Geschichte fir Kanner**
Illustréiert vum Klaudia Kampa

Éditions Ultimomondo
Nouspelt, 2014

39 Geschichte mat bekannte Persounen: Mam Kätt, dat elo awer schonns erwuessen ass an Zwillinge kritt huet, mat sengem Papp a mam Panzi. Si mussen sech mat allerhand Problemer erëmklappen.




ISBN 978-99959-0-113-4

Guy Rewenig
**Wéi kënnt déi Kou op eise Kichendësch?: eng Geschicht**
Illustréiert vum Annick Sinner

Éditions Ultimomondo
Nouspelt, 2014

Eng Kéier mueres fënnt d'Bomi Carla eng Kou um Kichendësch! All wëllen se d'Kou verdreiwen, mä d'Bomi Carla wëll, datt se bleift. D'Saach mat der Kou entwéckelt sech anescht wéi erwaart.




ISBN 978-2-919933-95-2

Guy Rewenig
**Lawweli Lulatsch: alles iwwert d'Léift**
Illustréiert vum Annick Sinner

Éditions Ultimomondo
Nouspelt, 2011

D'Sandra ass frou mat engem staarke Mann, de Samuel ass frou mat enger fläisseger Fra, dee klenge Filip ass frou mat sengem Teddybier... Mä, dee staarke Mann, déi fläisseg Fra, den Teddybier... alleguer hu se en Nodeel. Deen ee seet alles dräimol, dem Samuel seng grouss Léift ass an engem Stéck amgaang ze streiden, an den Teddybier verkuckt sech an en aneren Teddybier. Sou entsti 26 Geschichten iwwert d'Léift, déi schrecklech komplizéiert an och schrecklech komesch ka sinn. A wat et mam Lawweli Lulatsch op sech huet, dat gëtt een och am Buch gewuer.




ISBN 978-2-919933-70-9

Guy Rewenig
**Banda Limbo: Jazz-Lidder an Ofzielreimer fir Kanner**
Illustréiert vum Pat Wengler
Musek: Georges Urwald

Éditions Ultimomondo
Nouspelt, 2009

D'Lidder an d'Ofzielreimer aus dësem Buch an um CD sinn zum Deel nei, zum Deel aus de Bicher „Zabbazillo", „Libella Bitsch", „Käddikätsch" an „Mäxitäxi", déi och hei am Katalog stinn.





ISBN 978-2-919933-53-2

Guy Rewenig
**Muschkilusch: Geschichte fir Kanner**
Illustréiert vum Klaudia Kampa

Éditions Ultimomondo
Nouspelt, 2007

Am Mëttelpunkt steet d'Catherine Musch, e staarkt Meedchen. Hatt gëtt Kätt genannt, och ruffen d'Kanner him Muschkilusch no, well hatt baluckt. Dem Kätt seng Fréndin ass eng Méck, déi nach vill méi balucke kann: d'Muschkilusch och nach Muschki genannt. Wat d'Kätt, dat net op de Mond gefall ass, alles erlieft mat sengem Papp, sengem Frënd Glenn an dem Panzi, engem Kolleg vum Papp, gëtt an 39 Geschichten erzielt.





*ISBN 978-2-919933-30-3*

Guy Rewenig
**Zebra Tscherri: Geschichte fir Kanner**
Illustréiert vum Klaudia Kampa

Éditions Ultimomondo
Nouspelt, 2007

An nees sinn et 39 Geschichten, an deenen d'Kätt seng Erliefnesser erzielt. D'Famill Musch huet nei Nopere krut, eng portugisesch Famill. Hunn déi lo en Zebra an hirem Schapp stoen oder net? De Panzi léiert „Béier" op Portugisesch soen, kritt en Hond, dee Kawakku heescht a verléift sech an d'Golkipperin Pupu Pinelli. Dem Kätt säi Papp versicht sech a verschidde Beruffer, hie schafft zum Beispill op der Stréchmolmaschinn an als Wahrsager. Kann hien da wéinstens kachen, vläicht Schabbagetti bollonasi? Dem Kätt säi klenge Frënd ass de braven, fäerteregen Ändi. A wat sinn dat da fir Tippen, de moderne Mulles an de luesen Zaff?




*ISBN 978-2-919933-31-0*

Guy Rewenig / Pat Wengler / Jitz Jeitz
**Kätt an d'Bett!**

Éditions Ultimomondo
Nouspelt, 2007

En CD mat 18 Geschichten aus de Bicher Muschkilusch, Zebra Tscherri a Schallümmo erzielt vum Pat Wengler, mat enger Originalmusek komponéiert a gespillt vum Jitz Jeitz





*ISBN 978-2-919933-31-0*

Guy Rewenig
**Schallümmo: Geschichte fir Kanner**
Illustréiert vum Annick Sinner

Éditions Ultimomondo
Nouspelt, 2007

An dësem Band mat 39 Geschichte vum Kätt, gesi mir d'Haaptfiguren aus „Muschkilusch" an „Zebra Tscherri" erëm. D'Catherine huet elo 11 Joer, mol ass et Béibizitta bei där klenger Zatz Susi, mol huet et 50 Grad Féiwer, mol spillt et mam Rosch am Bulli, mol sëtzt et beim Lute-Liddi, dem Papp senger neier Flam, um Schouss. Mir léieren och e puer apaart Déiere kennen: zum Beispill d'Giraff Zuleima, déi de Panzi an enger Tombola gewonnen huet an d'Kaz Fuzzi, déi op e Kaze-Concours goe soll. Dofir soll si léiren, mat engem Stréihallem hir Mëllech aus der Jatt ze suckelen. D'Madamm Feierstein rifft ëmmer: Sch.....! Wat se do rifft, gëtt elo net verroden. Den Auteur huet d'Buch op Däitsch iwwersat.




*ISBN 978-2-919933-18-1*

**Guy Rewenig**
**Mäxitäxi**
Illustréiert vum Pat Wengler

Éditions Ultimomondo
Nouspelt, 2005

Mäxitäxi ass e Jubiläumsbuch fir „15 Joer Guy-Rewenig-Bicher fir Kanner“ (1990-2005).
Op ronn 260 Säite kann ee queesch duerch dem Guy Rewenig seng Kannerbicher liesen.
Et sinn och eng Rei onveräffentlecht Geschichten an dräi Sproochen am Buch.




ISBN 978-2-919933-26-6

**Guy Rewenig**
**Dem Karin säin Haus ka fléien**
Illustréiert vum Annick Sinner

Éditions Ultimomondo / FGIL
Nouspelt / Lëtzebuerg, 2004

D'Karin huet dräi Joer. Enges Daags fënnt hatt eng grouss Kartrongskëscht, an an där Këscht riicht hatt sech elo säi Liewen an.
Seng Eltere kafen him déi schéinst an déi deierst Spillsaachen, mä d'Karin wëll näischt dovu wëssen, a seng Eltere verstinn d'Welt net méi.




ISBN 978-2-919933-20-4

**Guy Rewenig**
**Libella Bitsch**
illustréiert vum Pat Wengler

Éditions Ultimomondo
Nouspelt, 2004

All Erfindung vum Erfinder Rattatu Pallabu gëtt eng richteg Katastrof. Vläicht soll hie léiwer d'Fanger dovun ewechloossen, dem Suckelbouf Lubbi Lemmer eng nei Suckel ze erfannen. Wéi fonktionéiert iwwerhaapt seng Reimknätzelmaschinn? Wat mécht dann den Hamster Libella Bitsch beim Här Pallabu? Dee gehéiert dach dem Wonnerkand Zilli Balozzi. Dat sicht en iwwerall.




ISBN 978-2-919933-17-4

**Guy Rewenig**
**Ballo Farfallo: Lidder fir Kanner**
Illustréiert vum Annick Sinner

Éditions Ultimomondo
Nouspelt, 2003

Dët ass d'Buch zum Musical „Ballo Farfallo“, an deem en erwuessene Mann onbedéngt e Päiperlek (op Italienesch Farfallo) wëll ginn. „Déi schlëmm Geschicht vum Jérémie“, den „Internet Song“, „Dem Här Schlaraff säin Dram vun der automatescher Welt“, dat sinn e puer Titelen aus dësem Lidderbuch fir Kanner. Op dem CD sinn 11 Lidder an Orchesterstécker aus dem Musical „Ballo Farfallo“ vum Guy Rewenig (Text) a Jean-Marie Kieffer (Musek), gesong vum Ensemble Vocal Berdorf an 122 Kanner vun Esch, Ettelbréck a Lëtzebuerg, gespillt vum Ball-Farfall-Orchestra.
*(ISBN 978-2-919933-09-9)*





ISBN 978-2-919933-10-5

Guy Rewenig
**Komba la Bomba: CD**
Biller: Roger Manderscheid
Musek: Jeannot Sanavia

Éditions Ultimomondo
Nouspelt, 2002

Op dësem CD sinn 12 Geschichten aus dem Buch „Komba la Bomba'', dat leider vergraff ass. Da ginn och nach 8 Musekstécker presentéiert.




ISBN 2-919933-06-X

Guy Rewenig
**Moss Kita: Geschichte fir Kanner**
Illustréiert vum Nadezda Kozomara

Éditions Ultimomondo
Nouspelt, 2001

Kita heescht dat staarkt Meedchen, pardon déi kleng Moss, aus dësem Buch. Dem Kita seng Eltere kréien hatt einfach net vum Waasser ewech. Eigentlech follegt d'Kita nëmmen esou richteg an der Zäit vrun Niklosdag. Hatt ass eng léif Frëndin fir de Pittu, e klenge Bouf, dee, wéi den Dokter mengt „net ass wéi déi aner Kanner". De Pittu an och déi nei Schwësterche Lili deele séier dem Kita seng Begeeschterung fir d'Waasser. Do bleift heiansdo den Elteren de Mond opstoen.




ISBN 978-2-919933-02-0

Guy Rewenig
**Käddikätsch: Geschichte fir Kanner**
Illustréiert vum Roger Manderscheid

Éditions Phi
Iechternach, 2000

Hei kann een eng Rees duerch e Wollekekrazert maachen, dee 40 Stäck héich a 40 Kelleren déif ass. Ganz apaart Leit an Déiere kann ee begéinen: enger Fra mat honnertsechsandrësseg Kazen, dem Här Norry Nilles mat deem kee schwätze wëll, dem Dany aus dem 2. Schouljoer mat dem uerge Papp, dem Zauberkinnek Flacki Flick an dem Victor-Freddy Dimmer-Letsch, genannt de Mister Käddikätsch. D'Nicole aus dem 6. Schouljoer vum 10. Stack an nach aner Kanner erzielen, wat si am léifste wären. Reim a Prosatexter wiesselen sech of. Op Däitsch heescht d'Buch: Karambo Laasch.




ISBN 978-3-88865-196-0

Guy Rewenig
**Palazzo Matrazzi: Geschichte fir Kanner**
Illustréiert vum Klaudia Kampa

Éditions Phi
Iechternach, 1998

Dem Kim seng Eltere si schrecklech frou mat him. Gi si owes eraus, wat bal all Owend de Fall ass, kritt hie kéipweis Videokassetten an déck Bicher geschenkt. De Kim däerf bei all „Aktivitéit" matmaachen, ob dat elo de „Spillnomëtteg" ass oder de „Kannercontainer". Kee Wonner, datt hie sech mol gär langweile géif. Dem Jill seng Famill, zu där och d'Bomi Nicole gehéiert, fiert op Palazzo Matrazzi an d'Vakanz. 't ass net einfach sou eng Vakanz ze plangen. Wat maache mat den Hausdéieren, mat der Bomi, mat dem Jill? Mä och an der Vakanz ass net ëmmer alles Zockerlecken.





ISBN 978-3-88865-168-7

**Guy Rewenig**
**Packatuffi: Geschichte fir Kanner**
Illustréiert vum Klaudia Kampa

Jang Linster Bicher
Fréiseng, 1996

Dat si scho geckeg Geschichten, déi d'Nelly erlieft bei sengem Monni Packatuffi, sengem Bopa Nobbes a beim Här Ditz, mä och wann hatt aleng doheem ass.
D'Nelly ass eent vun dem Guy Rewenig senge „schreckleche" Meedercher, just de Konträr vum Musterkand Schokomella, dat ëmmer nees „bonjourmerciwannechgliftäddimerci" seet. Lo sicht d'Nelli sech och nach en neie Papp um Pappefestival.





*ISBN 978-2-919889-00-6*

**Guy Rewenig**
**Sonndes däerf ee Wollécke fänken**
Illustréiert vum Klaudia Kampa

Jang Linster Bicher
Fréiseng, 1996

An deenen 80 Lidder a Gedichter ass allerhand lass. Hei reese kleng a grouss Leit an Déieren duerch butzeg a riseg Welten: d'Schoul, d'Famill, d'Schaff, d'Strooss, d'Geschäfter, d'Natur... . Villes ass op der Kopp. Net fir näischt steet och en „Trouschtliddchen" („Lidder fir d'Katrin") am Buch. Op dem CD si 14 Lidder.
Op dem CD „D'Schoul brennt" *(ISBN 2-919933-14-0)* si verschidde Lidder aus dem Buch „Sonndes däerf ee Wollécke fänken", zesumme mat Lidder aus Theaterstécker vun der „Spillfabrik".




*ISBN 978-2-919889-01-3*

**Jens Jörg Rieck**
**2:1 fir de Kinnek Mo**
Biller vum Nicolas d'Aujourd'hui
Iwwersat vum Mireille Weiten-de Waha

Éditions Schortgen
Esch-Uelzecht, 2008

Am Kinnekräich Mojonoko wunnen de Léiwekinnek Mo, de Strauss Jo, d'Nashorn No an den Af Ko. De Mo, dee sech fir dee Gréissten hält, muss sech ëmmer géint seng dräi Kollege beweisen. Enges Daags kommen dräi Leoparden, an déi wëlle géint de Mo Fussball spillen. De Mo mengt, hien aleng kéint géint déi dräi gewannen. Mä ganz séier mierkt hien, datt dat net geet an datt een nëmmen zesumme staark ka sinn.




*ISBN 978-2-87953-053-6*

**Thierry Robberecht**
**De Wollef, deen aus dem Buch erausgefall ass**
Illustréiert vum Grégoire Mabire
An d'Lëtzebuergescht iwwerdroe
vum Josée Braun-Klincker

Mijade
Namur, 2015

De Wollef ass aus engem Buch erausgefall, wéi dat aus dem Regal getrollt ass. Mee d'Kaz am Kannerzëmmer gëtt him geféierlech an hie muss kucken, nees an e Buch eranzekommen. Dat ass allerdéngs net sou einfach. Endlech kënnt en an eng Geschicht, an där e klengt Meedchen, mat roude Kleeder, verzweiwelt op de Wollef waart...




*ISBN 978-2-87142-939-5*

**Tony Ross**
**Déi kleng Prinzessin: ech wëll mäi Papp!**
Aus dem Engleschen iwwersat
vum Christiane Kremer

Kremart Edition
Lëtzebuerg, 2020

Déi kleng Prinzessin bewonnert déi aner Pappen. Déi schéngen alles besser ze maache wéi hire Papp de Kinnek. Reiden, baken, schwammen,... All déi Saache kënnen de Generol, de Kach an de Kapitän hire Kanner bäibréngen. Déi kleng Prinzessin wëll dat och alles léieren, mä de Kinnek ass do keng grouss Hëllef. Vläicht weess d'Mod jo eng Léisung?




ISBN 978-99959-39-98-4

**Tony Ross**
**Déi kleng Prinzessin: ech wëll en Hues**
Aus dem Engleschen iwwersat
vum Christiane Kremer

Kremart Edition
Lëtzebuerg, 2020

Déi kleng Prinzessin wënscht sech onbedéngt en Hausdéier. Dat soll weeder en Insekt, nach e Fësch, nach eng Kaz sinn, mä e léiwen Hues. Datt een sech awer ëmmer gutt ëm en Déier këmmere muss, ass der klenger Prinzessin nach net esou bewosst...




ISBN 978-9-9959-39-69-4

**Tony Ross**
**Déi kleng Prinzessin: ech hätt och gär Frënn!**
Aus dem Engleschen iwwersat
vum Christiane Kremer

Kremart Edition
Lëtzebuerg, 2018

Kee wëllt mat der klenger Prinzessin spillen. Duerfir steet si ganz traureg an engem Eck. Op eemol mierkt si, datt et nach vill Kanner gëtt, déi eleng doruechter stinn. An all déi däerfe mat bei déi kleng Prinzessin heem, e Schocki drénken...




ISBN 978-99959-39-67-0

**Tony Ross**
**Déi kleng Prinzessin: ech war dat net!**
Aus dem Engleschen iwwersat
vum Christiane Kremer

Kremart Edition
Lëtzebuerg, 2018

Et ass Bulli um Buedem, een huet dem Kach säi Schokelaskuch giess, et ass een iwwert dem Gäertner seng Réidercher geträppelt, d'Schell vum Minister sengem Dräirad ass verschwonn ... An all Kéier soll et déi kleng Prinzessin gewiescht sinn? Der klenger Prinzessin ass dat einfach zevill. Si kräischt a leeft fort fir hire beschte Frënd ze sichen. An dee ka si tréischten ...




ISBN 978-99959-39-66-3

Tony Ross
**Déi kleng Prinzessin: ech wëll eng Gutt-Nuecht-Geschicht!**
Aus dem Engleschen iwwersat
vum Christiane Kremer

Kremart Edition
Lëtzebuerg, 2018




ISBN 978-99959-39-68-7

De Kinnek ass net do, an déi kleng Prinzessin ass guer net zefridde mat de Gutt-Nuecht-Geschichten, déi si vun der Kinnigin, vum Kapitän oder vum Kach erzielt kritt. Glécklecherweis huet d'Mod eng gutt Iddi...

Tony Ross
**Déi kleng Prinzessin: ech wëll d'Luucht un!**
Aus dem Engleschen iwwersat
vum Christiane Kremer

Kremart Edition
Lëtzebuerg, 2017




ISBN 978-99959-39-65-6

Déi kleng Prinzessin kann nët am Däischtere schlofen. Kee kann si dervun iwwerzeegen, datt keng Geeschter ënnert dem Bett sëtzen. Eemol nuets awer héiert si e Geräisch a verstoppt sech ënnert dem Bett - an erféiert do e klenge Geescht, dee séier zréck bei seng Mamma leeft.

Tony Ross
**Déi kleng Prinzessin: ech maachen dat selwer!**
Aus dem Engleschen iwwersat
vum Christiane Kremer

Kremart Edition
Lëtzebuerg, 2017




ISBN 978-99959-39-64-9

Déi kleng Prinzessin geet campéieren. Vun alle Säite kritt si Hëllef ugebueden, mee si wëllt alles selwer maachen. Si sicht eng schéi Plaz, an da mierkt se, datt si allerhand vergiess huet. Wéi duerch e Wonner dauchen all déi vergiesse Saachen op. Soll do net awer eng geheim Hëllef am Spill sinn?

Tony Ross
**Déi kleng Prinzessin: ech wëll meng Hänn net wäschen!**
aus dem Engleschen iwwersat
vum Christiane Kremer

Kremart Edition
Lëtzebuerg, 2017




ISBN 978-99959-39-63-2

Déi kleng Prinzessin soll ëmmer erëm d'Hänn wäschen. Firwat? Well si am Bulli gespillt huet, well si den Hond geheemelt huet, asw. D'Prinzessin ass genervt, bis d'Mod hir erkläert, datt et Bakterien a Bazille gëtt, di krank maachen.

Tony Ross
**Déi kleng Prinzessin: ech wëll net an d'Bett!**
Aus dem Engleschen iwwersat
vum Christiane Kremer

Kremart Edition
Lëtzebuerg, 2016

Déi kleng Prinzessin wëllt einfach net an d'Bett. Et fält hir ëmmer eppes Neies an, fir de Papp oder d'Mamm op Trapp ze halen.




*ISBN 978-99959-39-61-8*

Tony Ross
**Déi kleng Prinzessin: mir ass et schlecht!**
Aus dem Engleschen iwwersat
vum Christiane Kremer

Kremart Edition
Lëtzebuerg, 2016

Där klenger Prinzessin ass et guer net gutt... Awer nëmmen, wann et heescht, eppes maachen oder an d'Schoul goen. Mä fir op dem Lisi seng Party ze goen, fillt si sech super.




*ISBN 978-99959-39-62-5*

Lex Roth
**Melusina**
Illustréiert vum Marina Herber

Éditions Guy Binsfeld
Lëtzebuerg, 2014

Déi bekannte Geschicht vum Melusina. Mat enger Bäilag an dräi anere Sproochen: Englesch, Franséisch a Portugisesch.





*ISBN 978-2-87954-278-2*

J.K. Rowling
**Den Harry Potter an dem Salazar säi Sall**
An d'Lëtzebuergescht iwwersat
vum Florence Berg a vum Guy Berg

Kairos Éditions
Lëtzebuerg, 2014

Déi lëtzebuergesch Iwwersetzung vum zweete Band aus der Harry-Potter-Rei: „Harry Potter und die Kammer des Schreckens".





*ISBN 978-2-919771-19-6*

**J. K. Rowling**
**Den Harry Potter an den Alchimistesteen**
Op Lëtzebuergesch iwwersat
vum Florence Berg

Kairos Éditions
Lëtzebuerg, 2009

Dët ass déi 68. Iwwersetzung vum éischte Roman aus der Serie „Harry Potter", dem Welterfolleg vun der britescher Autorin J. K. Rowling.
Hei e klengt Zitat (Säit 109 bis 110): „Eng scharlachrout Damplokomotiv stoung bei engem Quai voller Leit ze waarden. Op engem Schëld uewendriwwer stoung Hogwarts Express, 11 Auer. Den Harry huet hannert sech gekuckt a gesouch amplaz vun der Barrière e Ferforgés-Bau do stoen, mat de Wierder Quai Néngdräivéirel. Hien hat et gepackt." Och als Hörbuch verfügbar *(ISBN 978-2-919771-08-0)*.




*ISBN 978-2-919771-01-1*

**Antoine de Saint-Exupéry**
**De Klenge Prënz:**
**mat de Biller vum Auteur**
Aus dem Franséischen an
d'Lëtzebuergescht gesat vum Lex Roth

Verlag S.MO
Kordel, 2016

D'Geschicht vum Klenge Prënz an enger schéiner neier Versioun. Beim Buch sinn 2 CDen op deenen een dem Lex Roth kann nolauschteren, wéi en d'Buch virliest.




*ISBN 978-3-940760-81-4*

**Antoine de Saint-Exupéry**
**De Klenge Prënz**
Illustréiert vum Auteur
An d'Lëtzebuergescht iwwerdroe
vum Josy Braun

Éditions Phi
Esch-Uelzecht, 2004

„Wann een eng Blumm gären huet, déi et nëmmen eng eenzeg Kéier op all deene Millioune vu Stäre gëtt, da geet dat duer, datt ee glécklech ass, wann een an d'Stäre kuckt. Da seet ee sech: Iergendanzwousch do uewen ass meng Blumm..."




*ISBN 978-2-87962-263-7*

**Larissa Schlechter**
**Hëllefe mécht staark!**

Lilu Edition
Kärjeng, 2019

D'Deckelsmouk Flip mécht sech op d'Sich no eppes z'iessen. Ënnerwee begéint hien aner Déieren, déi all e Problem ze léisen hunn. De Flip wënscht hinne Gléck a geet weider. Op eemol fält him awer eng Léisung an: si kéinte sech jo vläicht all géigesäiteg hëllefen? D'Geschicht gëtt a Reimen erzielt an ass vun einfachen, naiven Zeechnunge begleet.




*ISBN 978-2-9199512-5-3*

**Susy Schmit**
**Ouschterstress mam Kleeschen**
Illustréiert vun der Auteurin

Éditions Rol Schleich
Lëtzebuerg, 2018

Sou kuerz virun Ouschteren brauch den Hieschen dem Kleeschen seng Hëllef. Mee de Kleeschen weess jo net, wéi dat mam Eeërfierwen a -verstoppe geet. Duerfir geet munches dernieft. Gutt, datt déi zwee duerno kënne Vakanz maachen.




ISBN 978-99959-887-0-8

**Susy Schmit**
**De klenge Stär Poli**
Illustréiert vum Susy Schmit

Éditions Rol Schleich
Lëtzebuerg, 2012

De klenge Stär Poli kritt vum Mound e Wonsch erfëllt: hien däerf als Jong op d'Äerd an erlieft do esou Munches.




ISBN 978-2-9599844-8-8

**Yorick Schmit**
**D'Sandmeedchen: eng Posch voller Dreem**
Illustratioun an Animatioun: Dirk Kesseler

Kremart Edition: Rotondes
Lëtzebuerg, 2021

Well de Sandmännchen a Pensioun geet, ass et u senger Duechter, dem Sandmeedchen, seng wichteg Aarbecht ze iwwerhuelen. Elo soll hatt de klenge Kanner Sand an d'Ae streeën, fir hinne schéin Dreem ze schenken. Mä dem Sandmeedche seng Kusinn – d'Nuecht – mécht him do e Stréch duerch d'Rechnung. D'Nuecht fillt sech nämlech eleng, well d'Kanner da schlofen a kee mat hir spillt. Dofir klaut d'Nuecht dem Sandmeedche seng Posch mam Sand. Wéi soll d'Sandmeedchen dann elo d'Kanner un d'Schlofe kréien? Mat Hëllef vun enger App kënnen déi kleng Kanner d'Geschicht mat „Augmented Reality" erliewen.





ISBN 978-99959-665-8-4

**Robert Schofield**
**D'Hoogen-Stoogen Tulp**
Illustréiert vum Carlo Schmitz
Aus dem Engleschen iwwersat
vum Valérie Schreiner

Éditions Guy Binsfeld
Lëtzebuerg, 2013

D'Geschicht vum Jan Hoogen-Stoogen, dee mengt, eng schwaarz Tulp geziicht ze hunn, se verkeeft, räich doduerch gëtt an e knéckegen Tulpenhändler an de Ruin dreift.



ISBN 978-2-87954-266-9

Thomas Schoos
**Wooow!!! Lëtzebuerg: d'Charlotte an de Monsieur Hibou op Entdeckungsrees**
Illustréiert vum Keong-A Song
Aus dem Däitschen iwwersat vum Esther Steinmann et al.

Éditions Guy Binsfeld
Lëtzebuerg, 2017

D'Charlotte an de Monsieur Hibou léieren deen eenzege Grand-Duché vun der Welt kennen: Lëtzebuerg. Hir Rees geet vun der Stad aus an de Minett, dann op d'Musel, an de Mëllerdall, bis an d'Eislék. Si entdecken dobäi intressant Plazen, historesch Gebaier, léiere Soen a Bräich kennen.
Et gëtt d'Buch och op Däitsch, Franséisch an Englesch.




ISBN 978-99959-42-34-2

Arlette Schroeder-Hansen
**D'Famill Bëmmelchen, hir Frënn an den Dreck an der Natur**

Editioun Friederich-Schmit
Lëtzebuerg, 2014

D'Déiere beim Weier an am Bësch reege sech op iwwert dee villen Dreck, deen doruechter läit a si a Gefor bréngt: Plastikstuten, Béchsen, Fläschen... Si mussen eppes ënnerhuelen.
Hannen am Buch ass d'Geschicht och op Franséisch an op Däitsch iwwersat.



ISBN 978-99959-857-9-0

Arlette Schroeder-Hansen
**De Flip, den Dropsi an d'Drëpsi op grousser Rees = Flick, Flack und Tilly auf großer Reise = Flic, Floc et la petite Lilly font un grand voyage**
Mat Fotoe vum Pierre Schroeder

Editioun Friederich-Schmit
Lëtzebuerg, 2014

Dräi Reendrëpse sëtzen an hirer Wollek a kucken op d'Äerd erof, bis si op eemol aus der Wollek erof op de Buedem falen. Mä och do geet hir Rees ëmmer weider.




ISBN 978-99959-857-0-7

Rudi Schubert
**De Wibbeldiwapp**
Illustratioun: Susy Schmit

R. Schubert
Lëtzebuerg, 2020

Den Hues Wibbeldiwapp ass net wéi déi aner Huesekanner : hie kann net roueg sëtzen a muss stänneg wibbelen. Dacks sinn déi aner Huesekanner an den ale Schoulmeeschter genervt vun him an da fillt hie sech traureg a wäertlos. Lues a lues léiert hien an der Hueseschoul, mat senge Gefiller ëmzegoen a sech staark ze fillen. Dëst schéin illustréiert Kannerbuch, vertount op der CD, déi derbäi läit, kann och als musikalesch Geschicht agesat ginn. D'pedagogesch Aufgaben zum Thema Gefiller erméiglechen et de Kanner, Empathie ze entwéckelen.




ISBN 978-99959-0-538-5

**Danièle Schumacher**
**Den Toni oder Eng Geschicht iwwert anescht sinn**
Illustréiert vun der Autorin

Danièle Schumacher, 2007

’t ass net ëmmer ganz einfach, wann e Schoulkand, pardon e Schoulbär, plënnert an dann an eng nei Klass kënnt. Déi Erfahrung muss eise Bär Toni maachen. Hien huet e roude Pelz a geet elo an eng Klass, an där d’Bären all bronge Pelz hunn.




ISBN 978-2-87978-060-3

**Mercè Seix & Meritxell Noguera**
**Äddi Suckel**
Illustréiert vum Rocio Bonilla
Iwwersetzung: Polygraphic

Éditions Phi
Esch-Uelzecht, 2018

De Sam huet seng Suckel iwwerall derbäi, si tréischt a berouegt. Mee no an no soll hie sech d'Suckel ofgewinnen. Dat ass net esou einfach, mee jiddereen hëlleft dem Sam. D'Buch gëtt och Rotschléi fir d'Elteren.




ISBN 978-99959-37-55-3

**Mercè Seix & Meritxell Noguera**
**Äddi Wëndel**
Illustréiert vum Rocio Bonilla
Iwwersetzung: Polygraphic

Éditions Phi
Esch-Uelzecht, 2018

Et ass net sou einfach, wann een op eemol keng Wëndel méi soll undinn. Eng ganz Partie kleng Accidenter kënnen do geschéien. Gutt, datt d'Frënn alleguer do sinn, fir engem dobäi ze hëllefen, déi Saach ze meeschteren. D'Buch gëtt och Rotschléi fir d'Elteren.





ISBN 978-99959-37-53-9

**Mercè Seix & Meritxell Noguera**
**Ëmmer Propper**
Illustréiert vum Rocio Bonilla
Iwwersetzung: Polygraphic

Éditions Phi
Esch-Uelzecht, 2018

Nom Molen, nom Néitsen, nom Spillen, éier et an d'Bett geet, no villen Alldagssituatioune muss een sech propper maachen: d'Hänn an d'Zänn wäschen, an d'Bidde goen, neit Gezei undinn ... Mat Infoe fir d'Elteren zur Kierperhygiène.




ISBN 978-99959-37-56-0

Mercè Seix & Meritxell Noguera
**Virum Schierm**
Illustréiert vum Rocio Bonilla
Iwwersetzung: Polygraphic

Éditions Phi
Esch-Uelzecht, 2018

De Computer, d'Konsol, de Museksplayer, all déi Apparater maache Spaass. De Computer ka bei den Hausaufgaben hällefen, an et kann ee Liesspiller maachen. Mee et geet näischt driwwer, mat de Frënn a Kollegen zesummen ze spillen. D'Buch gëtt och Rotschléi fir d'Elteren.




ISBN 978-99959-37-54-6

Kathryn Smith
**Den Hues mécht Paangecher: mat méi wéi 35 Klappen, enger Geschicht a Rezept**
Illustréiert vum Sebastien Braun
Op Lëtzebuergesch vum Vanessa Gabriel

Atelier Kannerbuch
Bäreldeng, 2022

De klengen Hues sicht an der Kichen a ronderëm d'Haus alles zesummen, wat hie fir de Paangechdeeg brauch. E Buch mat haarde Säiten a mat Klappen




ISBN 978-2-9599687-2-3

Alfredo Soderguit
**An du koumen d'Capybaraen**
Iwwersetzung: Sébastian Thiltges

Éditions Guy Binsfeld
Lëtzebuerg, 2021

Enges Daags tauchen nieft dem Héngerjuck komesch buuschteg Déieren op. Séier stellen d'Hénger Reegelen op, well dës friem Déiere jo bestëmmt geféierlech sinn. Sou soll de Kontakt op e Minimum gehale ginn. E klengt Jippelchen ass do awer ganz anerer Meenung... Eng léif Geschicht iwwer Akzeptanz an Zesummeliewen.




ISBN 978-99959-43-34-9

So Graphiste
**Leo, de klenge Chameleon**

So Graphiste Freelance
Esch-Uelzecht, 2020

De klenge Chamäleon Leo wunnt am tropesche Bësch, wou hie bekannt ass fir säi groussen Appetit. Zesumme mam Keeser-Tamarin Gaspard séint hie magesch Kären, fir den zerstéierten Tropebësch ze retten. Op eemol verschléckt de Leo ongewollt ee vun de Kären... D'Geschicht ass am Confinement entstan a gouf als Schreifspill vun e puer Auteuren zesumme geschriwwen. D'Buch ass och op Franséisch ze kréien.




ISBN 978-2-9199637-1-3

Vanessa Staudt
**De Kroumpernéckel an d'Muertelisi**
Illustréiert vun der Auteurin

Atelier Kannerbuch
Bäreldeng, 2016

Dräi Fuussekanner bieden de Kroumpernéckel ëm Hëllef: D'Muertelisi ass entfouert gi vun der Risekanéngchen Bebsi. Zesumme fannen si der Kanéngchen hir Wunneng, mee do sëtzen d'Muerte ganz friddlech mam Bebsi ronderëm den Dësch an drénken Téi.



*ISBN 978-99959-882-3-4*

Vanessa Staudt
**Oh La La, Giraffala!**
Illustréiert vun der Auteurin

Atelier Kannerbuch
Bäreldeng, 2016

De Kéiseker Fränz bewonnert d'Penelope, déi grouss Giraff. Wéi gär géif hien och sou héich bei d'Wolleke kommen, a sou séier lafen wéi d'Penelope. Gutt, datt hien Hëllef vun de Villercher kritt!




*ISBN 978-99959-882-2-7*

Vanessa Staudt
**Ech si kee béise Wollef**
Illustréiert vun der Autorin

Atelier Kannerbuch
Bäreldeng, 2015

De Wollef Knackzant ass traureg. Hien ass ëmmer eleng. Enges Daags bschléisst hien e Frënd ze sichen. Hie peekt seng Wallis voller Kaddoe fir seng nei Frënn an hie mécht sech op d'Sich. Mä all hu se Angscht virum Wollef a wëllen näischt vu senge Kaddoe wëssen. An do héiert hie vun der Eil, datt et op där anerer Säit vum Bësch nach ee gëtt, deen och ëmmer eleng ass.




*ISBN 978-99959-882-1-0*

Ellen Stoll Walsh
**Dräi Moler-Maisercher**
Illustréiert vun der Autorin
Aus dem Engleschen iwwersat
vum Josy Braun

Mijade
Namur, 2011

Wann dräi wäiss Mais op engem Blat wäisse Pabeier sëtzen, da gesäit d'Kaz se net. Mä do stinn enges Daags dräi Däppe Faarf.
An da geet d'Spill mat der Faarf lass!




*ISBN 978-2-87142-763-6*

**Susanne Straßer**
**De Fuuss fiert Auto**
Iwwersetzung: Sonia Thewes

Éditions PersPektiv
Stengefort, 2022

De Fuuss fiert begeeschtert mat sengem klengen Auto duerch d'Natur. Ënnerwee fueren ëmmer méi Déiere mat, mee dat mierkt de Fuuss a senger Begeeschterung iwwerhaapt net. Bis op eemol...




ISBN 978-2-919-81315-5

**Theresia Tauber**
**Timalin**
Biller: Gérard Claude

Theresia Tauber
Neuried, 2017

De klengen Draach Timalin/Timi ass ze fréi aus sengem Ee geklotert. Op der Sich no senger Mamma erlieft hien allerhand abenteuerlech Saachen a fënnt eng Frëndin. D'Buch ass op Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch erzielt. Et ass net ganz einfach ze verstoen.




ISBN 978-3-00-054970-0

**Ekaterina Trukhan**
**Déi grouss Ouschtereeër Sich:**
**Maach d'Dieren op a fann d'Eeër!**
Iwwersetzung: Vanessa Gabriel

Atelier Kannerbuch
Bäreldeng, 2021

An dësem Billerbuch mat haarde Säiten a Klappe kënnen déi ganz Kleng der Kanéngchen hëllefen, Ouschtereeër am Haus an am Gaart ze sichen.




ISBN 978-2-9599687-8-5

**Ina Vandewijer**
**Wat ass da mam Mound lass?**
Illustréiert vum Debbie Lavreys
Iwwersat vum Henri Losch

Éditions Guy Binsfeld
Lëtzebuerg, 2006

De Mound geet net méi op, an duerfir kënnt d'Nuecht net méi. Kee ka méi schlofen, well et bleift ëmmer hell.
Wat soll mam Mound lass sinn?
Soll en iere krank sinn?
Vläicht hëllefen e puer Lidder vun de Villercher, déi sech op eng abenteuerlech Rees bei de Mound maachen.




ISBN 978-2-87954-162-4

**Nora Wagener & Luc Caregari**
**D'Glühschwéngchen**
Illustréiert vum Carlo Schmitz

Op der Lay
Esch-Sauer, 2016

D'Glühschwéngchen huet keng Frënn. Well et ze laang ënnert der Luucht loung, huet hatt zevill Hëtzt gespäichert, a bréngt doduerch jiddereen un d'Schweessen. De Bauer réit him, bei d'Pinguinen ze goen, do ass et ëmmer kal. Mä op sengem Wee dohin fält et dem Här Pingubausch an d'Gräpp. Dee wëllt mat senger Hëllef Stroum produzéieren a spéiert et an. An hatt ass net dat eenzegt Déier, dat vum Här Pingubausch gefaange gehale gëtt.




ISBN 978-2-87967-214-4

**Renée Weber**
**Den Hu an dat klengt Gespenst**

Op der Lay
Éilereng, 2017

Den Hu, eng kleng Eil, begéint an der Nuecht engem klenge Gespenst. Zesumme maachen si en Tour iwwert d'Land. Wéi si um Daach vun engem Haus raschten, gesi si, wéi e Raiber aus engem Haus eraus schläicht, mat engem Sak voll geklauter Saachen um Réck. Deen hat awer net mat deem klenge Gespenst gerechent...





ISBN 978-2-87967-29-8

**Renée Weber**
**Eng Maus am Haus: Kannerbuch**
Illustréiert vu Kanner aus der Kannerstuff Heischent

Op der Lay
Esch-Sauer, 2016

Eng Mausfamill lieft an engem Mauerlach an der Maison Relais. Si erliewen all Dag eppes anescht, mat deene ville Kanner, a mam Noper senger Kaz.




ISBN 978-2-87967-212-0

**Renée Weber**
**De Bopi Néckel fiert an d'Vakanz**

Op der Lay
Esch-Sauer, 2013

De Bopi Néckel fiert mat senge Kanéngercher an Holland op de Camping. Op eemol sinn d'Kanéngercher verschwonnen...




ISBN 978-2-87967-195-6

Renée Weber
**Bommel**
Illustréiert vun der Autorin

Op der Lay
Esch-Sauer, 2010

Fir eng Kaz ass de Wanter net déi beschte Joreszäit. Och de Kueder Bommel huet d'Fréijoer léiwer. Da kann hie mam Trixi, der schéinster Kaz vun der Welt, spadséiere goen. Hie ka sech och emol bei de Weier leeën an op e Fësch laueren. Do zitt jo net de Bommel mat senger Patt e Fësch aus dem Waasser. Hie freet sech op de gudde Maufel. „Maach et net, ech erzielen der och eng schéi Geschicht!", rifft de Fësch. An elo geet et lass mat enger Hellewull Geschichten iwwert d'Liewen am Waasser.





ISBN 978-2-87967-166-6

Renée Weber
**D'Ann Spann an de Rolfi Raup**
Illustréiert vun der Autorin

Op der Lay
Esch-Sauer, 2010

Där klenger Spann Ann ass dat éiwegt Netzbauen ze langweileg.
E Gléck, datt si de Rolfi Raup kenneléiert. D'Mamma Spann ass net ganz ageholl vun där Frëndschaft. Eng Spann an e Raup passen net zesummen, mengt si. Sou e Raup frësst an engem Stéck Grings. D'Ann Spann probéiert dee Menu och emol aus a kann elo gréng Netzer wiewen, eng Sensatioun. Déi zwee Frënn erliewe vill flott Saachen zesummen.





ISBN 978-2-87967-032-4

Renée Weber
**Dem klenge Felix seng grouss Rees**
Illustréiert vun der Autorin

Op der Lay
Esch-Sauer, 2009

De klenge Bicherwuerm Felix klëmmt enges Daags, wéi kéint et anescht sinn, an e Bicherschaf. Do frupst hien sech vun engem Buch an dat anert a mécht „mat der Nues" an de Bicher eng wonnerbar Rees uechter d'Welt: iwwert d'Mier, duerch de Weltall, bei d'Pyramiden an Ägypten, an d'Märercher vun 1001 Nuecht, …




ISBN 978-2-87967-161-1

Renée Weber
**Wou ass de Sam?**
Illustréiert vu Schoulkanner aus dem 3. Schouljoer vun Ierpeldeng

Op der Lay
Esch-Sauer, 2007

De Sam ass dem Tina säi Päerd. Wann hie bei schéinem Wieder am Schiet vun engem Bam läit ze dreemen, dann denkt hien, datt hie wierklech e glécklecht Päerd ass. Dat ännert sech awer ganz séier, wéi enges nuets zwee Männer de Sam vun der Wiss huelen an an en Unhänger drécken. Natierlech mécht d'Tina alles fir säi Sam erëmzekréien, an dobäi hëllefen him de Pit, de Polizist aus dem Duerf, a virun allem de Bull, dem Pit säin Hond.




ISBN 987-2-87967-153-6

**Renée Weber**
**Alles wéinst dem Willi Wull**
Illustréiert vun der Autorin

Op der Lay
Esch-Sauer, 2005

De Willi Wull ass e Maulef. Seng Welt ass ënnert dem Buedem. Do huet hien alles wat hie brauch. D'Welt dobaussen, d'Welt vun de Mënschen, intresséiert hien net. Bis hien dem Susi begéint. D'Susi ass eng Kanéngchen, déi mat hirem Liewen net zefridden ass. Ëmmer agespaart an engem Käfeg. Zur selwechter Zäit ginn dem Willi seng sämtlech Hiwwele platt gemaach vun de Mënschen, déi net glécklech sinn iwwert säi Gewulls. Beschléisst hien, déi Mënsche fir hir Ongerechtegkeet den Déiere géintiwwer ze bestrofen.





ISBN 978-2-87967-084-3

**Renée Weber**
**Muhna Lisa oder Den Dram vum Fléien**
Illustréiert vun der Autorin

Op der Lay
Esch-Sauer, 2005

Der Kou Muhna Lisa an hire Frëndinnen ass d'Liewen op der Wiss ze langweileg. Déi eng dreemt dervun, fir am Mier ze dauchen. Déi aner géif gären eng Kéier op de Mount Everest klammen. D'Muhna Lisa dreemt vum Fléien.
Dëst Buch gëtt ët och op Däitsch an op Franséisch.





ISBN 978-2-87967-123-9

**Magnus Weightman &**
**Esther Van der Werf**
**Komm gutt heem, Biber!**
Illustratiounen: Magnus Weightman

Éditions Phi
Zolwer, 2021

Enges Daags mécht de klenge Biber sech op de Wee, fir d'Welt kennen ze léieren. No enger Zäitche fënnt hien de Wee fir heem awer net méi rëm. Wéi gutt, datt den Hond Akita hie mat sengem Ballon mathëlt. Zesummen entdecken si, wéi déi aner Déiere wunnen a liewen. A mat e bësse Gléck fannen si vläicht och dem Biber säin Heem erëm. D'Illustratiounen si Wimmelbiller, op deenen et vill Detailer ze entdecke gëtt.





ISBN 978-2-919791-65-1

**Christiane Weires**
**D'Oinki, d'Quaki an de Fuuss**

Op der Lay
Esch-Sauer, 2014

E Fuuss plënnert am Oinki säin Duerf. All Moies huet hien näischt Besseres ze dinn, wéi ze probéieren, d'Gäns Quaki a säin Däppen ze kréien, schliisslech ësst hien am léifste Gänsebrot.
D'Oinki a seng Frënn kënnen deem Gejos geschwënn net méi nokucken. D'Quaki deet hinne leed. Do huet d'Oinki eng wonnerbar Iddi, wéi hatt de Fuuss op aner Gedanke brénge kann.




ISBN 978-2-87967-201-4

Christiane Weires
**D'Oinki sicht e Spillkolleeg**

Op der Lay
Esch-Sauer, 2013

D'Fierkel Oinki geet duerch de Bësch a begéint allerhand Déieren, déi et da freet, ob si wëlle mat him spillen. Et ass net sou einfach, e gudde Frënd ze fannen!




ISBN 978-2-87967-186-4

Wöllem Weis
**Bib: eng Seeche fir Kanner**
Illustréiert vum Laura Philippe

Editioun Friederich-Schmit, 2012

Et ass d'Geschicht vum Bib a senge Féiwerfantasien aus dem Räich vun de Wiichtelen.




ISBN 978-99959-668-9-8

Mireille Weiten-de Waha
**D'Chrëschtkëndche streikt = Chrissie Kringle on strike**
Illustratiounen: Marco Weiten
Englesch Iwwersetzung: J.P. Thilges

Imprimerie Centrale
Lëtzebuerg, 2016



ISBN 978-2-87978-195-2

D'Chrëschtkëndchen ass entsat. D'Eltere vun de Lëtzebuerger Kanner bestellen all Kaddoen of. Wéi et schéngt, sinn hir Kanner net méi léif a brav. D'Chrëschtkëndchen ass traureg a beschléisst ze streiken. D'Kiki, seng riets Hand, hëlt sech där Saach un a geet mol kucken, wat zu Lëtzebuerg lass ass. D'Geschicht gëtt och op Englesch verzielt, an d'Biller kënnen ausgemoolt ginn.

Mireille Weiten-de Waha
& Marco Weiten
**Op der Botterfahrt = Auf der Butterfahrt = Le cœur en beurre**

Luxlait
Rouscht, 2013



ISBN 978-99959-693-1-8

D'Jolie Coeur vum Planéit Lalux huet op der Äerd bei der Luxlait de Mischi kennegeléiert. Duerch hie léiert hatt lauter gutt Saache kennen a léiert, wéi Botter an aner Méllechprodukter hiergestallt ginn. Am Buch gëtt et Informatiounen iwwert d'Geschicht vun der Luxlait.

Mireille Weiten-de Waha
& Marco Weiten
**Op der Sich no der Mëllechstrooss = Auf der Suche nach der Milchstraße = À la recherche de la voie lactée**

Luxlait
Rouscht, 2011



ISBN 978-99959-693-0-1

D'Kou Jolie Coeur muss de ganze Planéit Lalux retten an onbedéngt Mëllech fannen, fir d'Schéinheet vun de Botexen, de Mëllechkéi vum Planéit Lalux, ze erhalen. Um Enn gëtt et Informatiounen iwwert d'Geschicht vun der Luxlait.

Mireille Weiten-de Waha
**Klenge roude Léiw: de klenge roude Léiw mécht eng Méck**
Illustréiert vum Marco Weiten

M & M Weiten-de Waha, 2006




ISBN 978-2-87978-043-6

De klenge roude Léiw ass e Kinnekskand an däerf net bis vrun d'Schlassdier goen. Dat ass en zimlech langweilegt Liewen, an eist Kinnekskand wëll an déi grouss Welt eraus a wëll esouguer fléie léieren. Ënnerwee begéint de klenge roude Léiw glécklecherweis och richtege Frënn. Hannen am Buch ass den Text an dräi Sproochen iwwersat: Franséisch, Portugisesch an Däitsch.

Marc Weydert
**Verdruddelt Geschichten**
Illustratioune vum Marie-Isabelle Callier
Texter a Musek: Marc Weydert

Éditions Perspektiv
Bäreldeng, 2022

NEI!




ISBN 978-2-9198-1306-3

Bekannt national an international Seeërcher a Märercher ginn humorvoll "verdruddelt" fir als "conte détourné" a Reimer erzielt ze ginn. Sou gëtt de Spigel un der Wand zu enger allwëssender App an et ass de Kueb, deen de Fuuss ëm de Kéis wëll beducksen. All Geschicht ka mat engem QR-Code gelauschtert ginn an de Lieser kritt och e puer historesch Fakte matgeliwwert.

Sally Weyland & Corinne Wirion
**De Muxfux huet Gebuertsdag: ee lëtzebuergescht Kannerbuch**
Zeechnungen a Grafik: Sally Weyland

Édition FGIL
Lëtzebuerg, 2021

NEI!




ISBN 978-99959-53-59-1

Haut, op sengem Gebuertsdag, kritt de Muxfux e geheimnisvollt Rezept. Zesumme mat senger Frëndin Lussi mécht hie sech op de Wee, fir all déi besonnesch Saachen zesummen ze sichen, déi am Rezept stinn. Ënnerwee begéine si ganz aussergewéinlechen Déieren, déi hinnen hëllefen.
Déi däitsch, franséisch, englesch, portugisesch, spuenesch an arabesch Iwwersetzunge vum Text fënnt ee mam QR-Code, deen hannen am Buch ass.

**Ruth Wielockx**
**De klenge Chrëschtbam**

Éditions Phi
Zolwer, 2021

De klenge Beemchen huet just ee grousse Wonsch: hie wëll dëst Joer onbedéngt e richtege Chrëschtbeemche sinn, mat Luuchten dekoréiert ginn an d'Kannergesiichter un d'Liichte bréngen. Mee seng Frënn, déi grouss an al Beemercher, soen him, datt hien nach ze kleng ass. Ob si wuel Recht behalen?




ISBN 978-2-919791-71-2

**Gerlinde Wiencirz**
**Ech sinn déi kleng Kanéngchen: mäin 1. Natur Buch**
Illustratiounen: Gerda Müller
Op Lëtzebuergesch vum Vanessa Gabriel

Atelier Kannerbuch
Bäreldeng, 2021

De Virwëtz lackelt déi kleng Kanéngchen aus hirem Bau op de Bauerenhaff. Do begéint si aneren Déieren en erlieft e spannenden Dag.




ISBN 978-2-9599687-6-1

**Jil Winandy**
**A wann...?: d'Geschicht vum Fuuss a vum Schleek**

Kremart Edition
Lëtzebuerg, 2021

De klenge Fuuss ass traureg. Hie fënnt, datt säi Bau ze kleng ass. Wéi e mam Schleek kuckt, wéi déi aner Déiere liewen, du mierkt en, datt een net vill brauch fir glécklech ze sinn.




ISBN 978-2-919781-32-4

**Philipp Winterberg**
**Bin ich klein? = Sinn ech kleng?**
Illustréiert vum Nadja Wichmann
Aus dem Däitschen iwwersat
vum Tania Hoffmann-Fettes

Philipp Winterberg
Münster, 2014

D'Tamia ass sech net sécher, ass hatt elo kleng oder net? Hatt begéint ville fantastesche Figuren a versteet um Enn: Ech si genee richteg. D'Buch gëtt et och just op Lëtzebuergesch respektiv an aner zwee-sproochege Versioune mat Lëtzebuergesch.




ISBN 978-149951605-0

**Philipp Winterberg**
**Da rein, da raus = Do eran, do eraus!**
Illustréiert vum Lena Hesse
Aus dem Däitschen iwwersat
vum Tania Hoffmann-Fettes

Philipp Winterberg
Münster, 2011

